# 05. JULI 2024

# Gemengebuet



#LIEWENZUESCH

esch

☑ = Jo
☒ = Nee
= Enthalen
= Procuratioun

05.
JULI
2024

# Gemengebuet

esch

05.
Juli
2024

Voir les votes par conseiller →

**Transkriptioun Gemengerot Esch**

**5. Juli 2024**

*Réunion à huis clos*

## 1. Questions de personnel ; décision

*Réunion publique*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gudde Moien. Da begréissen ech Iech an der ëffentlecher Sëtzung vun dësem Gemengerot vun haut. Ech begréissen och d'Vertrieder vun der Press an déi Leit, déi eis nokucken iwwer Fernsee oder iwwer Internet.

Ech hu just eng kleng Annonce par rapport zu der Situatioun vum Héichwaasser, wou ech wollt soen, dass mer an der nächster Woch wäerten eng Enquête lancéieren, wou all déi Leit, déi Héichwaasser bei sech haten, sech da kënne bei eis mellen, fir dass mer eigentlech kënnen e Planning opstellen a wëssen, wou mer es iwwerall haten. Mir hunn eeben d'Pompjeesasätz, mer wéilten dat awer besser kartograféieren.

D'Press wäert dee Moment dann e Communiqué kréien an da wäerte mer annoncéieren, wéi mer do wäerten déi Enquête lancéieren a wéi d'Leit eis kënne Retour gi par rapport zu deene Kelleren. Well net jiddereen d'Pompjeeë geruff huet, awer vill Leit trotzdeem hire Keller hu misse botzen, an dass mer do eng Reaktioun hunn.

## 2. DemocracyNext – Involving Citizens in the future of Esch-sur-Alzette ; présentation et discussion

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir géingen ufänke mat engem Punkt, dat ass de Projet DemocracyNext.
Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, ech kéint Iech elo eigentlech hei e Film weisen oder Powerpoint presentéieren. Ech mengen awer, dass dat nach ze fréi ass, well déi méi spannend Punkten an deem dote Projet, déi kommen zu engem anere Moment.

Well awer d'Leit vun DemocracyNext d'lescht Woch bei eis, oder dës Woch bei eis hei op der Gemeng waren a verschiddener vun Iech begéint hunn, wëll ech awer op d'mannst d'Informatioun ginn zum Projet, fir dass Der Iech och dorobber virbereede kënnt op dat, wat déi nächst Méint do op eis duerkënnt.

Et ass esou, dass ufanks vum Joer huet d'Uni.lu eis e Projet presentéiert vun enger Organisatioun, déi heescht DemocracyNext an déi huet en Objektiv, nämlech méi Biergerbedeelegung an d'Stied ze bréngen an an de politesche Prozess ze bréngen, an dat iwwer Assemblées des citoyens.

An dat op de verschiddensten Niveauen. Ob Stied, a Regiounen, oder si hunn dat och scho fir Frankräich op engem nationalen Niveau gemaach.

Et gouf eng international Ausschreiwung gemaach an do hu mir eis Kandidatur gestallt, déi mer zesumme mat den Esch Clinics preparéiert hunn. An do si mer zeréckbehale ginn als eng vun dräi Stied ënner 25 Kandidaturen. Eng aner Stad ass zum Beispill Vilnius.

De Projet besteet doranner, dass et d'Zil ass, fir nieft dem Gemengerot an nieft de

Kommissiounen an och nieft den üblече Forumen oder Assisen, déi d'Gemeng heiansdo organiséiert, nach eng oder méi Assemblées des citoyens ze grënnen.

Dës Assemblée, déi besteet dann aus Escherinnen an Escher, déi net fräiwëlleg dofir kandidéieren, déi net aus Parteie sinn, déi och net gewielt sinn, mee si ginn ausgeloust no engem Prinzipp, deen awer dann esou soll sinn, dass mer herno eng Assemblée hunn, déi dem, déi der Demografie vun der Stad Esch entsprécht.

An dës Assemblée, déi kann da vum Gemengerot, vum Schäfferot Dossiere kréien, wou si dann Avisen oder Recommandatiounen dozou ka formuléieren, ofstëmmen an déi da bei eis ka ginn, fir dass mir, déi awer d'Decisiounen hei nach huelen, déi besser Decisioun da kënnen huelen.

Dat leeft elo am Juli un an dat wäert bis Dezember 2025 daueren. Esou laang si mer begleet vun DemocracyNext. Dat heescht awer net, dass mer duerno net wëllen an esou enger Logik weiderschaffen.

DemocracyNext organiséiert déi Assembléeën net fir eis, mee se hëlleft eis, d'Konzept dofir ze erstellen, an dann och déi éischt ze organiséieren. Dat an Zesummenaarbecht mat den Esch Clinics a mat eise Servicer, notamment och mat der Coordination sociale.

Dat ass eeben och dat Speziellt. Ech kann Iech elo nach net soen, wie wäert herno hei sëtzen. Dat hänkt vum Sujet of, dat hänkt e bëssen vun der Analys of, wéi DemocracyNext eis beréit, wéi mer eis do sollen uleeën. Si hunn eigentlech ganz vill Erfarungswäerter, déi si kënne mat erabréngen.

Si waren hei vun e Méindeg bis e Mëttwoch. Si hunn de Schäfferot begéint, si hu verschidde Fraktiounssprriecher begéint, si hunn d'Uni.lu begéint, Vertrieder vu verschiddenen Organisatiounen, Transition Minette, och d'ACAIE, an och quasi all d'Servicer vun der Gemeng, fir dass se eeben e Bilan konnte maachen, wat grad hei an Esch diskutéiert gëtt, wéi ass d'Demografie hei an Esch, wat ass an de Servicer grad, wat uewe läit. A fir dass een do e Bild ka maachen.

A si wäerten elo e Rapport dozou schreiwen an da wäerte se eis deen zoukomme loossen. An dann ass et esou, dass mer doropshin zesumme mat hinnen nächst Schrëtt maachen, fir an déi Richtung vun esou enger Assemblée ze schaffen.

DemocracyNext gëtt finanzéiert iwwer verschidde Fondatiounen. Si schaffen och mat der Obama Fondatioun, déi bekannt ass. Et kascht eis awer net näischt. Also mir ginn dovun aus, dass e Minimum bei 90, ëm déi 90.000 € läit, elo mol fir de Projet. An en fonction, wéi dann déi Assembléeë géingen, jo, wéi déi géinge schaffen, wéi oft déi wieren, wéi d'Kompositioun wier, kann dat eropgoen.

Ganz einfacht Beispill: Mir kréien och alleguer Jetonen, wa mer hei an dës Sëtzung kommen. A Leit, déi ausgeloust géinge ginn a gäre géingen heihinner kommen, déi hunn natierlech dann och esou, esou Entschiedegunge fir hir Participatioun.

Mir wäerten an den nächste Méint eeben ëmmer op dee Projet zeréckkommen. Ech mengen awer elo net, dass mer onbedéngt mussen eng Kommissioun dofir grënnen, mee et ass e bëssen den Appell, dass déi Leit hei am Gemengerot, déi Loscht hunn, fir an deem Projet weider mat de Suivi ze maachen, dass déi einfach invitéiert sinn, solle Bescheed soen, an da kënne mer déi mat abauen an déi Versammlung, déi mer hunn, dass se och bei den nächste Rencontere sinn.

Et wäert einfach elo esou sinn, dass reegelméisseg dann och déi Leit vun

DemocracyNext erëm wäerten heihinner kommen, voilà, den Echange mat hinnen ze halen a mat der Uni ze halen.

Déi Informatioun wollt ech ginn, respektiv verschiddener vun Iech hu se och scho begéint. Wann Umierkungen zu deem Punkt sinn, dann ass elo de Moment.
Den Här Faltz, den Här Baum, den Här Schmit, d'Madamm Ragni. Jo, den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP**

Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Jo, Dir hutt elo e kuerze Resümee gemaach vun deem, wat mir hei virgestallt kritt hunn an der Reunioun vun de Fraktiounsspriecher.

Ech denken, dass fir d'LSAP heescht dat heiten, dass et komplett ëmfaassend ass mat eiser Politik. Ech denken, et ass déi Aart a Weis, fir d'Leit un d'Politik ze bréngen an déi Verdrossenheet, déi d'Leit hunn, dass dat de richtege Wee ass. Hei hu mer nämlech d'Méiglechkeet, fir d'Leit am Fong e bëssen ausserhalb vun engem politesche Kontext un d'Entscheedungsfallung erunzebréngen.

Wéi mer scho gesot haten, net jiddereen ass politesch aktiv, mee awer vill Leit hunn eng Meenung, an och eng gutt Meenung, an déi soll een héieren. An dofir fannen ech och déi Iddi, fir d'Leit ze bezuelen an deem dote Kader, well se musse geschoult ginn, se musse vill Stonnen opwenne vun hirer Fräizäit, fir dee Prozess do ofzeschléissen.

An dofir, well och wa mer, dat hu mer schonn oft gesinn, mir kënnen eis hei an d'Ronn kucken, mir sinn net representativ fir dat, wat dobaussen an Esch, wéi d'Leit ... also Esch zesummegesat ass. An dofir fannen ech genau déi doten Iddi, fir representativ eng Grupp probéieren zesummenzesetzen, no de verschidde sozialen an och den Alter a Geschlecht a wat och ëmmer, fanne mer eng richteg Iddi.

An dofir wäerte mer dat doten natierlech matdroen. Villmools Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Dann d'Madamm Ragni.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter. D'Participation citoyenne war och e Sujet, dee mir am Walprogramm haten an dee mer jo och am Koalitiounsaccord stoen hunn.

Ech denken, dass dat heiten de richtegen, de richtege Wee ass, well mer eis wierklech awer och ënner de Fraktiounsspriecher, wéi mer deen dote Projet virgestallt kritt hunn, eeben haaptsächlech d'Fro war, wéi gi mer et un, fir och Leit u sech ze cibléieren, déi net onbedéngt direkt eeben iergendwou vertruede sinn.

Well wa mer awer esou Workshoppen oder sou hei op der Gemeng organiséieren, déi vun der Gemeng sinn, sinn et awer meeschtens ëmmer déi selwecht Leit. Leit, déi sech souwisou scho wëllen engagéieren, Leit, déi engagéiert sinn, Leit, déi a verschiddenen ASBLe sinn.

An dat heiten, denken ech, dass dat wierklech en, eng immens flott Saach ass, fir och aner Leit ze motivéieren, fir wierklech och hir Meenung ze soen an och deen Deel vun eise Bierger och dann dee Moment ze vertrieden. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni. Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech ka mech deem eigentlech just uschléissen, wat grad gesot ginn ass, an och, wéi Dir et presentéiert hutt.
D'Fro vun der participativer Assemblée, déi sech jo hei stellt, ass eng, déi, mengen ech, vill Schäfferéit virdrun och schonn ugeduecht hunn an ugaangen, versicht hunn, unzegoen. An et ass een ëmmer erëm op dee Punkt komm, datt een ënnert de usual Suspects war. Dat heescht, déi Leit, déi souwisou avertéiert sinn, déi entweeder politesch engagéiert sinn, oder wa se net politesch engagéiert sinn, dann awer déi sinn, déi een iwwerall gesäit, déi och zu allem eng Meenung hunn.

An ech mengen, datt et wichteg ass, datt mer an der Representativitéit méi déif ginn a méi granular souzesoe virginn. An dat, wat mer do presentéiert hunn, dat ass wierklech interessant. Also souwuel vun der Form hier, datt finalement herno Leit ausgeloust ginn, déi natierlech sech bereeterkläert hunn, do matzemaachen, fir déi Assemblée ze constituéieren an aus deenen eraus dann eeben iwwer e Prozess hir Recommandatiounen, Iddien ze entwéckelen, wéi et soll virugoen.

Ech mengen och, datt ... wat mir op jidde Fall och ganz staark dorunner gefall huet, oder datt déi Fro, déi mer als Fraktiounsspriecher ëmmer erëm ugaange sinn, ass, wéi kréie mer dat hin. Wéi kréie mer et hin, fir Leit, déi zu Esch wunnen, déi awer d'Gefill hunn, datt se soit hiert Liewe just an hirer klenger Bulle, an hirer Community hunn, wéi kréie mer déi dozou ze mierken, dat do ass eppes, wat mech direkt a mengem Liewen interesséiert.

Doriwwer hu mer vill geschwat, och Iddie gemeinsam entwéckelt. An ech mengen, datt dat wierklech déi richteg Approche ass. A mir als Lénk, mir si ganz frou iwwer déi Initiativ a wäerte se och ganz positiv begleeden.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. An dann den Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Ech soe Merci fir d'Wuert. Wéi gesot, DemocracyNext, mir waren dozou ... also ech war jo och dozou invitéiert. Leider konnt ech net kommen, wéi déi Presentatioun deen Dag war. Ech sinn awer, solle mer soen, gespaant, wéi dat wäert, wéi dat sech wäert entwéckelen a wellch Konturen dat wäert kréien.

Et ass just ee Punkt, wou ech vläicht awer direkt e bësse retizent sinn. Dat heescht, dat erënnert mech un déi Saachen, wou den Här Macron a Frankräich gemaach huet; e grand Débat. An hien hat och eng ... niewent dem grand Débat, wou hie jo selwer gemaach huet mat de Bierger selwer, hat hien och eng Ausléisung esou, déi wou sou änlech war wéi DemocracyNext, wou da Biergeren ausgeléist gi sinn, fir dann eebe participativ mat kënnen ze schaffen a Saachen auszeschaffen.

Do weess ech vun enger grousser Saach, wat den Environnement ubelaangt, hat en esou eng, an och nach op een oder zwee aner grouss Punkten Assembléeë vu Bierger, also déi wou ausgeloust gi sinn.

Wat mir deemools opgefall ass a wat och vill politesch Kommentatoren a Frankräich dozou gesot haten, analyséiert haten, dat heescht, datt am Endeffekt déi Ausléisung ganz komesch war. Dat heescht, dat war soi-disant eng Ausléisung.

A wann ee gekuckt hat déi politesch Tendenzen dann, déi wou déi Leit dann do effectivement haten, hate se zum Beispill überhaupt keen dobäi, dee wou iergendwéi apparentéiert war zumools zu eng oder zwou verschiddene Parteien, déi

wou do da komescherweis quasi op 0,0 % geschrumpft sinn.

An dat ass eppes, wou ech mer dann denken, aus där Erfarung eraus, sinn ech leider, muss ech leider do e bësse méi skeptesch si wéi déi meescht hei. Ech mengen, et ass awer net aus, solle mer soen, aus Bornéiertheet oder aus Blöd, oder aus Blödheet, wou ech dat hei wëll denoncéieren.

Ech fannen, wann esou eppes soll gemaach sinn, a wann et eng Ausléisung ass, da soll et och eng richteg sinn. An net wéi den Här Macron, wou ech Zweiwelen hunn, datt déi Ausléisungen net honnertprozenteg korrekt iwwer d'Bün gaange sinn.

Jo, dat ass, dat ass meng, mäin, solle mer soen, meng Haaptangscht an esou engem Dossier. Wat een dobäi nach kéint soen ass, do schaaft ee sech Redondancen. Ass dat gutt? Ass dat net gutt? Et ass ëmmer gutt, dee wou seng Meenung seet, mee Redondancen, dat kënnen och mat Problemer a Konflikt landen.

Legitimitéit. Legitimitéit géif da beruffen aus der Ausléisung. Dann hu mer eng Legitimitéit, déi wou sech beruffft aus der Ausléisung. Eng aner, déi wou sech berufft aus de Walen. An, jo, an esou Saache sinn natierlech och ëmmer gutt, wann ee politesch Problemer huet, da kann een déi och esou Organer am Fong geholl de Baby eriwwerschaukelen. Mee dat ass oft och nëmme fir et op de laangen Dësch ze setzen, also dat heescht, fir d'Problemer am Fong geholl anzeschléiferen, ginn oft esou Assembléeë benotzt.

Dat heescht, wann et gutt funktionéiert, wann et wierklech esou ass, wéi et sollt sinn, dann am Prinzipp jo näischt dogéint ze soen. Mee wann et elo a verschidde Saachen ausaart, wéi ech d'Gefill hat, datt et a Frankräich war, da fannen ech, ass et keng gutt Iddi. Also à voir. Dat war mäi Kommentar dozou.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Et ass ... Merci, Här Schmit.

Also et ass jo eigentlech emol en Haaptzil, fir och deene Leit d'Wuert ze ginn, déi eebe grad net a Parteie sinn. Tatsächlech ass eng grouss Majoritéit vun den Escher Leit net a Parteien, an déi Leit, déi a Parteie sinn, déi hunn aner Sproochroueren, notamment och duerch eis an duerch d'Kommissiounen, an deene se vertruede sinn.

Mee wéi déi Auslousung herno genau stattfënnt, dat ass eeben elo déi Etapp, wou DemocracyNext eng Propos probéiert, auszeschaffen. Mee ech mengen, dass aner Krittäre vill méi essentiell si wéi déi vun enger gewësser Parteizougehéieregkeet.

Dir hutt elo d'Beispill vum Här Macron ginn, et ginn awer och ganz positiv Beispiller. DemocracyNext huet selwer dee gi vun Irland, wou och eng Assemblée des citoyens war, fir d'Familljegesetz ze reforméieren. A wann et déi net gi wier, da wier, mengen ech, déi iresch Politik vill méi réckstänneg bliwwen, wa just Politiker eleng dat beschloss hätten. An esou konnt eigentlech eng vill liberal an zukunftsgewant Familljepolitik an Irland och mat entwéckelt ginn. Soit.

Mir wäerten haut kee Vott maachen. Mir kréien och op Base vun deem, wat DemocracyNext gesinn huet, schaffe si elo eng Zort Memorandum of understanding aus. Dee wäerte mer dann zu engem spéidere Moment hei eng Kéier stëmmen.

### 3. Questions à relever concernant les projets Musée des sports et Sportarena ; discussion (point mis à l'ordre du jour par le LSAP Esch)

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei den zweete Punkt, de Punkt 3. Dat ass e Punkt, deen d'LSAP op den Ordre du jour setze gelooss huet, iwwer de Sportmusée an iwwer d'Sportarena.

Wiem kann ech d'Wuert ginn? Der Madamm Braz.

**Mme Liz Braz (LSAP)**

Jo, villmools Merci, Här Buergermeeschter, dass mer dee Punkt dann elo endlech eng Kéier och hei kënnen abordéieren. Mir sinn hei ëmmerhin an der Sporthaaptstad Esch.

Et ass en Titel, deen eis Stad u sech verdéngt huet. Et ass, de Sport ass de Motor vun der Integratioun, en déngt an deene bal 100 Sportsveräiner, déi mer awer zu Esch hunn, als wesentleche Facteur, fir Integratioun an eiser Stad ze vereinfachen a virunzebréngen. D'Stad Esch huet eng spannend an och eng ëmfangräich sportlech Geschicht an huet och op der internationaler Bün scho grouss Erfolleger virzeleeën.

2017 wéi déi aktuell an och déi fréier Konstellatioun hir Majoritéit forméiert huet, huet d'Sportswelt, verschiddener vun eis hei och mat abegraff, hoffnungsvoll an d'Zukunft gekuckt, op d'mannst wat déi nächst sechs Joer sollt ugoen. De Sport an d'Finanze waren an der selwechter Hand, nämlech an där vum Buergermeeschter.

De Buergermeeschter selwer, dee war och sportsbegeeschtert – witzegerweis hunn ech hien och viru 15 Joer kenne geléiert zu Lalleng an der Hal bei engem Handballsmatch, wat eis allen zwee all Weekend ëmmer erëm an d'Hal gezunn huet, fir dem Sascha senger Band nozekucken.

Eng Prioriséierung vum Sport war dréngend néideg zu Esch. Wéinst dem Mangel un Infrastrukturen, besonnesch wann et ëm Hale gaangen ass. De Besoin u Sportanlage war bei Wäitem net gedeckt an déi existent Infrastrukture waren deelweis a schlechtem Zoustand respektiv schwéier zougänglech, besonnesch wann et ëm d'Schoulhale geet.

D'Erwaardunge waren also grouss an ëmsou méi enttäuschend ass de Constat, deen een elo no bal siwe Joer schwaarz-gréng-blo Sportspolitik zu Esch muss maachen. Mir zu Esch, mir hunn dat berechtegt Selbstverständnis, an ech denken, mir sinn eis doranner och alleguerten eens, dass mer als Sportstad wëlle gëllen an och solle gëllen.

Awer elo, wou sech de Riddo esou lues hieft an d'Realitéit vun de leschte sechs, siwe Joer Sportspolitik siichtbar gëtt, mierkt een, wéi vill Sand de Land, de Leit, de Bierger, de Wieler, déi lescht Joren an d'Ae gestreet ginn ass.

Dëse Projet vum Sportsmusée a virun allem dëser Arena steet symptomatesch fir d'Politik vun de leschte Joren: Protz, Prunk, Stëllstand. D'Escher goufen ëmmer erëm vertréischt, an um Enn steet de Sport mat eidelen Hänn do, ouni, Stand haut, Aussiicht op iergendeng Verbesserung.

Mir brauchen eng weider Hal zu Esch. Sécher net an där Gréisst, mee mir brauchen eng gutt Hal fir de Sport, fir seng Supporteren, a kee sënnlose Sporttempel. Eleng fir d'Renovatioun vun der aktueller Lallenger Hal, wou Handball, Basket an Turnen hir Matcher spillen an hir Kompetitiounen halen, brauche mir wärend der Renovatiounszäit elo eng Infrastruktur, déi déi dote ganz Aktivitéit kann iwwerhuelen.

Déi zukünfteg Trainingshalen zu Lalleng, déi kënnen dat net, well se sinn ugeduecht fir ze trainéieren a kënnen och esou nëmme begrenzt Spectateuren zougänglech maachen. Dass de ganze Spektakel niewebäi och nach 70 Millioune kascht – et schummt ee sech scho bal, dat haart ze soen.

Mir sinn net géint d'Sanéierung vun dësem Site, ëm Gottes Wëllen, mee d'Dimensioun, de Retard an d'Käschten, déi sinn awer mëttlerweil net méi nozevollzéien. An dat kënnt Der och déi Lallenger froen, déi säit Jore mat deem dote Chantier geplot sinn.

Wat geschitt also elo, wann den éischten Deel bis fäerdeg ass an den zweeten Deel muss ugepaakt ginn? Wou wäerten an Zukunft Matcher virun de Spectateure kënne gespillt ginn?

Éier an där Hal 2017 ënner LSAP d'Ënnerschréft mat Tracol vereenbaart ginn ass, kann ee se do halen. Eng Hal, déi eis fir 14 Milliounen hätt solle gebaut ginn um Park Lankelz, déi mëttlerweil Arena genannt gëtt, mat Tribünen, do gëtt se wuel kaum gebaut. Et war e Projet, dee fäerdeg am Schaf louch, e war prett, fir gebaut ze ginn.

Mir hu mat eise Virgänger geschwat. Et gëtt eis jo oft heibannen ëmmer erëm vun deem selwechten oder vun der selwechter ënnerstallt, mir géifen dat net maachen. Mir hunn dat gemaach, wéi mer deen heiten Dossier opgeschafft hunn, a mir hunn do erausfonnt, dass alles fäerdeg louch.

Mir haten Autorisations de principe, mir haten Accords de principe mat der Ponts & Chaussées, déi och deelweis 2019 nach vun Ärer Partei, vum deemolege Buergermeeschter ausgehandelt gi war. Et louch alles prett, den Inneministère hat den Dossier zesummen, de PAP hat all déi néideg Krittären erfëllt, an dowéinst ass en dunn och finalement approuvéiert ginn.

Déi Conventioun vun 2017, déi zeréck op d'LSAP geet, déi ass och heibannen – ech hu mer déi Méi gemaach, fir déi Sëtzunge vun 2019, 2020, 2021 alleguer nach eng Kéier ze lauschteren –, se ass heibannen nëmme gelueft ginn.

Et war e gudden Deal fir Esch. Een, deen d'Besoine vun de Veräiner gedeckt hätt, e präislech fairen Accord, deen no de Präisexplosiounen aus de leschte Jore wuel mëttlerweil kaum nach e Promoteur esou géif ënnerschreiwen, ouni franséisch Star-Architekten, déi haut scho méi Steiergelder kascht hu wéi anerer kënnen ënnerschloen, kee Projet vu Gréissewanuerdnung, deen haaptsächlech dozou sollt déngen, sech e perséinlecht Denkmal wëllen a senger Stad ze bauen, mee e Projet, deen zur Zäit erkannt huet, dass d'Infrastrukturen zu Esch dem Wuesstem vun der Stad musse gerecht ginn.

Den Escher ass viru siwe Joer am Dossier Sport le beurre, l'argent du beurre et le sourire de la crèmière versprach ginn. A wat krut den Escher? Ofgestane Mëllech, déi säit siwe Joer am Frigo versauert.

Näischt geschitt op dësem Dossier. Mir si kee Meter méi wäit wéi 2017. Siwe Joer, fir näischt ze maachen, siwe Joer vu groussen Annoncen, mee hannert de Kulissen nëmme Stëllstand. Stand haut wierkt de Projet, wéi wann en an enger Sakgaass wier.

Dobäi kënnt, dass deen, deen dësen Dossier elo sechs Joer laang verhonzt huet, alt elo op enger Etapp nach méi héich uewe Responsabilitéiten dréit a mengt, hie kéint den éischte Pouvoir vum Land beléien.

Ech hat nämlech ugangs vum Joer an enger Question parlementaire gefrot, ob hien als Sportminister mir dann elo kéint soen, wéi et ëm deen doten Dossier steet. Et wären nämlech Rumeuren am lafen, dass den

Dossier kéint net esou virugefouert ginn, wéi en déi lescht Joren am Schaf louch. Ob hien eppes dozou wéisst? Nee, hie wéisst näischt, hie mengt, de Projet géif nach ëmmer esou weidergebaut ginn, wéi et bis elo ugesat war.

Fënnef Méint méi spéit hunn ech dunn nach eng Kéier nogefrot, well entre-temps war an allen Zeitungen eppes Aneres ze liesen. A, nee, nee, hie wosst dat en fait säit 2022, dass de Projet net esou konnt ëmgesat ginn. Dat ass net Är Schold, dofir wäert hien och nächst Woch vu mir an der Chamber nach drop ugeschwat ginn.

Ech wéilt also elo wëssen: Wéi ass de leschte Stand mat der Tracol? Vu dass hei wuel en neien Avenant muss ausgehandelt ginn, wäert ee sech hei kënnen eens ginn, ouni de Präis vun der Hal elo erëm an debill Sphären ze drécken? Ass Tracol iwwerhaapt nach ëmmer gewollt, mat der Escher Gemeng ze schaffen, fir dës Hal ze bauen?

Wéi eng Käschten huet d'Gemeng an Tracol bis elo engagéiert a bleift op deene sëtzen? Wien iwwerdréit déi? Wat ass den neie Käschtepunkt vun engem zukünftege Projet, falls schonn esou eppes an der Maach ass? A wat ass iwwerhaapt d'Zukunft vum Park Lankelz?

D'Sportshal ass dat eent, dat wat de Veräiner wierklech géif déngen an och absolutt onverzichtbar ass. De Sportsmusée, dat ass elo dat anert. D'Urgence ass net esou frappant, mee et wär awer wichteg, endlech Gewëssheet ze hunn an déi Aarbechte kënnen unzefänken.

De Sportmusée sollt an den nächste fënnef Méint seng Dieren opmaachen. A ce stade wäre mir frou ze wëssen, ob en iwwerhaapt iergendwa seng Dieren op Escher Territoire kann opmaachen.

Aner Stied stoungen ufanks och an der Diskussioun. A wëssend dann awer déi schlecht Erfarungen, déi de Sportsministère an de leschte Jore mat Esch gemaach huet, ass d'Fro vläicht legitimm, ob dëse Musée iwwerhaapt nach wäert op Esch kommen. Hei wäert den neie Sportsminister dann ausnamsweis vu Virdeel sinn.

Et besteet also elo de Verdacht, dass e Politiker d'Escher déi lescht Jore geblent huet, fir säin eegene politeschen Agenda ze retten an duerchzedrécken. An zu wéi engem Präis hu mer dat gemaach? Deen, deen d'Rechnung wäert bezuelen, dat ass den Escher Sport, seng Sportler a seng Sportinteresséierter.

Esch brauch elo Gewëssheet iwwer dat, wat an de leschte Jore geschitt ass, an dofir froe mer och, wannechgelift, un, ob mer kënnen den internen an den externe Workflow an dësem Dossier eng Kéier consideréieren. Entweeder digital zougeschéckt kréien oder mir kommen en heihinner kucken.

Wéi Dir Iech kënnt virstellen, wäert den Tenniskomplex dann och nach an enger nächster Etapp iergendwann hei eng Kéier vun eis ugeschwat ginn. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools Merci, Madamm Braz. Ech ginn dann d'Wuert weider un den och sportbegeeschterten André Zwally.

Als éischt äntwert de Schäffen, dann duerno d'Ronn an da kann nach eng Kéier de Schäffen äntweren. An z
um Schluss d'Madamm Braz.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeescher. Merci, Madamm Braz, fir Är Virstellung an Är Meenung zum Sport vun Esch an alles dat, wat domadder zesummenhänkt.

Ech denken, dass ech ee sinn, dee schonn e bësse méi al sinn doranner an och weess, wat Investissementer bedeiten, wann ee vum Sport schwätzt. An ech wëll do ënnersträichen, dass et Differenze ginn tëschent dem externe Sport an och deem, wat en Halesport bedeit.

Ech selwer sinn an de 70$^{er}$ bis 80$^{er}$-Joren hei ëmmer täteg gewiescht um Niveau vum Sport, an ech kann Iech soen, dass mer iwwer 30 Joer laang gewaart hunn, fir eng extern Sportanlag ze kréien, déi mer haut alleguerte kennen. Dat ass den Ellergronn. An dat huet eis awer net gehënnert, fir eise Sport ze maachen an andeem och, kann ech elo wierklech soen, vill Championstitelen ze maachen, villmol d'Coupe ze wannen an och Europacoupe ze spillen.

Insofern si mer do alt e bësse méi besonnen an deene Fuerderunge ginn, déi mer da stellen, par rapport zu deem, wat aner Leit haut an de Raum stellen. An ech muss och soen, dass een am Virfeld ka soen, dass den Historique vun all deem, wat elo hei sollt gemaach ginn. Oder op jidde Fall, ech wäert Iech elo emol erklären, wat dann alles awer gemeet gouf an a wat fir eng Situatioun dass mer sinn.

Ech mengen, d'Situatioun, déi kënne mer dramatesch duerstellen. Mir kënnen och probéieren, een deem aneren d'Schold zouzeweisen. Dat ass ganz kloer. Mir kënnen awer och probéieren, pragmatesch un déi Situatioun erunzegoen. Ech mengen, dat ass déi Approche, déi einfach dëse Schäfferot gewielt huet, fir och Léisungen ze fannen.

Ech erlabe mer dofir awer den Historique ze maachen. Ech mengen, verschidde formuléiert Aussoen awer och vun Iech ze relativéieren.

D'Diskussioun ëm de Projet vun der Sportarena ginn eigentlech schonn op 2013 an 2014 zeréck, wou déi deemoleg Majoritéit probéiert huet, eng Plaz fir eng Arena ze fannen an e Projet ze entwéckelen. 2017, tatsächlech kuerz virun de Gemengewalen, huet déi deemoleg Majoritéit dunn eng Konventioun stëmme gelooss tëschent der Stad Esch an der Societéit Tracol, sou wéi Der dat schonn hei gesot hutt.

Am Resümee ass et, d'Stad Esch stellt den Terrain, Tracol baut en Deel, e Wunnprojet an zousätzlech dann och nach en Deel vun enger Sportarena. Duerno kritt d'Stad Esch d'Sportarena iwwerschriwwen, mam Bezuele vun enger Soulte, déi eng Differenz tëschent dem Baupräis an dem Terrain Valeur ausmécht.

Och 2017, zum Moment vum Vott, war d'Zone non aedificandi – dat ass Deel vun deem, wat mer ëmmer erëm diskutéieren –, war se schonn do. An och de Projet vun der Sportarena louch zum Deel schonn an dëser Zone.

Am Oktober 2018 goung e PAP mat der Sportarena an d'Prozedur. Dëse gouf am Februar 2019 vum Inneministère – dat war zu deem Ament d'Madamm Bofferding – validéiert. Am Mäerz 2019 krut d'Gemeng och en zäitweilegen Accord de principe fir eng Permission de voirie. Déi, déi Der ugeschwat hunn, war fir d'Kieffer-Strooss, déi dann erlaabt ginn ass. Woubäi awer elo net déi komplett Zone non aedificandi betraff war.

2021 koum dunn en neie Moment, wou decidéiert gouf, dass den nationale Sportmusée soll an de PAP integréiert ginn. Hei gouf en Avenant zu der Konventioun mat der Societéit Tracol gestëmmt, déi de Musée fir d'Stad Esch soll bauen, no de selwechte Modalitéite wéi d'Sportarena, an eng Konventioun tëschent der Stad Esch an der Regierung fir de Sportmusée. Fir d'Stad Esch huet de Schäfferot ënnerschriwwen a fir d'Regierung de Vizepremierminister Kersch an e Minister Gramegna. Och eng Modifikatioun vum PAP gouf virgeholl an approuvéiert.

Um Projet gouf weidergeschafft an eréischt am Dezember 2022 koum dunn d'Nouvelle – 2022 –, dass de Verkéiersministère kee positiven Avis géing ginn. Dat wéinst der Zone non aedificandi.

Et war also eigentlech déi deemoleg Regierung, déi e Projet, deen och hiren eegene Sportsmusée beinhalt, gestoppt huet. E Projet, wou ee bis dohinner dovunner konnt ausgoen, dass eventuell eng Léisung unzestriewe wär.

Den deemolege Buergermeeschter a Sportschäffen huet och Ufank 2023 nach probéiert a senger Funktioun ze intervenéieren an d'Gespréich ze sichen. Du koum de Start vun de Walcampagnen an d'Waljoer.

D'Confirmatioun, dass och déi nei Regierung an den nächste Joren un der Zone non aedificandi géing festhalen, krut de Schäfferot schlussendlech eréischt virun zwee bis dräi Méint.

Dësem Schäfferot seng éischt Reaktioun war dunn emol, fir déi betraffen Acteuren ze kontaktéieren – also déi Acteuren, mat deene mir Konventiounen hunn –, fir mat hinnen ze schwätzen, fir mat hinnen ofzeklären, wéi een eng eventuell Konventioun kann upassen.

Eventuell esou, dass duerno Esch souwuel eng Sportarena kritt, geneewéi och de Sportsmusée eventuell op Esch kënnt. .Och wann dat elo aktuell net zesummen op Lankelz méiglech ass.

Eng wichteg Versammlung hate mir notamment och mat Tracol a mat eise Servicer, wou mir och d'Fro beschwat hunn, ob een dann d'Sportsarena eleng op Lankelz kéint passen, oder géing passen, wann een de Sportsmusée géing komplett op en anere Site bauen. Also d'Fro, ob een erëm op de fréiere Projet kéint zeréckkommen.

Esouwuel den Entrepreneur wéi eis Servicer hunn eis bestätegt, dass dat an der aktueller Situatioun net denkbar ass. Wat eeben nach emol beweist, dass eeben net nëmmen d'Ajoutte vum Sportsmusée war, déi ausschlaggebend war fir dës Situatioun.

Vläicht kann een awer d'Sportarena un eng Plaz, déi mir hunn, upassen, ech mengen, dat muss een da kucken. An, jo, mir sinn amgaangen, dat unzedenken, fir ze kucken, wouhinner et am beschte passt.

Et ass schued fir de Projet, an och mir bedaueren, dass mir elo Zäit verluer hunn; d'Stad Esch an dëser an an der viregter Majoritéit, genau och wéi d'Regierung an dëser an och an der viregter Majoritéit.

Schlussendlech ass et awer och net fir d'éischt, an och net fir d'lescht zu Esch, oder och an anere Gemengen, dass verschidde Projeten ëmmer erëm ausgebremst an nei geduecht musse ginn. Dat ass dann och elo hei de Fall.

Ech mengen, dass mir eis virun allem eens sinn, dass mir net nëmmen eng Sportarena wëllen, mee och, a virun allem, eng brauchen. Well de COHS1, dat ass déi Sportshal, déi mer gebaut hunn, net méi de Besoine vun eisen Halenekippen entsprécht, dat wësse mer. Mer wëssen, dass mer do ëmmer e Problem hu mat Zuschaueren. Mir kréien därer net genuch eran. Dat ass jo eng vun de Logike gewiescht, firwat dass mer eng Sportarena an de Raum gestallt hunn.

An an dëser Logik geet elo mat den Acteuren alleguerten, déi bereet sinn, fir an deem neie Projet matzeschaffen, wou mer da wäerten eng Konventioun hunn. A mir wäerten och klären, wat fir Méiglechkeeten eis gi sinn.

Mir hunn awer, an dat hutt Der vergiess ze soen, dass dës Majoritéit awer an de leschte siwe Joer massiv an de Sport investéiert huet.

Et si jo awer elo ausgangs des Joers, oder wa méiglech och nach méi fréi, awer déi nei Halen, déi mer wäerten a Betrib huelen. Och dat soll een net vergiessen, dass dës Majoritéit exklusiv ganz villes doranner investéiert huet.

An net nëmmen op deem dote Bord. Ech mengen, herno um Ordre du jour hu mer nach eng Kéier e Punkt, wat d'Subsiden ubelaangt, wat de Sport ubelaangt. An do kënnt Der och feststellen, dass mer bal déi selwecht Subsiden, déi domadder zesummenhänken, komplett verduebelt hunn.

Ech mengen, an deem Sënn si mir nach wie vor nach ëmmer fir d'Sportarena, fir de Musée national vum Sport. An, jo, dat waren emol meng éischt Gedanken zu Äre Froen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wie kann ech aschreiwe fir dee Punkt?

Här Baum, wëllt Dir ufänken? Oder den Här Schmit? Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci och der Madamm Braz, fir dëse Punkt op den Ordre du jour gesat ze hunn, well en ass awer, mengen ech, symptomatesch fir, wéi ech et awer empfannen, als eng Rëtsch Dysfonctionementer, déi mer awer hei zu Esch hunn.

Ech ka mech drun erënneren, wéi 2017 den neie Schäfferot ugetrueden ass, huet e gesot, e wéilt net Fundamentales anescht maachen, e wéilt Saache just vill méi séier maachen. An ech muss awer elo soen, siwe Joer drop sinn all déi Saachen, déi sollte méi séier a besser geschéien, dat ass net realiséiert ginn.

D'Fro, wourunner dat läit, déi kann ee sech sécherlech stellen, an dat op verschiddenen Niveauen. Datt den eemolege Buergermeeschter a Sportschäffen elo Sportminister ass an a Question-parlementairë widdersprëchlech Saache seet, dat ass effektiv eng Fro, déi warscheinlech och nach d'Chamber méi wéi eng Kéier wäert befaassen.

Déi zentral Fro, déi d'Madamm Braz gestallt huet, wéi geet et elo virun, op déi zentral Fro hunn ech awer och elo vun Iech, Här Zwally, elo keng Äntwert héieren. Just, datt een elo mol kuckt. Jo, elo kuckt een. Dat heescht, et ass ee quasi erëm op Null.

En zweete Problem, dee mer hei zu Esch hunn, dat ass deen, datt – an do sidd net nëmmen Dir Schold. Dat ass deelweis effektiv esou an de leschte 15 Joer esou gewuess. Aus dem Besoin vun enger Sportshal fir eis Veräiner gëtt op eemol eng Sportarena. Aus enger Sportarena gëtt op eemol eng Sportarena mat engem nationale Musée dobäi. An erauskënnt onheemlech laang Prozeduren, a wéi d'Madamm Braz et och gesot huet, finalement net vill fir eis Sportclibb.

Mir denken immens grouss, an doduerch, datt d'Stad Esch immens grouss denkt, verfeelt se awer, mengen ech, ganz dacks déi eigentlech Besoinen an déi eigentleche Startpunkt, vun deem mer lassgaange sinn.

All déi Projeten, an dat ass net nëmmen am Sport esou, hunn ech ganz dacks d'Gefill, datt mer se denken, wéi wa mer elo den neisten a modernste Rolls Royce misste kafen. Saachen, déi extreem deier sinn. Och dat, wat elo als Sportinfrastruktur envisagéiert ass, ass extreem deier, wäert d'Budgete vun den nächste Joren enorm belaaschten, well mer se ëmmer als den absolutten Nonplusultra-Rolls-Royce, Star-Architekten – drënner maache mer et net – denken.

Ech denken, eng Stad Esch hätt vläicht besser, amplaz vun engem Rolls Royce ze dreemen, e klenge wendegen Dacia Sandero mol sech unzeleeën, wou se einfach emol dann och géif vum Fleck kommen, a wou mer dann eventuell och géifen dozou kommen, datt eis Sportveräiner dat géife kréien, wat se brauchen.

Op Lëtzebuergesch gëtt et d'Sprachwuert, uewenerëm de Spëtzekranz, ënnenerëm de Läpp net ganz. Dat ass och hei de Fall. An et ginn nach aner Punkten, op déi mer sécherlech wäerten agoen, wou dat doten och wouer ass.

Mer probéieren eis ze presentéiere mat Ambitiounen, déi ganz dacks laanscht d'Realitéit ginn an déi och der Realitéit dann net méi entspriechen. An dës ass ee vun deene Beispiller. An op der anerer Säit ginn et fundamental Saachen, déi hei zu Esch feelen an den ënnerschiddlechste Beräicher.

Den Här Zwally huet gesot, et géif een elo wëllen eng pragmatesch Approche anhuelen. Ech ënnerstëtzen hie komplett doranner. Ech mengen, mer brauchen erëm vill vill méi Pragmatismus a manner megaloman Visiounen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools Merci, Här Baum. Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Jo, déi Ausféierung iwwer de Sport waren natierlech ganz interessant a leider och wéi sou oft a leschter Zäit problematesch. Dat heescht, do si Problemer, déi elo wierklech mer hei an Esch hunn, si relativ staark zesummegefaasst ginn. An déi sinn einfach do an déi kann een, menger Meenung no, och net esou einfach vum Dësch wëschen.

Fazit, wou een hei kéint huelen, wär: Verbock et, da kriss de eng Promotioun. Oder da gëss du souguer Minister. Jo, mir schwätzen an dësem Fall vun eisem fréiere Buergermeeschter, dem Här Mischo. Hien ass zwar net eleng, deen do bestëmmt an deem Dossier Responsabilitéiten huet, mee trotzdeem muss een unerkennen, datt déi Saach schlecht sech entwéckelt huet an am Fong geholl een op, wann een op enger normaler Aarbecht wär, doudsécher fir esou en Endresultat keng Promotioun kritt hätt. Mee bon, an der Politik ass villes méiglech anscheinend.

Wat mer och opfält ass, d'Feeler, déi groobst Feeler, ob elo politesch Feeler sinn oder Verkalkulatiounen oder Feeler vun anere Saachen, déi wou een am Liewen esou mécht an déi wou dann och Afloss hunn iwwer d'politesch Karriär an d'Wierken. Einfach och fir de Bierger, wéi en dat dobausse warscheinlech gesäit, praktesch ni negativ Konsequenze fir déijéineg, fir déijéineg Leit hunn.

A mer hate jo geschwat vun, vun de Bierger mat abannen, fir datt e sech méi interesséiert fir d'Politik, fir datt e méi matwierkt. Ech weess net, ob dat, wann een och dat gesäit, wéi dat, wéi een do ëmgeet mat de Konsequenze vum politesche Schafen, ob dat an déi richteg Richtung geet, wëll ech hei bezweiwelen.

Mir haten och, da vläicht eng kleng Konnektioun zu DemocracyNext, wat dee Punkt, wou mer um Ordre du jour haten, do kann och keng DemocracyNext dat änneren. Vläicht kann dat fir eng Inversioun suergen, fir d'Opmierksamkeet vun de Medien och op aner Felder ze lenken, si fir mech esou Mesuren éischter geduecht, wéi déi konkreet Problemer unzegoen. An dat wier, menger Meenung no, eis Responsabilitéit hei am

politesche Schafen. An dat ass dat, wat misst gemaach ginn.

Massiv investéiert ass ginn, an erëm eng Kéier keen zefriddestellend Resultat. Et ass ëmmer bal, wa mer déi wichteg Dossiere vun Esch een nom aneren huelen an opplécken, komme mer ëmmer erëm op massiv Investissementer. D'Budgete ginn ëmmer méi strapazéiert, wéi mer jo wëssen a wat mer an der Zukunft vun Esch nach wäerten e ganz problemateschen, e ganz problematescht Feld wäert sinn. Dat hat ech jo och scho wéi vill mol hei op dëser Plaz gesot. An do wäert Der mech net Léie strofen, dat wäert antrieden.

An d'Resultater, wou mer dovun hunn, sinn emol nach net à la hauteur vun deene Suen a vun deene Scholden, vun deene Sondervermögen, wéi se sou an Däitschland soen, déi wou mer permanent als politesch Acteuren ëmmer méi no vir dreiwen. An dat ass am Fong geholl déi trauregschst, den trauregen Aspekt un deene ganze Saachen.

Dat heescht, et gi Suen ewechginn ze vrecks, wéi een op Lëtzebuergesch seet, fir Endresultater, wou een nëmme ka kräischen. An, jo. Als politeschen Acteur kann een dat op jiddefalls an der Oppositioun bemängelen an, solle mer soen, virdroen, fir datt hoffentlech iergendwann eemol een dat héiert a sech d'Saachen dann awer lues a lues wäerten änneren.

Voilà, dat wollt ech zu deem, zu deem heite Punkt soen. Ech soen der Madamm Braz Merci fir dat, fir deen heite Punkt op den Ordre du jour bruecht ze hunn, well Kritik ass effektiv einfach éierlech gesot bei deem Dossier, souwéi bei deenen aneren. Ech soe Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Okee. Soss kee méi vum Gemengerot? Da gi mer … dann äntwert de Schäfferot nach, da kritt d'Madamm Braz duerno ofschléissend d'Wuert.

Ech wollt just soen, par rapport well den Här Schmit elo d'Finanzen ugeschwat huet, de Stand, fir awer de Stand an déi richteg, richteg ze nennen. Wat mir bis elo als Stad Esch investéiert hu ronderëm de Site, wou herno Lankelz soll entstoen, an dat ass jo net nëmmen d'Sportarena, mee dat ass och d'Wunnen. Do si mer bei Etüden an esou Ausgaben, do leie bei 218.000 €. An et sinn 202.000 € engagéiert. Dat kléngt natierlech ganz vill. Et sinn och dräi Nullen hannendrun.

Wann een dat mat aneren Depensë bei eis vergläicht, déi mer heiansdo fir Projeten hunn, ass dat, ass dat awer nach iwwer, am beschaubaren. Soss leie mer eigentlech net schlecht. Also dat, wat mer do investéiert hunn, ass och näischt, wat verluer ass, mee wat een och herno bei engem anere Projet, deen op deem dote Site wier, erëm kéint benotzen.

Dat einfach fir … bon, natierlech muss ee soen, dass herno déi Soulte an d'Berechnung, dass herno beim definitive Präis vun der Arena, do wiere mer dann, do hätte mer de Präis vum Terrain mat aberechent, deen natierlech och eng Valeur huet. Op der anerer Säit hätt een awer och e Subsid kritt, dee wier bei 35 % gewiescht vum Ministère. Dat sinn déi Subsiden, déi ee fir esou Sportinfrastrukture ka rechnen.

Sou vill just zu de Finanzen. Ech mengen, dass den Här Sehovic nach wollt äntweren.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Also ech muss soen, heiansdo wonneren ech mech iwwer d'Koherenz vu verschiddenen Aussoen. Et kann ee jo net gläichzäiteg Stëllstand bemängelen a sech dann dräi Sätz duerno doriwwer

beschwéieren, dass mer zu Lalleng e Chantier hunn, deen ze laang dauert. An d'Preuve ass, dass et eebe kee Stëllstand gëtt, mee dass eeben d'Verännerung, dat soen ech ëmmer erëm hei am Conseil communal, Chantiere brauch. An ouni Chantier keng Verännerung, dowéinst géing do um Niveau vun der Koherenz vläicht nach eng Kéier kucken.

Et ass gesot ginn, dass alles prett war, dass Permission-de-voirien alleguer virlouchen an dass een eigentlech hätt kënne lancéieren. Dat muss ech richtegstellen. Ech mengen, de Sportschäffen hat dat schonn ugedeit. Déi Permission-de-voirien, déi virlouchen, betreffen d'Zone non aedificandi, déi op der Rue Kieffer an op der Penetrante Lankelz soll sinn.

Fir de problematesche Volet, deen notamment d'Zone non aedificandi beträfft, deen entsteet duerch d'Brëtell, déi vun der Autobunn erofféiert, gouf et eigentlech keng Permission de voirie. An dat ass am Endeffekt do, wou de Problem am Moment läit.

Ech wëll awer och do soen, dass ech do, wéi soll ech soen, d'Opreegung net ganz richteg verstinn, well ech am Moment bestëmmt 15 Dossiere kéint nennen, wou ech am Moment an der Diskussioun, am Sträit si mam Verkéiersministère, well mer Persmission-de-voirien net kréie fir Saachen, déi mir gäre géinge maachen.

Ech ginn Iech ee Beispill. Dat ass d'Entrée en ville vum Käler Potto erof, wou mer a konstanten Diskussioune sinn, och schonn zwee, dräi Mol eng Permission de voirie refuséiert kritt hunn an do weider an den Diskussioune sinn, fir dat ze maachen.

Dat heescht, an deem Sënn ass dat elo keen neie Virgang, keen aussergewéinleche Virgang, mee gehéiert ganz oft dozou, wann een eeben eppes wëll maachen, wann ee wëll entweeder am Urbanismus oder och an der Mobilitéit eppes veränneren an eppes virubréngen.

Et ass gefrot ginn nom leschte Stand vun den, vun den Diskussiounen. Bon, d'Gespréicher mat de Concernéierten, souwuel mam Ministère wéi mam Promoteur, lafen. Ech wëll och drun erënneren, dat ass haut elo komescherweis net guer net zu Wuert komm, mee et geet jo eigentlech net just ëm de Sportmusée an d'Sportarena. Do soll Logement entstoen, an dee Logement ass och an der Maach an ass net impaktéiert vun deenen doten Diskussiounen. An do lafen d'Planungen an esou weider normal weider.

Ech wëll och erënneren, dass d'Stad hei net, hei net selwer baut. Hei ass en aneren Acteur, dee baut, soudass och den Timing an de Planning net eleng vun der Stad Esch ofhänkt.

Déi Fro, déi am Endeffekt am Raum steet an déi muss beäntwert ginn, fir dass mer wëssen, wéi mer mat deem Stéck, mat deene Parzellen, déi un d'Penetrante grenzen, ëmginn, déi Fro kann hei am Raum kee beäntweren. Well déi eenzeg, déi dat beäntwere kann, dat ass d'Mobilitéitsministesch Yuriko Backes.

Wann Der Iech d'Planunge kuckt, ukuckt, déi de viregte Verkéiersminister op de Wee bruecht huet, de Plan national de mobilité, d'Planungen iwwer de Couloir multimodal A4, wou de séieren Tram soll fueren, an esou weider, da gesitt Der eigentlech an deene Planungen, dass déi Brëtell, déi déi Zone non aedificandi schaaft, eigentlech soll verschwanne perspektivesch.

Dat ass och am Plan directeur vum Amenagement du territoire ass dat och esou festgehalen. An d'ailleurs ass de Projet als Prioritéit-E-Projet definéiert.

Ech hunn dowéinst och an dësem Sënn am Laf vun dëser Woch eng Question parlementaire

un d'Mobilitéitsministesch gestallt, fir erauszefannen, wéi den Timing vun der Regierung ass par rapport zu deem Couloir multimodal A4, well déi Fro vum Echangeur Lankelz, d'ailleurs net just vum Echangeur Lankelz, och vum Echangeur Monkeler an och vum Echangeur Féiz, eng kruzial Fro ass net nëmme wéinst där Sportarena an dem Sportmusée, mee vill méi wichteg, wéinst dem Verkéiersfloss an der Bekämpfung vum Duerchgangsverkéier fir Esch.

An doweinst sinn dat essentiell Entwécklungen, déi eigentlech ugeduecht sinn an déi fir eis zu Esch extreem relevant sinn aus ganz ville verschiddene Perspektiven. An dat heescht, fir do eng definitiv Äntwert kënnen ze ginn, musse mer och nach méi Informatioune kréie vun der aktueller Responsabeler an deem doten, an deem dote Ressort.

Vläicht nach eng Remark par rapport zu der Demande, fir d'Donnéeën aus dem Workflow ze kréien. Bon, dat ass am Endeffekt ze tranchéieren. Ech wëll awer ze bedenke ginn, dass et natierlech all Conseiller communal oppe steet, fir d'Servicer ze consultéieren, wat an deem heiten Dossier jo och gemaach ginn ass, Madamm Braz.

Dir hat Zougang zu eise Servicer, Dir konnt Dokumenter afuerderen, hutt dat jo gemaach, hutt déi Dokumenter och alleguerte kritt, hutt och d'Erklärunge vun eise Beamte kritt, soudass ech wierklech géing bieden ëm d'Versteesdemech vum Conseil communal, dass mer ophalen, eis Beamten zouzetässele mat éiweger Rechercheaarbecht, déi maachen, dass mer net viru kënne kommen op Dossieren, déi méi wichteg sinn.

Ech mengen, dass hei all d'Dokumenter geliwwert gi sinn, déi gefrot waren, an och d'Erklärungen um Niveau vun de Servicer konnten ageholl ginn. Voilà, ech soe Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Zwally nach eng Kéier.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, ech wëll awer nach kuerz op dat agoen, wat och hei den Här Baum gesot huet, respektiv och nach eng Kéier d'Madamm Braz, an och den Här Schmit.

Den Här Schmit schwätzt hei vun Dysfunktionementer. Et ass op kee Fall dat. Ech hunn nach net hei festgestallt a menge siwe Joer, an och a mengen 22 Joer, déi ech elo hei sinn, dass Dysfonctionnementer an de Servicer herrscht. Fir da mat engem Argument ze kommen, wéi wann duerzestellen, wann näischt géif geschéien, oder näischt an där Rei géif geschéien, sou wéi et virgesinn ass. Dat wëll ech awer hei kloer soen.

Ech mengen, eis Beamten, déi domadder betraut sinn, ech vertrauen deene komplett, a si sinn och wierklech déi Leit, op déi mer eis musse verloossen a mir kënnen dat och maachen.

Zu dem Invest. Mir sinn an enger Richtung, wou mer versichen, deem gerecht ze ginn, wat eigentlech d'Fuerderung elo ass vun allen deenen, déi elo de Sport an der Hal maachen. Dofir hunn ech dat nach eng Kéier wëlle preziséieren, dat ass fir den Halesport.

Ech selwer gi ganz oft konfrontéiert als Sportschäffe mat der Diskussioun, firwat maacht Der elo fir déi eppes, a mir dobausse kréien erëm eng Kéier näischt. Da muss ech déi erëm eng Kéier drun erënneren, wéi dat, wat ech am Virfeld gesot hunn, dass déi och ëmmer erëm kréien oder kritt hu par rapport zu hinnen.

Also et schonn en Ekiliber, deen ee muss ganz einfach anhale par rapport zu deene 94 Veräiner, déi mer hei an Esch hunn, an déi

mussen deementsprechend och, jiddwereen op seng Manéier, well jiddwereen huet en anere Besoin, ganz einfach goen.

Jo, mir vergiessen och ganz einfach, dass a Schoulen och vill investéiert gouf. Och an d'Sportshalen an de Schoule selwer, déi mer elo erëm zousätzlech kënne benotzen. Ech mengen, et ass einfach eng Evolutioun, déi elo amgaangen ass, déi mer herno ganz einfach mussen am A behalen. Ech schwätzen elo mol vun der Lentille Terres Rouge, ech schwätzen och vun der Metzeschmelz. An do ass dat net vergiess.

An da mengen ech och, Madamm Braz, wann Der net zefridde sidd mat Äre Question-parlementairen an net mat den Äntwerten, déi Der do kréien. Ech kann Iech se, respektiv och dëse Schäfferot kann Iech déi net ginn. Mir kënnen Iech nëmmen d'Aktualitéite ginn, déi domadder verbonne sinn. An den Här Mischo ass dofir zoustänneg, hien a säi ganze Staff. An an deem Sënn ass dat och meng Äntwert op dat, wat gefrot gouf.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally. D'Madamm Braz huet d'Wuert.

**Mme Liz Braz (LSAP)**

Nach eng Kéier Merci fir d'Erklärungen an deem Dossier, Här Zwally. Gutt, datt ech Iech hunn, fir mer den Dossier ze erklären. Ech weess zwar elo genau esou vill wéi virdrun, well ech war effektiv gutt informéiert iwwer alleguer d'Pièecen an d'Prozeduren, déi et bis elo hei gi sinn.

Wann ech just däerf kuerz nofroen, well Dir hat virdru vun de Finanze geschwat. Dat heescht, d'Sinografieskäschten an och déi vun den Architekten, déi bis elo engagéiert gi sinn, déi sinn net vun der Gemeng gedroe ginn, mee vum Sportsministère. Ass dat esou?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Nee, dat ass net esou. Also mir hunn ... Vu wat fir engem Projet schwätzt Der?

**Mme Liz Braz (LSAP)**

Vum Musée.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

De Musée, dat ass, à ce stade hu mer do ... kréie mer dat herno vum Ministère erëm.

Ech ginn Iech, ech ginn Iech den Ziedel eriwwer mat den Zuelen. Da kënnt Der se ganz genau noliesen.

**Mme Liz Braz (LSAP)**

Okee, an der Rei.

Bon, ech stellen am Fong elo engersäits ... ech gi just op eng Remark an, déi gesot ginn ass, wou dann ëmmer erëm probéiert gëtt, de Ball vu lénks no riets ze schéissen.

Ech weess, dass de Georges Engel als Sportminister, wéi hien déi lescht Informatioun an dësem Dossier kritt huet, bei den Här Bausch deemools uklappe gaangen ass, fir deem déi ganz Problematik och ze schilderen a fir vun him ze froen, ob een do kéint Adaptatioune maachen.

Bon, et ass gesot ginn, jo, jo, jo, à voir. Op eemol ware Walen, voilà, mir kennen alles, wat duerno komm ass. Op alle Fall ass dat och en

Dossier, dee kengem Rouden elo méi kann an d'Féiss gedréckt ginn a wou een elo effektiv da mat der aktueller Ministesch muss kucken, wéi ee weiderfiert.

Ech stellen awer elo mat all deem, wat haut un Informatioune gesot ginn ass, fest, dass ganz vill Informatiounen déi lescht Joren net transparent kommunizéiert gi sinn, dass mer eng total Intransparenz deelweis an dësem Dossier haten an dass och einfach vu Responsabelen, net onbedéngt, déi elo haut heibanne vertruede sinn, mee vu Responsabele gelu ginn ass. An dat weist och, wéi dësen Dossier trotzdeem déi lescht sechs Joer verschlampt ginn ass.

Ech stelle fest, dass net all d'Erklärungen novollzéibar sinn, firwat mir haut no sechs Joer nach ëmmer net den éischte Baustee gesat hunn. Ech stelle fest, dass d'Zukunft vun dësem Projet nebulös ass. Ech stelle fest, dass op meng Fro, wou d'Veräiner an där Interimszäit, wou déi zweet Hal wäert renovéiert ginn, hir Matcher wäerte spillen, keng Äntwert haut genannt ginn ass.

An ech stellen och fest, dass de grousse Verléierer an deem ganzen Dossier schlussendlech awer d'Sportsveräiner zu Esch bleiwen, déi ënner enger schwaarz-gréng-blo Politik net virukommen. An dëser Hisiicht mengen ech, ass nach méi wéi genuch ze maachen am Dossier vun de Sportinfrastrukturen zu Esch.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Also et geet ëm déi Käschten, déi schonn engagéiert goufen, déi sinn tatsächlech vum Sportmusée. An natierlech ass ... mir sinn, den Optraggeeber ass ... mir bauen dee fir de Ministère an déi gi weider verrechent. Ech ginn Iech hei awer d'Detailer.

## 4.1. Convention tripartite relative à l'Office Social de la Ville d'Esch-sur-Alzette pour l'exercice 2024 ; décision

## 4.2. Convention réglant les relations et la coopération entre la Ville et l'Office Social d'Esch-sur-Alzette ; décision

## 4.3. Convention concernant le Foyer de nuit AbriSud et la Maison Michels pour l'exercice 2024 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An et ass esou, dass mer da bei den nächste Punkt kommen. Dat sinn d'Konventiounen. Do hu mer eng ganz Rëtsch. Ech ginn dem Här Cavaleiro d'Wuert fir déi éischt dräi Konventiounen, wou eis Sozialinstitutioune betreffen.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech denken, et ass hei net vill ze soen. Ech mengen, déi Konventioune kennt Der. Déi Konventioune goufen an den eenzele Kommissioune scho presentéiert. Dat sinn Avenanten zu de Konventiounen, wou mer bis elo eebe scho kennen an den eenzele Beräicher.

Ech mengen, déi éischt Konventioun ass eng Tripartiteskonventioun tëschent dem Office social, d'Stad Esch an, wéi gesot, de Ministère. Déi zweet ass dann eeben eng tëschent d'Stad Esch an dem Office social. D'Konditiounen hunn do elo net esou geännert. Ech mengen, dat sinn ëmmer Adaptatioune par rapport zu Indicen, respektiv par rapport zu Augmentatiounen de participation, déi eeben den Office social ze leeschten huet, wou och d'Gemeng Esch à concurrence vu sengem, vu senger Participatioun ze droen huet.

D'Konventioun vum Foyer de nuit AbriSud a Maison Michels, och do si mer an der nämmlechter Logik wéi virdrun, en Avenant. Just do vläicht nach ze notéieren, datt natierlech op dës Budgetisatioun vun de Käschte gekuckt ginn ass, fir awer verschidde Beräicher mat eranzehuelen an de Käschten, wou och de Minstère dës Kéier dréit, zum Beispill de Gardiennage, deen awer en héije Poste war, dee mer do selwer virdru gedroen hunn, wou och elo de Ministère seet, datt se bereet sinn, dat matzedroen.

Et muss een awer nach betounen, dass zum Beispill an deem Beräich AbriSud a Maison Michels ganz dacks Fraisen, déi mir als Administratioun droen, datt net ëmmer ze berechne sinn a wou een dann dee Moment net eent zu eent am Budget kann drasetzen an datt déi dann deementspriechend net gedroe gi vun der Konventioun.

Mee dat si mer elo schonn amgaangen, dorunner ze schaffe fir den neien AbriSud, wann dee bis da steet. An do kann ech Iech awer och confirméieren, datt mer do komplett am Timing sinn, wéi ech dat och hei op dëser Plaz schonn annoncéiert hat, datt mer an deem Moment déi Fraisen, déi mir als Administratioun droen, datt mer se deementspriechend dann och konkreet budgetiséieren, fir dat herno och vum Ministère kënne bezuelt ze kréien.

Do schwätze mer zum Beispill vu Beräicher an der Ressource humaine, an der Informatik an nach aner Saachen, wou eng Gemeng normalerweis iwwer seng Servicer dréit.

Voilà, ech géif Iech dofir proposéieren, déi dann ofzestëmmen. Dat wier et.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Froen oder Remarken zu dëse Punkten? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

## 4.4. Convention tripartite avec l'association Wunnengshëllef ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Konventioun mat der Wunnengshëllef. Dat ass eng Konventioun, déi ... do geet ëm de Projet Jugendwunnen, dee si bei eis um Escher Territoire maachen.

Do finanzéiere mer zesumme mam Familljeministère en SAS-C6-Posten. Et ass hei eigentlech just en Avenant, dee mer stëmmen, wou dann un d'Lounentwécklung ugepasst gëtt.

Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 4.5.1. Convention-cadre avec la société CFL Mobility relative à la mise à disposition d'emplacements de stationnement et de véhicules, accessibles à tout client ; décision

### 4.5.2. Contrat avec la société CFL Mobility relatif à la mise à disposition de 8 emplacements de stationnement et de 8 véhicules, accessibles à tout client ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer d'Konventiounen, déi d'Mobilitéit betreffen. Ech huelen einfach déi dräi nächst, dofir ginn ech dem Här Sehovic d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech proposéieren dem Gemengerot, dass mer d'Punkte 4.5.1., also d'Convention-cadre mat CFL Mobility, an de Punkt 4.5.2., de Contrat de mise à disposition, dass mer déi zesummen debattéieren an ofstëmmen, vu dass et sech eigentlech ëm de selwechte Projet handelt, deen zwou verschidden, zwee verschidde Voleten huet.

Eis Stad ass stänneg um wuessen an domadder ginn natierlech och d'Erausfuerderunge fir eis Mobilitéit a fir eise Verkéier méi grouss. An dowéinst sinn ech eigentlech frou, dass mer haut eigentlech e ganz innovative Projet, deen och nohalteg ass, heimat an de Gemengerot kënne bréngen. Et geet ëm d'Installatioun vun aacht zousätzleche Carsharing-Parkplazen an den entspriechenden Autoen op stateegesch definéierte Plaze vun eiser Stad.

Mir wëlle mat dësem Projet eigentlech d'Offer un ëmweltfrëndleche Mobilitéitsoptioune fir eis Bierger méi flexibel a méi komplett gestalten. Ech mengen, dass de Carsharing dozou bäidroe kann, dass d'Zuel vun den Autoen op eise Stroosse reduzéiert gëtt, wat zu manner Stau, manner Loftverschmotzung, enger besserer Liewensqualitéit féiere kann.

Carsharing kann awer och en ekonomeschen Impakt hunn. Net jidderee ka sech de Luxus vun engem eegenen Auto leeschten; grad och net, wann een en eigentlech net oft, just a verschiddene Situatioune vläicht brauch. Mir hunn 30 % vun der Populatioun zu Lëtzebuerg, déi sech guer keen Auto ka leeschten.

Hei schafe mer eng méi käschtegënschteg Alternativ, fir do, wou e punktuelle Besoin kann entstoen, eng, en Auto oder och eng Camionette – dozou ginn ech gläich an – kënnen ze lounen.

Mir sinn hei an der Situatioun vun enger Pilotphas. Dowéinst gesi mer jeeweils zwou Parkplaze mat zwee Gefierer a véier Quartiere vun der Stad vir. Eng Kéier am Quartier Brill, dat ënnert, also um Parking Viaduc, ongeféier op der Héicht vun der Brillplaz. Eng Kéier am

Quartier Lalleng op der Place de l'Exposition, eng Kéier am Quartier Uecht op der Place Victor Hugo an eng Kéier am Bruch op der Place Benelux.

Op der Place Benelux ass et och esou, dass mer mat CFL Mobility eis dorop verstännegt hunn, fir enger grousser Demande nozekommen. Nämlech dass mer op deenen zwou Parkplazen een Auto wäerten hunn, an dann awer och eng zousätzlech Camionette, déi een da ka lounen, grad wann da méi grouss Saache musse punktuell transportéiert ginn. Dat war eis, dat war eis ganz wichteg.

Vläicht e puer Detailer zu der Konventioun an och dem Kontrakt. Dat eent ass d'Convention-cadre, déi d'Zesummenaarbecht tëschent deene verschiddenen Acteuren determinéiert, an net forcement d'Emplacementer, déi en cours de route kënnen adaptéiert ginn.

D'Mise à disposition vun de Parkplaze gëtt iwwer de Kontrakt, also dat zweet Dokument, gereegelt. Dëse Kontrakt gëllt no der Approbatioun vum Conseil communal ab dem 1. Juli a soll elo mol sechs Méint lafen – also bis Enn 2024.

Mir sinn also am Kontext vun enger Pilotphas. Wisou Pilotphas? Well mer eigentlech wëllen testen, wéi déi nei Offer ugeholl gëtt. Mir hunn zwar scho Carsharing op eisem Territoire. Mir hu véier Parkplazen.

Mir wäerten do eigentlech mat där heiten Decisioun d'Offer verfënneffachen innerhalb vu ganz kuerzer Zäit. An et geet awer drëms ze kucken, ob déi Offer op deene Plazen, wou mer se schafen, och do ugeholl gëtt oder ob mer eventuell och d'Emplacementer mussen upassen.

Ech verweise gären op den Artikel 4 vum Kontrakt, wou kloer gereegelt ass, dass effektiv an der Pilotphas an den nächste sechs Méint mer als éischt emol mat thermeschen Autoe wäerte fueren.

An duerno, wa mer de Projet perenniséieren, da muss jo hannendrun, fir dass mer kënnen elektrifizéieren och an där doten Offer, Bornen installéiert ginn, Luedebornen installéiert ginn an d'Infrastruktur och op deene Plazen en place gesat ginn, fir dass mer do kënnen elektrifizéieren.

Dat wëlle mer awer eréischt maachen, wa mer definitiv sécher sinn, dass dat do och déi Emplacementer sinn, op deene mer elo bleiwen. Dat wäerte mer, wéi gesot, evaluéieren dann an den nächste sechs Méint. An da wäerte mer no der Periode d'essai zesumme mat CFL Mobility och nach eng Kéier déi Offer evaluéieren, a gegeebenenfalls och upassen.

Ech soen Iech Merci a freeë mech op eng konstruktiv Diskussioun.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic. Ginn et Wuertmeldungen zu deem Punkt? Den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, ob dat hei elo vill konstruktiv ass, weess ech ... also ob dat eng laang Diskussioun gëtt, weess ech net.

Ech denken, dass mer am Sënn vun der Zäit sinn, fir eng, fir Carsharing an Esch unzebidden. Also ech hoffen op jidde Fall, dass de Carsharing sech net nëmmen op Esch oder op d'Stad begrenzt, mee ech mengen, de Carsharing haaptsächlech doduerch en Erfolleg gëtt, wann de Reseau, wat de Reseau méi grouss ass.

Ech begréissen och, wat Der sot, well dat war e bësse mäi Bauchwéi, deen ech hat, wéi ech dat, déi Konventioun do gelies hunn. Dat ass, dass d'Suite effektiv elektrifizéiert ass an dass d'Testphas just mat thermesche Ween funktionéiert, fannen ech, mécht absolutt Sënn.

Ech géif awer den Ustouss an eng Richtung ginn, dass aacht Parkplaze fir aacht Autoen, dass ee sech do vläicht méi eng Méiglechkeet vu Flexibilitéit gëtt, wou een den Auto histellt.

Komm, mer soe mol eng ... et gi jo vläicht Quartieren, nach aner Quartieren d'Gléck, wou net onbedéngt den Auto ëmmer soll higehéieren, mee Dir verstitt, wat ech wëll soen. Dass et iergendwéi, net esou komplizéiert ass, wann déi eng Parkplaz fort ass, dass een op eemol muss bis op Lalleng fueren, fir en ze setzen, mee dass ee sech do vläicht méi am Raum d'Méiglechkeet gëtt, fir d'Autoen ze setzen.

Mir wëssen, wou normalerweis ... an dat ass jo de selwechte Prinzipp, wéi mat eise Véloen. Et sinn einfach verschidde Statiounen, déi méi, déi méi begléckt ginn doduerch einfach, well se besser stinn, oder well se einfach bei Saache stinn, wou eebe genau dann déi Autoen do solle genotzt sinn.

Voilà, eppes Aneschters wéilt ech vläicht awer och just als Remark maachen. Ech hoffen, Dir wësst, dass den Nulltariff just nëmme fir déi éischt sechs Méint gëllt, an dass et awer duerno e puer Su kascht.

Ech hoffen, Dir wësst, Dir sidd dorop e bësse virbereet, dass dat doten net zum Nulltariff kënnt. Vläicht kënnt Der eis do déi Äntwert ginn, wat herno soll domadder geschéien. An dofir, fir mech ass et e gudden Ustouss an ... well am Moment stinn déi Autoe jo just op de Garen.

Ech mengen einfach, déi gehéieren an d'Stad dran, dass se en Deel oder eng Méiglechkeet sinn, wéi Der sot, et si vill Leit, déi sech keen Auto méi kënne leeschten, fir do eng Méiglechkeet hunn, fir mobill ze bleiwen, oder respektiv och mat Camionetten emol kënne Kommissioune maache goen, déi een dann eebe mat esou engem Gefier ka maachen. An net jidderee mengt, e misst sech e Panzer an e SUV kafen, well e mengt, e misst eng Kéier an de Batiself oder an en anere Baumaart da fueren.

Dofir, mir begréissen dat doten. Mir stëmmen dat doten natierlech och mat, a mir hoffen op e weideren, also méi e grousst Netzwierk. Villmools Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Madamm Ragni.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter. Carsharing ass e Begrëff, deen een am Alldag ëmmer méi héiert. Wat hei extreem flott ass ass, dass dee Carsharing wierklech ... also d'Leit mussen net bei déi Autoe kommen, mee d'Autoen, de Prinzipp am Fong, d'Autoe kommen an dee Quartier. Dat heescht, d'Leit, d'Weeër gi méi kuerz gemaach, et gëtt einfach de Leit et vereinfacht och, fir dee Carsharing ze benotzen.

E weideren Aspekt, fannen ech, ass awer och, well gesot ginn ass, dass ganz vill Leit sech eigentlech keen Auto leeschte kënnen, denken ech awer och hei prinzipiell un déi Jonk, déi einfach e Fürerschäi maache wëllen an duerno awer zum Beispill aus dem Familljenhaus vläicht net onbedéngt sech direkt en Auto leeschte kënnen. Hei kënne si och vun där heiter Offer profitéieren, fir wierklech och esou en Auto ze lounen.

Natierlech eng Camionette, dass dorunner och ugeduecht ginn ass. Einfach och, fir emol ze plënneren oder fir emol méi grouss Saachen ze transportéieren, ass eng ganz gutt Saach.

Flott ass et och, dass eeben no deem, där Pilotphas eeben dru geduecht gëtt, fir awer dann op Elektroautoen eriwwerzesprangen an een och dofir eeben suergt, dass d'Ekologie dann awer och am Hannerkapp behale gëtt an eeben op de Verbrennungsmotor dann dee Moment och verzicht ka ginn. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni. Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech kann et och ganz kuerz maachen. Dat do ass sécherlech wierklech e flotten an interessante Projet. Och de Partner mat CFL Mobility, déi wierklech och Erfarung doranner hunn, ass sécherlech richteg.

Déi Bedenken, déi ech am Ufank och hat, wat, datt Der net direkt mat thermesch ufänkt, pardon, mat elektresch ufänkt, mee mat thermesch ufänkt, hutt Der, mengen ech, och gutt erkläert.

Ech mengen awer och, datt et net nëmmen eng Fro ass, fir sech en Auto leeschten ze kënnen oder net leeschten ze kënnen. Et ass och einfach, mir kënnen hei zu Esch, wa mer eis schlau ustellen, et wierklech fäerdegbréngen, d'Stad vun de kuerze Weeër ze sinn. A wann een dann emol eng Kéier awer en Auto brauch, kann een och op déi doten, op dat doten Ugebuet zeréckkommen.

An datt mer et eigentlech all de Leit méiglech, oder probéieren an déi Richtung ze goen, fir esou vill Leit wéi méiglech et méiglech ze maachen, datt se net selwer musse Proprietär vun engem Auto ze sinn, an awer en Accès zu enger kompletter Mobilitéit ze hunn. Dat hei ass e Schrëtt dohinner a mir ënnerstëtzen deen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. D'Madamm Scholl wëll och nach eppes soen.

**Mme Daliah Scholl** (DP)

Jo, ma ech fannen, ech fannen dat eng ganz ganz flott Saach, well et engersäits och de Stellewäert vum Auto mol e bësselchen a Fro stellt an eng Flexibiliséierung am Fong garantéiert.

Den Auto, deen ass am Fong, wéi den Här Baum gesot huet, engersäits ass en elo nach ugeduecht als Besëtz, awer ech denken, dass den Auto lues a lues ëmmer wäert méi, solle mer soen, an den Hannergrond kommen, mee oder och vläicht aneschters ka gebraucht ginn.

Wat ech awer nach wollt froen, Här Sehovic, ass am Fong: Wéi ass eise Reseau vun eisen, vun eisen Opluedstatiounen? Gëtt deen an Zukunft nach weider ausgebaut? Wéi gesäit dat aus? Well wa mer do iwwerhaapt wëllen en Ëmdenke garantéieren, wéi och notamment mat där Flex-Geschicht, déi ech super fannen, wéi wëlle mer eis do an Zukunft opstellen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, fir d'alleréischt fir déi breet Ënnerstëtzung fir dëse Projet.

Ech fänken hannen un. Mir hu jo elo, wéi ech virdru gesot hunn, eigentlech wëlles, a ganz ganz kuerzer Zäit d'Offer ze verfënneffachen. Mir hu versicht, um Niveau vun den Emplacementer elo schonn eng besser geografesch Couverture vun de Quartieren ze maachen. Bon, natierlech ass awer, an dat musse mer elo awer à fur et à mesure och kucken, wéi och déi Offer ugeholl gëtt, eeben ugeduecht, dass mer do weider ginn.

An ech mengen, dass ee perspektivesch an enger Universitéitsstad, wou mer vill Studenten hunn, wou mer Chercheuren hunn, wou mer och ëmmer méi Mënschen hunn, déi ganz divers Mobilitéitsbesoinen hunn, dass mer déi doten Offer um Niveau vum Autoleasing oder Autosharing, mee och um Niveau vun aneren Transportmëttelen – mir hunn duerno nach e weidere Projet, dee sech doran aschreift –, och wat de Vëlo an de Cargobike ugeet, dass mer do mussen déi Offer ëmmer weider denken an ausbauen, mam Zil, dass mer méiglechst gutt all eis Quartiere multimodal a mat ville verschiddene Mobilitéitsoffere kënne bedéngen.

Dass dat Ganzt no där Testphas natierlech mat engem Käschtepunkt wäert verbanne sinn, dat, mengen ech, musse mer eis alleguerte bewosst sinn. Ech gesinn et als Service public, deen d'Stad wëll hire Biergerinnen a Bierger zur Verfügung stellen. An dowéinst si mir op d'mannst der Meenung, dass et och derwäert ass, do Käschten ze engagéieren.

Vläicht nach eng Remark, déi, mengen ech, wichteg ass an déi och de Choix guidéiert huet vum Partner, dee mer hei wielen. Nämlech dass hei wuel eng Offer hunn op Escher Territoire, mee déi Escherinnen an Escher déi do Offer och kënnen iwwerall am Land wouerhuelen effektiv mat dem selwechten Zougang.

Et ass effektiv esou, dass een am Moment ... déi Parkplazen, déi do sinn, déi si reservéiert eigentlech just fir de Carsharing. Dat heescht, wann déi eidel stinn, well deen Auto grad a Gebrauch, da mussen déi och eidel stoe bleiwen. Et ass keng normal Parkplaz an deem Sënn.

An et ass e System, e bëssen anescht wéi ee vläicht a ganz grousse Stied kennt. Effektiv, am Ausland, wou een e komplett fräie System huet vu wou een den Auto ofhëlt a wou een en och erëm zeréckstellt. Dat ass hei ausdrécklech net méiglech, net virgesinn. Et hëlt een den Auto op enger Parkplaz an et ass ee censéiert, se op der selwechter Parkplaz och erëm zeréckzebréngen, nodeems een e benotzt huet.

Et sinn Tester gemaach gi fir e sougenannten A-op-B-System anzeféieren, wou een den Auto op enger Plaz géing huelen, op enger anerer Plaz erëm géing stoe loossen. Et ass e System, wou mer zu Lëtzebuerg weeder d'Populatioun hunn, nach eigentlech den Territoire, fir dass een dat iergendwéi kéint, iergendwéi kéint käschteneffizient organiséieren.

An dowéinst ass een och erëm zeréckgaangen op deen A-A-System, wou een den Auto op déi Plaz erëm zeréckbréngt, wou een en hiergeholl huet. An an deem Sënn ass jo och esou wichteg, dass mer déi geografesch Offer diversifizéieren an der Stad.

Wéi gesot, ech mengen, dass mer hei eng flott Offer fir d'Biergerinnen a Bierger hunn, an ech soe wierklech Merci fir déi breet Ënnerstëtzung.

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Sehovic. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ⊜ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Schmit, wëllt Dir Är Abstentioun begrënnen?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, et ass am Fong geholl esou, datt ech mer nach net richteg ersiichtlech ass, wat erëm eng Kéier de Käschtepunkt vun deem Ganze wäert sinn, surtout par rapport au long terme. Käschtepunkt par rapport vun der Gemeng, Käschtepunkt, de reelle Käschtepunkt par rapport och duerno zum Utilisateur.

A vu que datt ech do Zweiwel hunn an dat meeschtens ëmmer méi deier gëtt, wéi et iergendwéi ugeholl gëtt, sinn ech fir de Moment e bësse reservéiert. An dofir déi Abstentioun.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

### 4.6. Convention avec la société POST Luxembourg relative à la mise à disposition gratuite d'emplacements de station PackUp ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei den nächste Punkt, d'Konventioun mat der Post. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng), Schäffen

Déi heite Konventioun ass opgrond vun der Demande eigentlech vun der Post am Laf vun 2023 zustane komm. D'Post stellt en enorme Besoin u weidere Statiounen um Escher Perimeter fest. De Moment gëtt et am ganze Grand-Duché 140 Statiounen, an dovunner sinn der och schonn haut siwen zu Esch.

Et sinn insgesamt 1,7 Millioune Colisen am Laf vum Joer 2023 iwwer de Wee vun deene Packup-Statioune verdeelt ginn. Mir hunn am Moment nieft der Statioun beim Escher Haaptgebai vun der Post sechs weider Statiounen op aktuell Privatterrainen, notamment Supermarchéen, Tankstellen.

D'Avantagen, mengen ech, vun deem Verdeelsystem leien op der Hand. Et handelt sech ëm e Service de proximité, wierklech am klassesche Sënn vum Wuert, dee 24 Stonnen op 24 dagdeeglech verfügbar ass fir d'Biergerinnen a fir d'Bierger. An en evitéiert verschidden, souguer e puer méi Weeër an d'Post-Gebai hei am Zentrum, wouvunner ech mer och eng entspriechend Reduktioun eigentlech vum Verkéier am Zentrum erwaarden.

No Analys vun der Post zesumme mat eise Servicer si véier zousätzlech strateegesch Emplacementer definéiert ginn, fir och do de geografesche Coverage vun deene Statiounen ze erweideren. An nei eeben, déi dote véier Emplacementer sinn am Domaine public. Et sinn dës de Parking St. Joseph, de Parking Helen Buchholz, d'Place Stalingrad an d'Voie de desserte, wou de Kiss&Go ass, am Beräich vun der Schoul Nonnewisen.

Mir hunn eng Emprise vu jeeweils 5 $m^2$ +/- bei all Statioun. An déi definitiv Emplacementer, sou wéi dat och an der Konventioun steet, ginn elo nach an der Suite genee definéiert. Do wäerte mer dru schaffen, soubal wéi mer den Accord hu vum Conseil communal.

D'Fraise vun der Installatioun ginn integral zu Laaschte vun der Post an d'Decisioun vum zukünftegen Demontage läit bei der Stad Esch als Gerant vum Domaine public. Ech bieden ëm Är Ënnerstëtzung och fir deen heite Projet.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic. Ginn et Wuertmeldungen? Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Sehovic, fir Är Presentatioun. Erlaabt mer awer éischter op e Volet vun engem Schäfferotskolleeg ze kommen, well ech kucken dat doten aus enger éischter wirtschaftlecher Approche.

Den 10. Juni 2021 hunn de Komerod Hansen an ech eng Motioun zu enger Fermeture vum Postbüro zu Lalleng presentéiert – Dir kënnt Iech dorunner erënneren. An ee vun eise Considerantë war, dass d'Post en Etablissement public ass, wou awer och den Déngscht vum Bierger soll priméieren.

Dëst gesot muss ech festhalen, dass Lalleng nach ëmmer net op ass, Lalleng awer zou ass, d'Bieleser Strooss zou ass, de Belval zwar opgaangen ass, mee mer kommen do awer net richteg weider.

An elo hu mer dann d'Decisioun hei virleien, dass mer véier weider Packup-Statiounen zu Esch sollen installéieren. An ech ginn d'Gefill éierlech gesot net lass, dass domadder einfach sollen d'Guichete reduzéiert ginn an de Service um Bierger domadder soll reduzéiert ginn.

Sot ech virdrun, dass et der véier wären, déi mer elo weider opriichten, Dir hutt et gesot, mir hunn der scho siwen hei zu Esch. Dir hutt eis och iergendeng Zuel genannt vu 1,7 Millioune Päck oder ech weess et net. Wéi vill sinn dat der dann hei zu Esch konkreet?

A wann dat dann esou ass, wéi oft ginn déi reellement benotzt a wat ass den Taux de fréquentation vun deene siwen, déi schonn do sinn? Wéi vill Escher Biergerinnen an Escher Bierger hunn esou eng Liwweradress iwwerhaapt an hirem E-Commerce dran? A wat geschitt mat der Packup-Statioun, déi schonn zu Lalleng beim Supermarché steet? Gëtt déi mat geplënnert oder wat wäert do geschéien? Dir hutt do vläicht méi Informatiounen.

Mee da muss ech awer och feststellen, dass ech weeder am E-Conseil, nach am Printdossier d'Pläng fonnt hunn, wou se hikommen. An dës Pläng sinn eng Partie intégrante vun dëser Conventioun. A se leien eis net vir. Ech ginn net dovun aus, dass et gewollt ass, mee wisou kréie mer se net? A ginn et se iwwerhaapt schonn?

Eppes ze stëmmen, wat net komplett ass, war bis dato net usus hei am Haus, an ech hoffen,

dass dat och net d'Reegel gëtt. Mee an der Konventioun hunn ech och net wierklech erausgelies, wat den Operateur vun deene Këschten un d'Stad Esch muss iwwerweisen, fir d'Plaz, wou benotzt gëtt. Ginn ech elo mol dovun aus, dass d'Redevance Null ass, dann ass dat awer eng flott Saach, fir den E-Commerce weider ze ënnerstëtzen. Jo, Dir héiert de Sarkasmus elo liicht hei eraus.

Eis alleguerten heibannen an allen Escherinnen an Escher läit d'Geschäftswelt um Häerz. An de CLAIRE huet erausfonnt, a sämtlechen Etüden, dass den E-Commerce de gréisste Konkurrent oder ee vun de gréisste Konkurrente vum lokale Commerce ass.

A wat solle mer elo hei decidéieren? Komm, mer installéiere weider Packup-Statiounen zu Esch. A jo, et kënnt awer nach en anere Punkt dobäi. Wierklech verschéinere maache se eist Stadbild net – ech hoffen, do si mer eis eens. Jo, et ass eng Affaire de goût, mee vill Leit hunn ech bis dato nach net begeeschtert gesi vun der Optik a vum Design vun deene Këschten. An hei am Sall sinn Experten, wat d'Kultur ugeet: Ech loosse mech ganz gären engem anere beléieren, vläicht och am Kader vun der Biennale architecturale. Ech weess et net.

Mee ech wëll awer och elo just nach eng Kéier dorun erënneren, dass mer de lokale Betriber Reglementer op Reglementer opdréngen, wat faarweg Prabellien ugeet, wat Still an Dëscher, déi se däerfen eraussetzen, ugeet, oder wat se kënne virun hiren Enseignë presentéieren.

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, déi Saachen, déi mer mat deene Reglementer wollte verbidden, ware menger Meenung no net schlëmmer fir d'Stadbild wéi déi Këschten, déi elo sollen opgestallt ginn.

Ech froen dofir de Schäfferot wierklech, ob si dat heite mat Âme et Conscience kënne matdroen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck. Den Här Zwally wollt vläicht eppes zu der Post soen.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, Merci, Här Funck. Et ass effektiv esou, datt mer versichen, fir ausgangs der Grousser Vakanz déi Antenn Bibbs opzemaachen. Ech mengen, Dir schwätzt jo do vun der Antenn Bibbs, déi virgesinn ass fir de Seniorsberäich.

Mir hunn eis deemools Gedanken doriwwer gemeet, opgrond vun der demografescher Situatioun an den eenzele Quartieren hu mer nach déi Meenung, dass, vu dass awer zu Lalleng déi meescht eeler Leit wunnen, fir dann do eng Antenn opzemaache fir si.
Gläichzäiteg hu mer jo dann och Gespréicher gefouert, well zu deem Zäitpunkt jo d'Decisioun komm war, fir d'Post-Filialen zouzemaachen, ënner anerem och déi, déi zu Lalleng war.

An déi, wou mer dann do kréien, déi wäert dann eemol an der Woch wäert ee vun der Post do sinn, deen de Guichet da wäert benotzen, deen awer, an dat wëll ech elo hei an de Raum stellen, virgesinn ass fir eeler Leit. Et kann een net einfach dohinner goen an einfach elo jiddwereen dohinner drainéiere fir ze soen, sou, hei d'Post ass op, well dat do ass en neie Guichet, dir kënnt dohinner kommen. Dat ass net de Fall.

Ech wëll exklusiv soen, dass et och nach ... da wäert och e Reglement kommen. Elo an deem Zesummenhang hu mer och eng Notiz erausgeholl an eng Publikatioun, fir dass dat soll da geschéien. Ech wollt dat just kloerstellen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci.

Ech wëll drop hiweisen, dass duerch déi heiten Decisioun mer wierklech de Service un de Biergerinnen a Bierger wëlle verbesseren, fir eebe sécherzestellen, dass se net musse sech wäit deplacéieren onbedéngt an de Postbüro.

Wa se dat net wëllen, wa se dat net kënnen, dass se heimat eng Offer kréien, 24 Stonnen op 24, wat Leit den Zougang facilitéiert, mengen ech, déi schaffen, an dass duerch déi heiten Decision keen eenzege Guichet zougemaach gëtt iergendwou. Et ass e Plus un Offer a kee Manner.

Par rapport zu de Pläng, déi feelen, wëll ech drop verweisen, dass an der Konventioun selwer drasteet, dass mer do, nodeems mer den Accord vum Conseil communal hunn, wäerten ënner dem ... wéi soll ech soen, zesumme sur place eng Kéier kucken, wéi mer dat maachen, an da wäerten d'Pläng an déi néideg Demarchë gemaach ginn.

Wat den Taux de fréquentation ugeet, muss ech elo nach eng Kéier drop hiweisen, dass mir deen elo net als Stad Esch bedreiwen, soudass déi Zuelen, déi ech genannt hunn, ëffentlech zougänglech Zuele waren, déi ech elo séier fonnt hat. A wann Der do detailéiert Zuele wëllt, da géing ech Iech invitéieren, Iech un d'Post ze riichten.

An da vläicht nach e leschte Punkt. Dat ass eng Mise à disposition effektiv zum Nulltariff. Genausou wéi och déi Parkplazen, déi mer um leschte Punkt gestëmmt hunn, och zum Nulltariff zur Verfügung gestallt ginn.

Mee nach eng Kéier, dat well mer e Service un de Biergerinnen a Bierger ubidden, deen eiser Meenung no d'interêt public ass. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Sehovic. Au vote.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☒ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☒ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 4.7. Convention de mise à disposition avec AGORA relative à l'installation d'un Pumptrack ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Konventioun mat AGORA wéinst dem Pumptrack. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Mir hunn eis Servicer ugestallt, fir ze kucken, wéi mer kënnen dee Pumptrack, dee senger Zäit op Lankelz stoung, deen hu mer missen ewechhuelen, wou mer dee kënnen nei placéieren. A mir hunn och dann do eng, en neien Terrain fonnt.

Dat hu mer dann zesumme gemeet, well dat sech um Site vun der Metzeschmelz situéiert. Dir gesitt ongeféier hei, opgrond vun der Presentatioun, wourëmmer, als éischtens emol wéi de Pumptrack, wat fir eng Dimensiounen dass en eigentlech huet a wat fir een Espace en eigentlech och brauch. An et ass och opgrond vun deenen technesche Gegeebenheeten, wou mer versicht hunn, en aneren Terrain ze fannen.

Mir hunn doropshin ee fonnt, an dat ass, wéi Dir gesitt, beim Bâtiment IV op der Metzeschmelz. A mam Emplacement, deen do zeréckbehale gouf, do passt en eigentlech ganz gutt hin. Mir brauchen do och net allze vill ze investéieren, fir en do opzeriichten. E bleift an der selwechter Konfiguratioun wéi déi, déi mer senger Zäit bei Lankelz haten.

An hei gesitt Der dann och déi eenzel Varianten, den Avantage dovunner an och den Incovenient, dee sech dann iergendwou erausstellt, wou mer dann awer wäerten agräifen am Fall, wou dat ass.

Ech mengen, de Site ass ideal, well e ganz einfach a kengem Wunngebitt ass. De Bâtiment IV ass besat mat alleguer deene Leit an deenen Associatiounen, déi do täteg sinn. Mir hunn och mat deenen doriwwer geschwat. Si si begeeschtert doriwwer a mengen, dass dat och fir si eng revaloriséiert Form ass an e bësse méi Liewen do erabréngt, soudass mer dann zesumme mat AGORA déi Konventioun ausgehandelt hunn, déi Der och déi lescht Kéier scho bei Iech hat an dem Dossier.

An, jo, wa Froe wären, géif ech se natierlech gäre beäntweren. An deem Sënn géif ech Iech dann och bieden, deem zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Froen? Den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, Merci, Här Zwally, fir d'Explikatiounen. Uff, en huet dann awer nach eng Zukunft kritt, eise Pumptrack.

Wéi gesot, et ass en Theema, wou mer eis jo länger domat beschäftegt haten, respektiv et war de Lankelzer Quartier, deen Dir jo och gutt kennt, dee sech do zu der doter Diskussioun vill ausgelooss huet. An ech si frou, dass en dann elo endlech eng nei Plaz kritt hat.

Quitt datt ech ... ech mengen awer net, datt ech mech iergendwann eng Kéier an déi Richtung ausgelooss hätt, mee ech hätt e souguer uewen um Gaalgebierg niewent der Äispist gesinn. Do sinn am Rousegäertchen nach wär eng Flaatsch gewiescht, mengen ech, wou en och higepasst, wou een och e besseren Accès huet. Well den Accès do ass elo och net immens. Mee besser wéi nix. Mir si frou, dass en eng Zukunft huet, well et ass schued, fir esou vill Suen einfach op e Koup ze leeën.

Eng aner Fro hätt ech awer dann. An ech mengen, Här Zwally, do gitt Dir mer Recht. Déi Plaz, wou de Pumptrack elo stoung zu Lankelz, also dat läit mir elo e bëssen um Häerz, well dat ass – ech hunn zwar ni vill an net gutt Fussball gespillt, dat bëssen hunn ech do awer geléiert –, dass do ëmmer e Fussballsterrain war. An am Moment läit deen Terrain e bëssen traureg do.

Ech mengen, et wär eng gutt Iddi, ech weess elo net, a wéi enger Kompetenz dass dat elo ass, fir vläicht do erëm deem Quartier awer erëm eng gewëss, där Wiss do erëm eng gewëss Valeur ze ginn.

Also ech géif e puer Goler oder iergendeppes an déi do Richtung géif ech, géif ech begréissen. Dofir, ech denken jo och, dass dat an der Sënn, am Sënn vun der Saach ass. Dofir wäre mer frou iwwer esou eng Äntwert. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Madamm Ragni.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter. Mir hu jo eigentlech déi Philosophie hei e bësselchen entwéckelt, fir déi nei Quartieren, hei d'Metzeschmelz, dann en neie Quartier, dee soll entstoen, fir déi eigentlech opzemaache sou fréi wéi méiglech fir d'Bierger an d'Biergerinnen, fir datt se sech da schonn an deem Quartier e bësselchen integréiere kënnen, och wann nach net ganz vill do steet.

Hei gi mer d'Méiglechkeet deene Jonken, eng Plaz an deem neie Quartier ze hunn, wou se sech da kënnen mat hiren Trottinetten, mat hire Vëloen austoben. Et ass flott, dass eng nei Plaz konnt entstoen. Elo de Moment, wou nach net esou vill Haiser ronderëm stinn a se sech do wierklech kënnen austoben.

Et ass immens wichteg, dass mer esou Plaze fir Jonker och schafen. Ech mengen, si sinn en Deel vun eiser Gesellschaft, si sinn en Deel vun de Bierger a Biergerinnen hei vun Esch. An dofir ass et flott, dass mer hei eng nei Offer fir déi Jonk kënnen nach eng Kéier schafen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, ech wollt dem Här Faltz soen, ech mengen, Dir sidd jo gewinnt, datt mir näischt ewechgeheien. Et ass jo net esou, datt mer et iergendwou leie loossen. Ech sinn do bekannt, datt ech alles sammelen an näischt wëll ewechgeheien. Et war och gutt, datt mer dat gemeet hunn.

Bon, ech si frou, dass mer, dass ech esou eng positiv Zoustëmmung kritt hunn zum Projet selwer.

Wat Är Fro ubelaangt, wat de Lankelz ubelaangt, do ass et esou, datt mer am Moment do e puer Beplanzunge gemeet hunn, fir e bësse méi Rou am Quartier ze halen. Mir denken awer eng Kéier drun, fir vläicht awer och eng Kéier eppes Aneschters ze maachen an zeréckzekommen op eng Spillplaz oder wat och ëmmer.

Ech mengen, dat musse mer eng Kéier analyséieren an dann natierlech och zesumme mat den Awunner, fir ze kucken, dass mer do net Onrou an dat Ganzt kréien. An deem Sënn och Merci dann.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

## 4.8. Carte jeunes ; convention de partenariat entre la Ville et l'ANIJ ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei e Projet, dee scho presentéiert an diskutéiert gouf. Haut d'Konventioun. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Jo, tatsächlech hu mer d'Presentatioun vun deem heie Projet schonn am leschte Gemengerot gehat, dofir ginn ech elo net onbedéngt ganz nach an d'Detailer. Ech mengen, mir hunn en en long et en large presentéiert an och diskutéiert.

Vläicht just e puer Eckdate par rapport zu der Konventioun. Wéi gesot, mir hunn hei elo eng Konventioun ze stëmmen, fir d'Mise en place vun deem Projet kënnen ze maachen. De Projet, wéi ech Iech gesot hunn, wäert mat der Agence nationale pour l'Information des Jeunes, ANIJ genannt. An et geet hei, wéi gesot, ëm eng Carte Jeunes, déi am Kader vun der Carte Jeunes européenne Eyca eebe wäert funktionéieren.

Wéi ech Iech och schonn d'lescht Kéier gesot hunn, ech mengen, de Public cible, Jonker vun 12 bis 30, déi eebe vu spezifesch Escher Avantagë profitéieren, a gläichzäiteg op den Avantagë vun enger europäescher Carte Jeunes.

Aner Detailer, ech mengen, sinn an der Konventioun definéiert, déi mer och schonn hei diskutéiert haten, dofir géing ech Iech wierklech och froen, fir Är Approbatioun fir déi heie Konventioun, datt mer eeben och kënnen am Projet, elo de Projet kënne starten, fir datt mer fir d'Rentrée da prett si fir notamment de Welcome-Package vun de Studenten, fir kënnen d'Kaart unzebidden. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro. Froen dozou? Remarken? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 4.9.1 Convention bipartite concernant le Service d'éducation et d'accueil pour enfants scolarisés ; décision

### 4.9.2. Convention bipartite concernant le Service d'éducation et d'accueil pour enfants non scolarisés ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer zur Konventioun mam Ministère de l'Education nationale. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Ech ka mech ganz kuerz faassen, well dat déi Konventioune sinn, déi mer alljoers erneieren. Et sinn effektiv zwou Konventioune mam Educatiounsministère, wou et ëm de Beräich SEA, also eis Maison-relaisen a Crèchë geet, an notamment eigentlech de Kofinanzement. Dir wësst, 75 % vun de Käschte gi gedroe vum Staat, vum Ministère, 25 % vun der Gemeng. Déi Modalitéite ginn an där heiter Konventioun gereegelt.

Déi éischt betrëfft d'Maison-relaisen, fir Kanner, déi scolariséiert sinn. Déi zweet Konventioun betrëfft eis dräi Crèchen, d'Kanner, déi nach net scolariséiert sinn. Ech bieden ëm Är Zoustëmmung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Froen dozou? Da stëmme mer déi zwou, kënne mer zesumme stëmmen, mengen ech. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 4.10. Contrat de mise à disposition House of Entrepreneurship ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da kënnt de Kontrakt fir den House of Entrepreneurship. Den Här Knaff huet zu deem Punkt d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Dee Kontrakt ass näischt Neies. Et ass en Avenant zu engem Kontrakt, dee mer scho mat der Chambre de Commerce hu fir d'Mise à disposition vun engem Lokal an der Uelzechtstrooss.

E Lokal, wat mir selwer ulounen, wou eng Partie, déi viischt Partie genotzt gëtt fir Popup-Storen, déi e bësse méi laang daueren. An den hënneschten Deel stelle mer der House of Entrepreneurship zur Verfügung, fir do kënne Berodungen ze maache vun deenen Entreprisen, déi sech zu Esch wëllen nidderloossen.

Déi Mise à disposition ass gratuite, well mer mengen, datt de Service, deen d'House of Entrepreneurship fir méiglech nei Investisseuren zu Esch dat meritéiert. Firwat ass et gutt? Et ass fir d'éischt emol gutt fir d'Stäerkung vun der lokaler Ekonomie. D'Grënnung vun neien Entreprisen ass de Motor fir wirtschaftlecht Wuesstem.

Eng Antenn vum House of Entrepreneurship ënnerstëtzt déi lokal Initiativen an encouragéiert d'Schafe vun neien Entreprisen. Dëst féiert net nëmmen zu neien Aarbechtsplazen, mee och zu engem allgemenge wirtschaftlechen Impuls fir d'Regioun.

An den Zougang zu essentielle Supporten a Servicer: D'Entrepreneure kréien Zougang zu personaliséierte Berodungen, spezialiséierte Formatiounen a prakteschen Atelieren. Hir Ressourcen erlaben et, hir Kompetenzen an der Gestioun an Entwécklung vun Entreprisen ze verbesseren. Dann d'Schafe vun engem dynameschen Netzwierk, d'Kreatioun vun engem dynamesche Ekosystem ass weesentlech.

D'Antenn vum House of Entrepreneurship fërdert den Iddienaustausch an d'Kollaboratioun tëscht Entrepreneuren an organiséiert reegelméisseg Eventer a Konferenzen.

Dann d'Erhéijung vun der Attraktivitéit vun Esch. Ech mengen, datt d'Antenn vun der House of Entrepreneurship verbessert d'Bild vun eiser Stad als innovativen an dynamesche Wirtschaftsstandort. Dat kann dozou, dat féiert dozou, datt sech Entreprisen a Fachleit sech zu Esch weider nidderloossen.

An da leschte Punkt, d'Ënnerstëtzung vu klengen, mëttelgrousse Betriben a Startuppen. PMEen a Startuppen hunn d'Méiglechkeet, eng geziilt Ënnerstëtzung ze kréien, fir divers wirtschaftlech Erausfuerderungen ze meeschteren.

Summa summarum si mer der Meenung, datt d'Implantatioun vun der Antenn vum House of Entrepreneurship zu Esch méi ass wéi e reng wirtschaftleche Projet. Et ass am Fong e Gesellschaftsprojet, deen eist soziaalt a wirtschaftlecht Netzwierk stäerkt an eis Stad virbereet, eng Rei nei Erausfuerderungen anzegoen.

Et ass eng Konventioun, déi iwwer sechs Méint dauert. D'Emplacement, dat mer fonnt hate fir d'House of Entrepeneurship, ass net dat allerbescht, well et, wéi gesot, am zweeten Deel vun der, vum deem Lokal läit. Et muss een och déi Start, duerch déi Popup-Storë goen, fir dohin ze kommen,

soudatt gekuckt gëtt och, fir ... also d'House of Entrepreneurship, déi kucken och, fir eventuell en anert Lokal ze kréien. Dofir ass de Kontrakt op sechs Méint nëmme limitéiert bis Enn des Joers.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen zu dësem Punkt? Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Knaff, fir d'Presentatioun.

Dir kennt eis Meenung dozou. D'Madamm Braz huet sech d'lescht Kéier, wéi mer d'Konventioun virgeluecht kritt hunn, dozou geäussert, an ech wéilt awer do bei e puer Saachen uknäppen.

Wann ech elo kucken, mir stellen et weiderhi sechs Méint gratis zur Verfügung, enger Entitéit, där et wirtschaftlech gesinn, mengen ech, méi wéi gutt geet. Zäitgläich maache mer da Saachen, fir klenge Commerçanten ze hëllefen. Déi mussen awer Loyer bezuelen. A wann ech et vergläiche mat Subsiden, déi verschidde Leit oder Associatiounen hei zu Lëtzebuerg kréien, ass dat e Witz.

Mir haten an der Finanzkommissioun gefrot, wat dee Loyer da géif ausmaachen. An du ware mer bei 47.000 € d'Joer. Dat heescht, 47.000 € Subsid, fir dat doten ze kréien. Ech kréie gesot, dass d'Ekonomie doduerch gestäerkt gëtt, ech kréie gesot, dass dat fir nei Nidderloossungen hei zu Esch.

Mee kënne mer dovunner wgl. eng Kéier e Compte-rendu kréien, wat iwwer déi ganz Period, wou mer dat doten zur Verfügung gestallt hunn, dat der Stad Esch reellement bruecht huet. Ech froen net vill, mee ech froen einfach e Compte-rendu dovunner, wat dat doten eis wierklech bruecht huet.

Dann héieren ech elo, dass d'House of Entrepreneurship kuckt, fir e bessert Lokal ze fannen, well et net gëeegent ass. Also wann ech awer elo héieren, dass een och nach meckert, well een eppes gratis kritt, da fannen ech awer wierklech, fänkt et un, e bësse penibel ze ginn.

A wa si soen, si kucke fir en neit Lokal, heescht dat, dass d'Stad Esch fir si kuckt, well mer dann awer vläicht erëm e klenge Subsid kënne ginn. Oder hu se elo genuch Fonge gesammelt, fir selwer kënnen eppes unzelounen? Ech mengen, dat wier awer guer net esou onwichteg ze wëssen.

Quant au fond dass déi Affär, déi mer do wëlle proposéieren, sécherlech net falsch ass, ass d'Aart a Weis wéi mer se ubidden an iwwer de Wee, wou mer ginn, eiser Meenung no falsch. Dir hutt gesinn, an der Finanzkommissioun hu mer dat doten negativ aviséiert als LSAP-Fraktioun, a mir wäerten och als LSAP-Fraktioun dat heiten haut net kënne matstëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck. Den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Funck. Also déi Ausféierung, déi hat Der jo schonn eng Kéier gemaach. An ech ... voilà, ech akzeptéieren Är Positioun dozou. Mir hunn e bëssen eng aner Positioun, well mer mengen, datt et wierklech eng Plus-value fir d'Stad ass.

2023 hu sech 571 Clientë bei der Antenn zu Esch informéiert. Informéiert, fir ze kucken, wéi eng Demarchë se musse maachen, fir sech zu Esch, respektiv an der noer Regioun ze installéieren. Wou se en Knowhow gesot kréien, wou se de Modus erkläert kréien, wéi et muss goen – dat sinn der enorm vill.

571, déi um Standuert Esch, respektiv no Regioun interesséiert sinn.  A mir mengen dofir, datt et wichteg ass, datt dat och dee Moment dee Standuert hei zu Esch ass. Dee kéint och nach anerwäerts sinn, e kéint vläicht zu Diddeleng sinn, e kéint vläicht zu Déifferdeng sinn. A mir mengen awer, datt et wichteg ass, fir de Standuert, datt en hei zu Esch wär.

Si organiséiere reegelméisseg, wéi gesot, Renconteren, Meet the community, tëscht de Porteurs de projet an den Acteure vum Ekosystem. Ech menge schonn, datt se ganz wichteg sinn. Ech mengen, ech deelen Är Aschätzung net par rapport zu deem Loyer, deen Der lech do ausgerechent hutt.

Deen, dat Lokal ass net nëmmen ugelount fir d'House of Entrepreneurship. Do gëtt en Deel, den hënneschten Deel, deen net sech gutt eegent fir de Popup, dee hu mer hinnen zur Verfügung gestallt, dee sech besser eegent, fir individuell Gespréicher ze féiere mat den neie Leit. An de viischten Deel, deen och eng Vitrinn huet, deen ass fir déi Popup-Storen à longue durée gemaach.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Knaff. Au vote.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☒ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☒ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

## 4.11.1 Projet GLC ; contrat de bail 113, rue de l'Alzette entre la Ville et Monsieur Frank ROBERT ; décision

## 4.11.2 Projet GLC ; contrat de sous-location 113, rue de l'Alzette entre la Ville et Madame Sofia PEREIRA ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer zwee Projet GLCen. Den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**
Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Et geet, et handelt sech hei ëm eisen éischte konkreete Projet GLC, deen elo zustane kënnt, nodeem mer d'Reglement gestëmmt haten de 26.  Januar dëst Joer, wou, wéi gesot, et

drëm geet, datt d'Stad Esch fir eng Durée vun dräi Joer e Local commercial ulount an en duerno, wéi gesot, och fir dräi Joer an zu engem preferenzielle Loyer un eng Persoun, déi hir Kandidatur gestallt huet an déi duerch e Jury gaangen ass, weiderverlount.

Wéi gesot, d'Detailer vum Kontrakt hutt Der. Et geet all Kéier op dräi Joer. Et ass e Lokal, wat ëm déi 100 m² huet, mat 80 m² Surface de vente. A wéi gesot, dee Projet, dee sech gemellt hat op eisen Appel à candidature, ass en Dekoratiounsgeschäft, wat och am Jury gutt appreciéiert ginn ass.

Ech géif Iech bieden, deenen zwee Kontrakter zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen heizou? Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**
Merci, Här Buergermeeschter, Merci, Här Knaff.

Effektiv, als Member vum Jury kann ech nëmme soen, dass dat eng ganz produktiv a positiv Renconter war, wou mer iwwer de Projet geschwat hunn. Mir wäerten dat hei selbstverständlech matstëmmen a mir hoffen och, dass méi esou Dossieren an Zukunft wäerte kënne gestëmmt ginn.

Par conter hätt ech just nach eng Fro, an et ass näischt Drameatesches. Déi Dokumenter, déi mir kritt hunn am Jury, déi mer proposéiert kritt hunn, hate vill perséinlech Donnéeën, dass mer déi vläicht net hei am Gemengerot verdeelen.

Mee d'Description de projet, déi am Dossier louch, et wär awer warscheinlech gutt, wann d'Membere vum Gemengerot déi hätten, fir dann einfach do en Abléck ze hunn, vu wéi engem Geschäft mer do schwätzen. Ech mengen, fir d'Transparenz wär dat sécherlech ze begréissen.

Fir de Rescht hoffen ech, dass de Service weider esou dynamesch dorunner schafft, fir dass mer d'Uelzechtstrooss revitaliséiert kréien. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech mengen, tout est dit. Dat do kënne mer maachen, upassen. Dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

**5.1. Organisation scolaire provisoire 2024-2025 ; décision**

**5.1.1. Trame d'organisation scolaire ; décision**

**5.1.2. Rapport LISER concernant le contingent d'heures d'enseignement à allouer au niveau intra-communal sur base de critères socio-économiques ; décision**

**5.1.3. Statistiques et projection des effectifs de classes 2024/2025 ; décision**

**5.1.4. Affectations et départs liste 1 – 1bis ; décision**

**5.1.5 Affectations liste 2 ; décision**

**5.2. Plan de développement scolaire 2024-2027 des 9 entités ; décision**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An da komme mer zum nächste Punkt. Dat ass d'Schoulorganisatioun. De Schoulschäffe Meris Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, a gutt enger Woch geet fir 3.278 Escher Schoulkanner a 413 Enseignanten d'Schouljoer 2023/24 op en Enn. Fir 324 Kanner aus dem Cycle 4.2 ass et souguer déi lescht Woch am Enseignement fondamental, ier se dann am September kënnen am Secondaire ufänken.

Ech erlabe mer dofir och direkt am Ufank am Numm vum ganze Gemengerot dem Escher Léierpersonal en décke fette Merci ze soe fir hiren Engagement. Merci un d'Schoulkommiteeën, un d'Direktioun, un all déi Leit, déi hanner de Kulissen eigentlech all Dag dorunner schaffen, fir e gudde Fonctionnement an den Escher Schoulen ze erméiglechen.

Virun allem awer wëll ech den Damme Margot Bock a Martine Knaff, allebéid aus der Dellhéicht, Merci soen an hinnen eng wuelverdéngt an eng ofwiesslungsräich Pensioun wënschen. An och am Schoulservice hu mer zwee Departen an d'Pensioun.

Ech wëll wierklech e risege Merci a mäi Respekt ausdrécken dem Alain Muller, eisem Portier op der Dellhéicht, dee wierklech ganz laang Jore sech engagéiert huet, fir d'Gebailechkeeten a Stand ze halen a fir e gudde Lien hinzekréien tëscht der Schoul an de Servicer vun der Stad Esch.

An dann awer och Merci soen dem Toni de Sousa Moreira, engem vun eise Chaufferen, deen och a seng wuelverdéngt Pensioun geet an och jorelaang mat beschtem Wëssen a Gewëssen dofir gesuergt huet, dass eis Kanner gutt vun A op B kommen.

Bon, dat akuellt Joer geet op en Enn. An haut musse mir als Conseil communal eis awer och scho mat der Schoulrentrée 2024/25 beschäftegen, diskutéieren an och Decisiounen huelen.

Fänke mer vläicht u mat e puer Eckdaten zur Organisation scolaire vum nächste Schouljoer. Mir hu Stand haut d'Previsioun, dass vum 15. September 2024 3.290 Schülerinnen a Schüler an 235 Klasse wäerten affektéiert sinn, dovunner siwe Classes étatiques.

Mir hu 57 Schüler, déi wäerten d'Escher Bëschklasse frequentéieren, mir hunn 222 Inscriptiounen am Précoce, mir hu 57 ... dat hat ech scho gesot. Mir hu 36 Schüler, déi an d'EIDE affektéiert sinn, an néng Schülerinnen a Schüler op Escher Territoire, déi vun Enseignement à domicile profitéieren.

All déi doten Zuele maachen, dass mer vum Ministère de l'Education nationale fir dat nächst Schouljoer ronn 6.800 Stonnen, also Léierstonnen, Contingent zur Verfügung gestallt kritt hunn, fir de Fonctionnement vun, vum Enseignement hei zu Esch ze garantéieren.

Mir hunn eng Rei vun zousätzleche Ressourcen och ugefrot beim Ministère, déi mer zu engem groussen Deel accordéiert kritt hunn. Zwielef Posten, fir den Accueil ze garantéieren, ee Posten, fir den Enseignement lusophone ze garantéieren, een zousätzlechen Educateur an de Bëschklassen.

Mir haten 2,5 Poste gefrot fir den Handisport ze maachen, mir kruten dovunner 1,5 Posten accordéiert. A mir kruten och den Accord vum Ministère, fir de Coordinateur culturel am Ariston ze dechargéieren.

Mir hunn op der Lëscht 1 a Lëscht 1bis 19 Enseignanten affektéiert, wat alles Enseignantë waren, déi hire Stage schonn hei zu Esch gemaach hunn an déi gären hei bleiwe wollten. Mir hunn am Kader vun der Lëscht 1 an 1bis och zwee Departen, nee, am Kader vun der Lëscht 1 zwee Departen an och een Depart am Kader vun der Lëscht 1bis.

E puer Statistiken nach zu den Effectiver an de Klassen an de Klassegréissten. Mir hunn, mir ginn dovunner aus, dass mer mat der Schoulrentrée am September eng Moyenne pro Klass wäerten hu vu 14,21 Kanner pro Klass. Dat ass nach, domadder ass dee Schnëtt nach weider erofgaange par rapport zum aktuelle Schouljoer, wou e bei 14,44 läit.

Pour comparaison vläicht: Den nationale Schnëtt läit bei 14,8 Schülerinnen a Schüler pro Klass, soudass mer eigentlech mëttlerweil zu Esch an enger gudder Situatioun sinn, wou mer relativ kleng Klassegréisste kënnen assuréieren, wat natierlech de Kanner an och den Enseignanten zegutt kënnt, fir méi en individuellen Enseignement ze garantéieren.

Mir hunn eng Neierung, déi Escher Schoulkanner betrëfft um Campus Belval. Den 3. Mee 2024 si mer vun der Gemeng Suessem informéiert ginn, dass d'Capacitéiten um Kannercampus hir Limitten erreecht hunn, soudass si sech gezwonge gesinn, d'Opnamebedéngunge fir Kanner, déi um Territoire vun der Stad Esch wunnen, nei ze definéieren.

Fir dat nächst Schouljoer heescht dat konkreet Follgendes: D'Kanner aus de Cyclen 3 a 4 kënnen hir Schoulzäit um Kannercampus Belval fäerdeg maachen, mussen dofir awer all Schouljoer eng nei Demande un d'Gemeng Suessem stellen.

Zousätzlech kënnen d'Kanner, déi fir dat aktuellt Schouljoer an engem Cycle Punkt 1, also am 1.1 oder am 2.1 sinn, dee Cycle och nach fäerdeg maachen um Kannercampus Belval, mussen duerno da fir den Ufank vum nächste Cycle awer dann zu Esch affektéiert ginn.

An d'Gemeng Suessem huet eis matgedeelt, dass déi Konventioun, déi deen doten, déi doten Zesummenaarbecht erméiglecht huet, zum 15. Juli 2028 komplett auslafe soll.

Dir hutt am Dossier vun der Organisation scolaire och d'Plans de développement scolaire, d'PDSe vun deenen néng Entitéiten hei zu Esch. D'Plans de développement scolaire, déi ëmmer op dräi Joer erstallt ginn a wou d'Schoulkommiteeë mat den Elterevertrieder an och mat den, mat der Regionaldirektioun do eigentlech intensiv dru geschafft hunn, fir en Update ze maache vun de bestoende PDSe bis 2027.

Ech hunn haut weider keng Zäit, fir am Detail wierklech op all PDS anzegoen, obwuel et

eigentlech all eenzelen dovunner wierklech eng ganz liesenswäert Dokumentatioun ass vun den Erausfuerderungen, mengen ech, am Schoulalldag an deene verschiddene Schoulen.

Ech erlabe mer awer vläicht e Fokus ze leeën op verschidden allgemeng Tendenzen, déi ech aus de PDSen erausliesen. Éischtens, an enger ëmmer méi komplexer an interkonnektéierter Welt gëtt och Unterrecht halen ëmmer méi komplex an interkonnektéiert. Dofir sinn d'Theemen Zesummenaarbecht ënner de Cyclen, d'Zesummenaarbecht mat de Maison-relaisen, den Echange mat der Regionaldirektioun, mat de Servicer vun der Stad, den Echange mat den IEBSen, mat den Elteren an esou weider omnipresent an alle PDSen.

Eng gutt Schoulorganisatioun erfuerdert eng gutt Kommunikatioun an eng gutt Zesummenaarbecht tëscht all deenen doten Acteuren. Tëscht deenen, déi ech genannt hunn, tëscht de Centres de compétences, tëscht och anere Stakeholder vun der formaler an och vun der non-formaler Bildung.

An dowéinst ass och en Theema, wat eigentlech an deene leschte Jore wierklech zu engem Trendwuert e bësse ginn ass a ganz ville verschiddene Kontexten, nämlech d'Theema vun der administrativer Vereinfachung. En Theema, wou ech grad en Appell maachen un eis alleguerten hei, mee och op dem nationalen Niveau, dass déi Fro vun der administrativer Vereinfachung eng Fro ass, déi mer eis grad am Beräich vun der Educatioun mussen zu Häerzen huelen.

Mir mussen oppassen, dass dat administratiivt Geflecht vun der Educatioun mat de verschiddenen Acteuren, mat ganz ville Pilotprojeten, déi ënnerwee sinn, op verschiddenen Niveauen decidéiert gi sinn, dass dat net ondurchschaubar gëtt. An an deem Sënn muss et eis en Uleies sinn, fir fir d'Kanner an hir Elteren, awer och fir d'Enseignanten an déi Professionell d'Bürokratie am Beräich vun der Schoul op en noutwennege Minimum ze reduzéieren.

En aneren Trend an eise Schoulen, dat ass – an och dat geet, mengen ech, ganz kloer aus de PDSen ervir – d'Theema Digitaliséierung, Robotiséierung, artifiziell Intelligenz. Mir hunn an deene leschte Jore staark Efforten ënnerholl, fir eis Schoulen technesch ze ekipéieren an ze moderniséieren.

Eis ass bewosst, dass dës Efforten nach weidergoe mussen an och weidergoe wäerten. Ech wëll hiweisen drop, dass do och net nëmmen ëm déi villdiskutéiert iPads geet, dass et och net nëmmen ëm Beameren a grouss Ekipementer an de Klassesäll geet, mee dass et och zum Deel méi kleng Saache sinn.

Bluetooth-Boxen, Kopfhörer an och aner méi kleng Geräter, déi wierklech am Schoulalldag vun den Enseignanten a vun de Kanner wichteg sinn, fir dass se kënnen dat didaktescht Material, wat se hunn, optimal beschaffen.

Ech hunn an dem leschte Joer, wou ech elo déi grouss Éier hunn, fir dierfe fir déi heite Stad Schoulschäffen ze sinn, den Tour gemaach vun alle Schoulkommiteeën hei zu Esch an hunn och mat hinnen alleguerten iwwer genau dat doten Theema diskutéiert, gemierkt, dass et do weideren Handlungsbedarf gëtt.

Mir hu fir dëst Joer virgesinn, 200 weider iPads ze deploiéieren, 30 zousätzlech Beameren, 16 elektronesch Tafelen. All Klass soll mat engem Bluetooth, mat enger Bluetooth-Box ekipéiert ginn, ausser déi Klassen, déi eng elektronesch Tafel schonn hunn oder déi och schonn eng Box hunn. A mir wëlle ronn 1.000 Kopfhörer-Setten nach zur Verfügung stellen fir d'Kanner.

Ech wëll awer wierklech betounen, dass d'Prioritéit nieft dem techneschen Ekipement vun eisen Infrastrukturen awer och onbedéngt muss sinn, eise Kanner e kriteschen Ëmgang an awer och eng gutt Maîtrise vun deenen neien Technologië mat op de Wee ginn. An deem Sënn verweisen ech ganz gären eigentlech op verschidde bestoend Projeten, déi mer hu schonn hei an der Stad Esch.

Ech erlabe mer, een erauszepicken: De Roboter-Projet vun der Wobrécken-Schoul, wou Kanner eigentlech op eng spilleresch Aart a Weis mat Coding, Robotiséierung an Digitaliséierung vertraut gemaach ginn. Dat war ganz flott. D'Wobie si preméiert ginn och dëst Joer fir déi doten Efforten. Ech wëll hinne vun hei aus och nach eng Kéier felicitéieren.

Den drëtten Trend, deen an de PDSen, an och net eréischt zënter dësem Joer, mee mengen ech, eis alleguerte jo och kloer ass an och an de PDSen eeben erëmkënnt, dat ass natierlech d'Theema vun der Multikulturalitéit a vun der Villsproochegkeet, déi eng Realitéit ass an eisen Escher Schoulen.

Et ass eng, an dat wëll ech ganz kloer soen, vun eise gréisste Stäerkten. An ech si frou ze gesinn, dass och déi néng Schoulkommiteeën, vun deenen néng Schoulentéiten dat doten Theema als eng grouss Stäerkt beschreiwen an de PDSen.

Et ass awer och, an dat wëll ech guer net schéischwätzen, eng konstant Erausfuerderung, fir e gutt Klima an eise Schoulen an och e gutt Zesummeliewen an eise Schoule méiglech ze maachen.

D'Schoul ass e Spigelbild vun eiser Gesellschaft, se ass e Spigelbild vun der Diversitéit vun eiser Stad, an eisen Usproch ass et a muss et sinn, bei der ganzer Diversitéit an all eise Schoulen ze garantéieren, dass all Kand awer déi selwecht Chancen op Bildung an op perséinlech Entfaltung huet.

Dat ass dann och e gudden Iwwergang zu enger wichteger Neierung fir déi nächst Schoulrentrée. Ech hat Iech op dëser Plaz versprach, dass ab der nächster Rentrée d'sozio-ekonomesch Konditioune vun de verschiddene Schoulentitéiten an de Ressort-scolairë bei der Verdeelung vun de Ressourcë géif Rechnung gedroe ginn.

Mir hunn de Centre de recherche LISER, also de Centre de recherche fir sozio-ekonomesch Fuerschung hei am Land, déi um Belval situéiert sinn, beoptraagt, de sozio-ekonomesche Profill vun der Schülerpopulatioun vun den néng Ressort-scolairë vun der Stad ze analyséieren.

Dëst hu se gemaach op Basis vun Donnéeën, déi se kritt hu vun der Inspection générale de la Sécurité sociale a vum Ministère de l'Education nationale. De faméisen Dossier Scolaria, deen Der sécher alleguerte kennt an deen och hei mat der Dokumentatioun, zwar net gedruckt, mee awer an Ären digitalen Dossieren ze fannen ass.

Op der Basis vun deenen Donnéeën huet de LISER och e Verdeelungsmechanismus fir d'Avocatioun vum kommunale Schoulkontingent, also deene ronn 6.800 Stonnen, vun deenen ech virdru geschwat hunn, ausgeschafft. An et ass eeben e Mechanismus, deen dem sozio-ekonomesche Profill vun de Ressort-scolairen, aus deenen d'Kanner kommen, Rechnung dréit.

Dëse Mechanismus iwwersetzt op kommunalem Niveau also d'Reegele vun der Ressourcenallocatioun, déi um nationalen Niveau alljoers vum Ministère applizéiert ginn. Zil vum Exercice ass et, déi Enveloppe, déi mer hunn, déi 6.800 Léierstonnen, déi

Esch huet, méiglechst gerecht, transparent a bedarfsorientéiert tëscht den Escher Schoulen ze verdeelen.

Mat dëser Erugoensweis stelle mer sécher, dass zousätzlech Ressourcen un déi Schoule ginn, déi Kanner aus Bezierker mat engem méi benodeelegte sozio-ekonomesche Profill enseignéieren. Mir versichen domadder via zousätzlech Ressourcen op Schoulniveau op d'mannst e Stéck wäit Nodeeler ze kompenséieren, déi déi Kanner vläicht e Stéck wäit doheem kënnen hunn.

Konkreet kritt duerch dës Erugoensweis fir d'nächst Schoulrentrée d'Schoul Brill 2,5 ETPen zousätzlech an d'Schoul Lalleng een ETP zousätzlech.

Well mer de LISER-Rapport en cours vun dëser Schoulorganisatioun kritt hunn – pour rappel, esou eng Schoulorganisatioun fänkt eigentlech schonn am Februar, Mäerz vum Joer un a fënnt dann och den Ofschloss net haut, mee am September, wa mer dann iwwer déi definitiv Schoulorga schwätzen.

Well mer dee Rapport eréischt en cours de route kritt hunn, hu mer zesumme mat de Schoulpresidenten a mat der Regionaldirektioun vum Enseignement fondamental decidéiert, fir d'Schoulrentrée 2024/25 verschidden Dispositions transitoires gëllen ze loossen. Am Interêt vun de Stonnepläng vun de Schoulen a fir déi doten Ännerung gerabel ze maachen an dëser Iwwergangsperiod fir d'Schoulpresidentinnen a -presidenten an hir Kommiteeën.

Ab 2025/26 solle keng Dispositions transitoires méi gëllen, an de LISER-Rapport, deen d'Grondlag ass vum deem dote Verdeelungsmechanismus an deen och am Dossier bäigefüügt ass, wäert och dann d'Grondlag si fir d'Schoulrentrée 2026/27. Do duerno, also insgesamt fir dräi Rentréen do duerno wäerte mer de Mechanismus evaluéieren an zesumme mam LISER och en Update maache vun dëser Etüd iwwer d'Ressort-scolairen.

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Gerechtegkeet an der Schoul ass awer net just eng Fro vu Verdeelung vun de Ressourcen. Et heescht, dass mer individuell Besoine vun all Kand unerkennen a respektéieren. Et heescht, dass mer zousätzlech Ënnerstëtzung un déi ginn, déi se am meeschte brauchen, a sécherstellen, dass kee Kand hannendra bleift.

Et geet also drëms, Barriären ofzebauen an e Léierëmfeld ze schafen, dat inklusiv an oppen ass. An domat wiere mer och bei engem anere wichtegen Theema, wat eis am Kontext vun der Schoulorganisatioun beschäftege muss: d'Inklusioun an der Schoul.

D'Zuele weisen, dass d'Zuel vu Kanner mat spezifesche Besoinen, mat Léierschwächten oder aneren Trubelen zouhëlt. Fir dass Inklusioun kee Schlagwuert ass, mee eng gelieft Realitéit, brauch et Ressourcen, brauch et eng gutt Zesummenaarbecht a brauch et ugepasst Infrastrukturen.

Ab der nächster Rentrée wäert all Escher Schoul een IEBS, also ee Enseignant spécialisé dans la scolarité de élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques, affektéiert sinn. Dat ass e wichtegen Appui am Alldag fir d'Kanner an och fir d'pedagogesch Ekippen.

Mir hunn am Laf vun dem Schouljoer eis Zesummenaarbecht mat de Centres de compétences weider intensivéiert, notamment mam CTSA a mam CDM, déi haut scho reegelméisseg an eise Schoulen intervenéieren.

Am nächste Schouljoer, an doriwwer sinn ech wierklech frou, wäert eng weider CTSA-Klass zu Esch opgoen. Dat ass eng positiv

Entwécklung, déi eis, déi et eis erméiglecht, méi Kanner mat spezifesche Besoinen och op eisem Territoire ze scolariséieren, wat deene Kanner Trajeten an aner Gemengen, iergendwou an aner Ecker vum Land, erspuert.

Dës Efforte wäerte mer an den nächste Jore weider verdéiwen, notamment och am Kontext vun der, vum Bau vun der Schoul op der Rouder Lëns, wou mer an enken Diskussioune si mam Ministère an och mat aneren Acteuren, fir eng weider Antenn vun engem Centre de compétences op Escher Territoire kënnen ze accueilléieren.

Zum Schluss géif ech gären op ee leschten Aspekt agoen, dee mer an dësem Kontext wierklech wichteg erschéngt. All d'Experte warnen eis, dass et eng geféierlech Tendenz gëtt bei eise Kanner, wat hir motoresch Entwécklung ugeet. Net genuch Beweegung féiert zu méi Krankheeten, huet e massiven Impakt op d'Selbstwäertgefill, op d'Selbstbewosstsinn, op déi sozial an och op déi emotional Kompetenzen.

Zu Esch hunn duebel sou vill Kanner Defizitter oder Retarden an hirer motorescher Entwécklung wéi an der nationaler Moyenne. Dat ass en alarméierende Constat fir mech. Dofir ass et eng absolutt Prioritéit fir eis, fir Incentiven ze schafen, fir eis Kanner a Beweegung ze bréngen.

E wichtege Partner dofir ass natierlech d'LASEP, wou mer am neie Schouljoer erëm e flotte Programm mat villen diversen, och verschiddenen neien Aktivitéite kënnen ubidden, zum Beispill Aktivitéiten an eiser neier Bolder-Hal hei um Territoire.

Mee an deem Kontext sinn och nei Spillplazen, modern Schoulhäff, sécher Schoulweeër, temporär Spillstroossen, alles Initiativen, déi mer an de leschte Wochen a Méint ënnerholl hunn an och weiderféiere wäerten, sinn also an deem Kontext net kleng Niewesächlechkeeten, mee et sinn Noutwennegkeeten. An dofir wäerte mer och weider intensiv dru schaffen.

Mir hunn de Pumptrack scho beschwat. Mir hunn de séchere Schoulwee als nächste Punkt um Ordre du jour, an an deem Sënn, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass eigentlech nach ganz vill ze soen.

Verschiddener vun Iech wäerte sech vläicht wonneren, dass ech nach guer näischt iwwer d'Gebailechkeete gesot hunn, obwuel et do och ganz ganz vill ze soe gëtt. Mee well mer nach vill aner wichteg Punkten um Ordre du jour hunn, a well mer jo nach eng Kéier op d'Organisation scolaire zeréckkomme mussen no der Summervakanz, hunn ech elo mol de Choix geholl, fir dat a menger Interventioun op der Säit ze loossen an dann eeben no der Summervakanz bei der Diskussioun iwwer d'Organisation scolaire définitive méi am Detail op dëse Volet anzegoen.

Voilà, den Tour ass gemaach. Vläicht zum Schluss d'Remark, dass d'Organisation scolaire natierlech net eleng am Service scolaire vun der Stad entsteet. Et ass d'Fruucht vun engem Prozess, deen am Mäerz lassgaangen ass, an deem d'Schoulkommiteeën, d'Direktioun, d'Servicer vun der Stad enk zesummeschaffen.

Et ass, wann Der déi perséinlech Nott erlaabt, déi éischt Organisation scolaire, déi ech als Schoulschäffe vun der Stad Esch hunn dierfe mat begleeden. Et ass en enorm spannende Prozess.

Ech hunn d'Chance gehat, fir mat ganz ville verschiddene Leit an alle Schoulen an an allen Entitéiten hei vun der Stad kënnen an den Echange ze trieden. Ech hu vu ganz ville Leit ganz vill geléiert an dowéinst wëll ech e groussen, e puer Mercie lassginn.

Bon, fir d'éischt un d'Chantal Schoettert an u säi ganze Service scolaire, dee wéi gewinnt effikass an zilorientéiert geschafft huet. Merci och der Coordination sociale, mat där mer zesumme mam LISER eeben de Grondstee konnte leeë fir eng méi gerecht Verdeelung vun de Ressourcen.

Merci un d'Schoulpresidentinnen a Schoulpresidenten an hir Schoulkommiteeën, vun deenen ech e bëssen eppes ofverlaangt hunn och a leschter Zäit, notamment wat d'Applikatioun vum LISER-Koeffizient ugeet. Merci den Enseignanten, Merci och de Membere vun der Regionaldirektioun, déi hei zu Esch wierklech ganz ganz gutt zesumme funktionéiere mat de Schoulen an och mat de Servicer vun der Stad, wou mer wierklech e virbildhaften Echange an eng Kommunikatioun hunn, an déi eis hei och begleet hunn an deem heite Prozess.

Sou vill vu mir. Ech bieden ëm Är Zoustëmmung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Sou vill vun Iech, Här Sehovic. Merci. Wien däerf ech aschreiwen?

Madamm Agovic, wëllt Dir ufänken?

**Mme Enesa Agovic (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Sehovic.

Fir d'éischt wéilte mir och gären all de Servicer nach eng Kéier Merci soe fir déi exzellent Aarbecht, déi se geleescht hunn, notamment der Madamm Schoettert, dem Här Zimmer, awer och all den Acteure selwer, wéi de Schoulpresidenten, de Verantwortlechen aus den Direktiounen, de Schoulkommiteeën, den Elterekommiteeën awer och. A virun allem op dëser Plaz awer och dem Léierpersonal selwer, och déi, déi ganz ausféierlech PDSe wierklech ausgeschafft hunn.

D'Schoulorganisatioun soll natierlech d'Enseignanten an d'Kanner op de verschiddene Klassen opdeelen, mee d'Schoulorganisatioun misst u sech vill méi wäit goen. Här Sehovic, Dir hutt elo ganz vill Saache gesot, wou ech hu missen e bësse schmunzelen, mee ech kommen deelweis nach drop zeréck.
Well déi Schoulorganisatioun misst och wierklech en Exercice sinn, wou politesch Verantwortung geholl gëtt, fir datt sech all Concernéierten hei zu Esch an der Schoul wuel fillt an och eng gerecht schoulesch Ausbildung genéisse kann.

Mëttlerweil kenne mer jo nämlech all déi besonnesch Erausfuerderunge vun der Chancëgerechtegkeet hei zu Esch – Dir hutt villes genannt –, mee et ass leider nach ëmmer esou, dass Bildung diskriminéierend ass. An net nëmmen, wann een et hei mam Rescht vum Land vergläicht, mee och hei zu Esch sinn esou enorm Ënnerscheeder tëscht de verschiddene Schoulen, déi hautdesdaags eigentlech net méi dierften ze rechtfäerdege sinn.

Dir hutt d'Etüd vum LISER genannt zum Indice social. Déi weist jo och ganz genau, datt e verschidde Schoulen, an de verschiddene Schoule méi wéi 30 % vun de Schüler ginn, déi méi wéi dräi Facteurs de précarité uweisen, also scho mat dräi Desavantagen an d'Schoulliewe starten.

Deen Indice social ass natierlech e gudden Ufank, mee dat geet bei Wäitem net duer. Dat ass ganz wichteg an dat ass wierklech och eppes, wat muss weidergeduecht ginn.

An da kommen ech awer och ... Dir hutt och gesot, jo, eng gutt Schoulorganisatioun fuerdert

eng gutt Kommunikatioun an och tëscht all den Acteuren. Jo, déi Kommunikatioun, déi war jo elo hei an deem PDS wierklech och ernimmt ginn, oder a ville PDSen.

An ech zitéieren do zum Beispill deelweis och aus verschiddene PDSen. An déi éischt Schoul wär d'Groussgaass zum Beispill, wat hiert technescht Material betrëfft. Do steet schwaarz op wäiss fir jiddwereen dran ze liesen: Et wär „l'une de nos déceptions". An do héiert een natierlech och hir Frustratioun eraus. An déi kënnt net einfach esou.
Et ass eng vun de Schoulen, déi an engem Quartier ass mat enger héijer Unzuel u Kanner mat Migratiounshannergrond an och eng ganz héijer Unzuel vu Schüler, déi aus sozio-ekonomesch méi schwaache Famillje kommen. A grad do misste jo da méi Ressourcë fléissen. Géif een zumindest mengen. Mee leider ass et esou, dass d'Investitiounen an déi Schoul absolutt ze wënschen iwwreg loossen.

Ech hu missen e bësse schmunzelen, wou Dir hei d'Schoul zitéiert hutt, oder dat mam informatesche Material drop higewisen hutt, dass dat alles esou schéin ass a wéi gutt dat alles funktionéiert mat, a verschiddene Schoulen.

Mee Dir hutt wierklech déi neist Schoul do ... op déi neist Schoul verwisen, déi hei gebaut ginn ass. Wat ass mat deenen aneren? An hei, wierklech, schwätze mer net nëmme vun informateschem Material, mee och vun den Investitiounen an d'Infrastrukturen.

Dir fuerdert jo och an Ärer Interventioun ugepasst Infrastrukturen, mee a verschiddene Schoulen hei zu Esch, notamment am Zentrum, do reent et souguer eran. Dat kann net sinn.

An do geet et zum Beispill och net duer, vum ... virdrun hat den Här Zwally jo e bëssen Eegeluef hei matginn, wéi vill nei Projeten an de ganze Sportshalen, oder wéi vill Investitiounen an de Sportshale gemaach ginn. Dat sinn och alles Schoulen, déi mol nach net stinn, dat kënnt jo alles eréischt. Mee wat leeft, wat ass mat deene Schoulen, déi et wierklech néideg hunn?

An dofir ass déi Frustratioun net nëmme beim Léierpersonal do, mee och d'Elteren an d'Kanner kréien esou lues d'Flemm. A wéi sollen d'Schoulen zum Beispill dann och den offizielle Programm maachen, dee vum Ministère och virgeschriwwen ass an déi néideg Mediekompetenze bei de Schüler ausbauen, wa se kee Material dofir hunn?

Dir hutt et scho gesot, dat mat den iPads, dat ass ... et geet net just ëm déi iPads, et erwaart och keen een iPad pro Schüler, mee wéinstens e Minimum vun der Infrastruktur a vum néidege Material wier wichteg, fir adequat mat de Klasse schaffen ze kënnen.

Mat deenen Outile géifen d'Schüler och vun enger Differenzéierung profitéieren, déi jo hei zu Esch notamment wierklech wichteg wier, wou se mat verschiddenen Appen zum Beispill och hir Lies- a Schreifkompetenzen an hirem Rhythmus widderhuele kéinten a fërdere kéinten.

Dës pedagogesch Approche, de Schülerinnen a Schüler e verantwortungsvollen Ëmgang mat den technesche Medie bäizebréngen, dierf eebe wierklech net ënnerschat ginn. An déi meescht Kanner léieren dësen Ëmgang jo och an der Schoul an net doheem, well se einfach dat Material doheem och net hunn. Mee wann dat Material och an der Schoul feelt, da léiere se et néierens.

Mee mir denken eis jo ganz oft, den Unterrecht funktionéiert jo, dat klappt. Dat huet jo bis elo geklappt. D'Enseignanten, déi kréien dat schonn hin.

Mee grad do mengen ech, an dorop sidd Der nach net agaangen, dat feelt mer wierklech. Do kënnt e groussen Defi op eis duer, vun deem net vill Leit schwätzen a wat eiser Meenung no awer wierklech och bei enger Schoulorganisatioun berücksichtegt muss ginn. An dat wier och d'Wuelbefanne vun den Enseignanten.

Dir hutt den administrativen Opwand scho genannt. Et gëtt ëmmer méi. Mir hunn ëmmer méi Schwieregkeete mat heterogeene Klassen, ëmmer méi Versammlunge mat all den Acteuren, déi vun den Enseignanten erwaart ginn. Zum Beispill och Versammlunge mat Maison-relaisen, mat Elteren, mat der Gemeng, mat den Direktiounen, mat de verschiddene Cyclen, awer och Versammlungen tëscht de verschiddene Schoulen.

Dat heescht, et ass ëmmer méi Aarbecht, déi vum Léierpersonal erwaart gëtt, an déi Aarbecht gëtt och vun deene meeschte gewëssenhaft gemaach, mee leider ëmmer méi oft op Käschte vun hirer eegener Gesondheet. An et kann net sinn, dass an enger, an der CAEF-Studie méi wéi 30 % vun den Enseignanten uginn, dass si am oder ganz no beim Burnout sinn.

Et ass also der Gemeng hir Responsabilitéit, fir dofir ze suergen, dass wéinstens e Minimum vun den Infrastrukturen a vum Material do sinn, fir en adequat Ënneriichten ze garantéieren an d'Léierpersonal zumindest an deem Beräich dann e bëssen ze entlaaschten.

Mee dat ass leider hei net de Fall, a virun allem an de Schoule vum Zentrum vun Esch. Do feelt et wierklech un Hëllef. A sou gëtt och vum Léierpersonal selwer an de PDSen – et steet jo do –, de Wonsch geäussert, datt d'Kommunikatioun mat der Gemeng verbessert sollt ginn, datt do méi Ënnerstëtzung erwaart gëtt.

An e Beispill, ganz banal: Dir hutt jo och vun de motoreschen Defizitter bei de Kanner geschwat. Do ass awer och de Wonsch geäussert ginn, zum Beispill bei der Organisatioun vun der Coupe scolaire méi Ënnerstëtzung vun der Gemeng ze kréien.

An dat wier jo awer wierklech net nëmmen e Plus fir d'Enseignanten, mee awer och fir d'Kanner. Do si Kanner am Zentrum vun Esch, déi warscheinlech och nach ni op engem Vëlo souzen. Dat wier awer ee vun eise groussen Ziler hei vun der Gemeng.
Vill Kanner – Dir hutt nämlech och ... also, wat mer och e bësse gefeelt huet ass, sinn d'Maison-relaisen, bezéiungsweis d'Plazen an de Maison-relaisen. Vill Kanner grad hei zu Esch géifen och vun enger Aschoulung schonn am Precoce profitéieren, grad well se doheem eeben och keng vun den dräi offizielle Landessprooche schwätzen.

Mee vun den 374 potenzielle Precoce-Kanner sinn et der just nach 222, déi wierklech an de Precoce ginn. D'Ursaache kënnen natierlech ganz villfälteg sinn, mee mir sinn eis awer all bewosst, datt een ausschlaggeebende Facteur d'Maison, oder eng Plaz an enger Maison relais ass, wou d'Kanner aus dem Precoce keng Plaz kréien an d'Elteren, déi de ganzen Dag schaffen, och net wëssen, wouhinner mat hire Kanner.

Schlussfolgernd muss een awer wierklech och soen, et sinn einfach net genuch Ressourcen do, fir all Escher Kand zumindest eng reell Chance an eisem Bildungssystem ze ginn. A misste mir hei an dësem Raum am Fong den Escher Kanner dat net schëlleg sinn?

Et ass also nach ganz vill Aarbecht do, fir d'Escher Bildungslandschaft ze verbesseren, a sou laang do net wéinstens an all de Schoulen de Minimum garantéiert ass, kënne mir dës Schoulorganisatioun haut leider esou net matstëmmen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Agovic. D'Madamm Ragni huet d'Wuert, an duerno den Här Baum.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Fir d'alleréischt géif ech gären am Numm vun déi Gréng e ganz spezielle Merci ginn un d'Madamm Schoettert an dem ganze Schoulservice, souwéi dem Här Zimmer an alleguer deenen Acteuren, déi och hannendru stinn, fir dës Schoulorganisatioun, dat eng Heedenaarbecht alljoers ass, dann och esou ëmzesetzen.

Schoul halen ass scho laang net méi nëmme Schoul halen, mee et ass virun allem all Dag erausgefuerdert ze ginn, fir all de Kanner aus senger Klass gerecht ze ginn. Et stousst een oft als Enseignant op seng Grenzen. Dat heescht, all de Kanner gerecht ze ginn, och Kanner mat spezifesche Besoinen ze encadréieren, a fir all Dag op en Neits nees virun der Klass ze stoen an iwwer den Tellerrand eraus Bildung ze applizéieren.

De Well-being an de Schoule fir d'Enseignanten a Schüler ass e Sujet, dee muss thematiséiert ginn, an ech denken och do, dass säitens dem Ministère och einfach ee vill méi misst gewuer ginn. Kierzlech souz ech an enger Formatioun a sinn dunn emol gewuer ginn, dass een zum Beispill iwwer den IFEN fir seng mental Gesondheet am Enseignementsberäich kéint sou Coaching-Stonnen ufroen.

Dat gëtt et, mee dat gëtt leider net genuch ënner den Enseignantë vermëttelt. Um Terrain hunn ech mech dann och emol schlau gemaach a mat Bekannten da geschwat, an déi meescht haten déi selwecht Reaktioun a woussten net, dass esou Coachingen zur Verfügung géife gestallt ginn.

Dofir denken ech och einfach, dass säitens dem Ministère einfach och vill méi op dee Well-being gepocht misst ginn an do sech vill méi dofir agesat ginn, misst ginn. Net nëmme fir d'Enseignanten, mee och fir d'Schüler.

Dass et en, dass et eigentlech en Escher Trend ginn ass quasi, d'Inklusioun als e Ganzt ze gesinn an d'Inklusioun an d'Schoulen ze bréngen, dat gesäit een, dass den, wéi den Här Sehovic elo presentéiert huet, eng weider CTSA-Klass integréiert gëtt. Ech denken, dass dat eng ganz flott Manéier ass, virun allem fir d'Kanner, an dann awer och fir d'Enseignanten um Terrain.

Wann déi Ressourcë schonn um Terrain sinn, ee sech awer do och d'Weeër einfach méi kuerz ka maachen an dee Moment och eventuell en Echange mat de Leit kann hunn a sech einfach och emol eng Kéier eng Hëllefstellung kann huelen, wann ee sou Inklusiounskanner an der Klass huet.

De Punkt mat der Ressourcëverdeelung ass e ganz wichtege Schrëtt an a fir eis grouss Mixitéit vu Schüler, déi mer an all de Schoulen hei zu Esch hunn. Mir hunn hei supplementar Stonnen a verdeele se un de Schoulen, déi se dann och an deem Moment reell brauchen.

Mat deene supplementare Stonne kënnen deene Kanner gehollef ginn, déi aus méi schwaache Verhältnisser kommen oder wou d'Mamm oder de Papp hinnen net onbedéngt doheem beim Léieren hëllefe kënnen, wou d'Sprooch e Problem ass, wou elengerzéiend Eltere sinn oder aus méi aarme Verhältnisser.

Et sinn am Moment méi Ressourcen um Terrain an d'Schüler kënnen emol punktuell einfach aus der Klass geholl ginn, fir mat hinnen och d'Schwächten opzeschaffen a se do am Fong ofzehuelen, wou se grad stinn. Et kann e Schüler mat genuch Ressourcen, jo, eeben huelen, wou se grad stinn.

Wann een d'Statistike kuckt, weist ee jo dann och hei d'Effektiver vun de Klassen, dass mir bei enger Moyenne vu 14,21 stinn, wat eigentlech och e ganz wichtege Punkt trotzdeem ass, déi Effektiver vun de Klassen. Wann ee vergläicht, de Ministère weist drop hin, dass ee Klasse bis zu 20 Schüler kéint hunn.

Bei 14,21 leie mer relativ niddereg, an dat ass och gutt esou. Well méi Schüler an enger Klass bedeit och méi grouss Klassen, manner Zäit, méi en héije Lärmpeegel an eeben och manner Zäit, fir op déi individuell Schüler eranzegoen.

Ech géif och ganz gären e puer Wierder zum PDS awer trotzdeem verléieren, well dat ass trotzdeem eng ganz grouss Aarbecht, déi de Schülerkommitee, d'Elterevertrieder, d'Direktioun, déi och emol do mat erageet, fir driwwer ze kucken. Et ass eigentlech e Guide, eng Guideline, déi all Schoul sech jo gëtt, wéi se u sech ze funktionéieren huet a wat déi direkt Besoine vun der Schoul sinn.

Sou fannen ech et dann zum Beispill awer trotzdeem ganz interessant, dass a verschidde Schoulen déi kulturell Mixitéit trotzdeem als eng Plus-value. Et gëtt ganz oft et esou duergestallt, wéi wann dat en negative Punkt wier, oder dass een dann awer dee Moment, jo, méi sozial schwaach Schüler huet, well se d'Sprooch net kennen, well se eréischt an d'Land geplënnert sinn.

An hei ginn et Schoulen, déi einfach dëst als Plus-value huelen, déi d'Mammesprooche mat integréieren an dëst och fir aner Schüler ganz interessant ka sinn an e grousse Räichtum ka sinn, wann ee sech esou an déi kulturell Mixitéit, wou mer eng grouss Chance hunn hei zu Esch se ze hunn, mat ze integréieren. Wou dann och weider Posten u sech jo da geschafe ginn, fir wierklech dëst dann och kënnen ze encadréieren.

Ech wëll awer och nach eng Kéier ganz prezis op eis Bëschklassen hin, zeréckgräifen, well mer eigentlech awer hei zu Lëtzebuerg déi éischt Gemeng waren, déi déi Bëschklassen en place gesat hunn.

D'Natur ass eigentlech de gréisste Klasseraum, dee mer hunn a wou d'Kanner eigentlech alleguerten hir Fäegkeete kënnen do wierklech erliewen, do kënne léieren. Souwuel wéi d'Motorik, d'Feinmotorik, d'Grobmotorik, wou mer och virdrun den Här Sehovic héieren hunn, dass do eigentlech d'Statistike méi schlecht stinn, ass d'Natur eigentlech de beschte Klassesall, dee mer eise Kanner kënne gebrauchen, well se do wierklech am Globale kënne vun allem léieren.

Et ass awer och eeben ze gesinn, dass, wat ech ganz flott fonnt hunn, dass mer och e Begleedungshond, e pedogegeschen Hond an enger Klass hunn, deen och do d'Kanner an hirem Alldag begleet. Do gesäit een einfach, wéi d'Bildung hautzedaags gesi gëtt.

Bildung ass net nëmmen aus de Bicher léieren, mee Bildung ass, gëtt global gesinn a mir kënnen am Alldag a mat ganz ville Moyenen d'Bildung un eis Kanner erubréngen. An ech denken, dozou gehéiert einfach och e Risenengagement all Dag op en Neits vun eisen Enseignanten, vun eisen Educateuren.

An dofir géif ech hei och gären am Numm vun deene Gréngen e ganz grousse Merci un all d'Enseignanten, déi et am Alldag net ganz einfach hunn an de Klassen a wou et all Dag eng grouss Erausfuerderung ass, Merci soe fir hiert Engagement hei zu Esch fir eis Escher Kanner. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni. Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci dem Här Sehovic fir d'Duerstellung.

En huet ganz zu Recht gesot, datt dat dëst am Fong seng éischt Organisation scolaire ass, déi en och vu wierklech och, entièrement dofir Verantwortung iwwerholl huet. Et ass awer och gläichzäiteg en Dokument, notamment wat de Plan de développement scolaire ugeet, wat awer och e Réckléck op dat lescht oder déi lescht Joren zouléisst, andeem et nämlech Stäerkten a Schwächte beschreift.

An ech muss soen, datt dës Schoulorganisatioun eng war, wou ech vun awer relativ ville Leit aus dem Escher Enseignement ugeschwat gi sinn, déi sech ganz vill Froe gestallt hunn, déi op eemol fonnt hunn, déi amgaange waren, wéi zënter Mäerz, wéi Der sot, ausgeschafft ze ginn, op eemol op d'Kopp gehäit gi sinn, déi och vun deelweis Chaos geschwat hunn.

An ech hu probéiert et ze verstoen. Firwat, wou kënnt dat hier, dat Gefill? An et geet ganz staark op d'LISER-Etüd zeréck. Dir wësst, déi LISER-Etüd, déi hu mir als Lénk och ëmmer ganz hefteg gefuerdert, datt een dat onbedéngt misst hunn.

Et ass eng Zäit ginn, do ass dat refuséiert ginn, wann een op déi lescht 15 Joer zeréckkuckt, dunn ass et eng Zäit ginn, do ass se benotzt ginn, dunn ass et erëm eng Zäit ginn, do ass se net benotzt ginn. An elo sollt se eigentlech eis hëllefen, fir kucken, déi Ressourcen, déi mer hunn, méi effikass a méi zilgeriicht anzesetzen.

An ech mengen, et muss een och soen, datt och déi LISER-Etüd eng Revendicatioun och vun de Schoulpresidenten ass. Dat heescht, wann elo awer déi LISER-Etüd zu gréisseren Turbulenze gefouert huet, dann, mengen ech, muss ee sech awer d'Fro stellen, ob se net hallefhäerzeg oder just iwwerflächlech ugewant ginn ass. An dat ass awer an Ärem politesche Verantwortungsberäich, Här Sehovic.

Ech fäerten nämlech, datt, wann eppes just hallefhäerzeg, eng gutt Iddi just hallefhäerzeg oder net ganz korrekt ugewisen, ëmgesat gëtt, datt et déi Iddi eigentlech riskéiert, iergendwann ze ënnergruewen.

Déi LISER-Etüd ass nämlech zu ganz komesche Resulater komm, zu iwwerraschende Resultater komm, déi onerwaart waren, déi fir ganz vill Leit och konterintiutiv waren, notamment datt Lalleng, wat dozou gefouert huet, datt Lalleng sollt Personal bäikréien. Op der anerer Säit Lalleng méi schlecht do sollt stoen, wann een dat esou soe kann, wéi d'Groussgaass, wat net deem entsprach huet, wat d'Leit um Terrain awer sou berichten.

Dat heescht, wann dat esou ass, an do kënnt eppes eraus, wou d'Leit um Terrain soen, mee, dat entsprécht elo awer net mengen Erfarungen, ech mengen, datt ee sech dann awer och misst d'Méi maachen, méi detailléiert a méi granular ze kucken, firwat sou Saachen erauskomm sinn, wéi se erauskomm sinn.

Et geet elo e bësse vill an den Detail, mee et muss ee soen, déi LISER-Analys, déi kuckt véier Facteuren, déi se als Schwächten oder potenziell Schwächten determinéiert. Dat ass d'Sprooch, dat ass d'Aarbechtsituatioun, dat ass de Revenu, an déi véiert, an d'familliär Situatioun, richteg. Dat sinn déi véier Krittären. Dat sinn och déi, déi am nationale Bildungsrapport benotzt ginn.

An dann op der enger … da kommen do Resultater eraus, an da gëtt op der anerer Säit gesot, jo, mee wat maache mer elo domadder. Ma mir huelen een Element, 50 % ass eng Attribution directe einfach pro Schüler, an

déi aner 50 %, do kucke mer, fir déi Krittäre gëllen ze loossen. Dat ass d'Methodologie.

Et ass awer esou, dass och am Bildungsbericht zum Beispill ganz kloer gesot gëtt, datt de Facteur Sprooch e manner staarke Facteur ass fir d'schoulesch Schwieregkeete wéi zum Beispill d'sozio-ekonomesch Situatioun oder d'familliär Situatioun.

Et gëtt och dorobber higewisen, datt et och en Ënnerscheed mécht, ob eng elengerzéiend Mamm Enseignante an enger Europaschoul ass a Spuenesch schwätzt oder ob eng elengerzéiend Mamm hallef Deeg bei Pedus schafft. Dat ass e Risenënnerscheed, obwuel déi zwee Facteuren eventuell gläich kënne bewäert ginn. De Bildungsbericht selwer mécht dorobber opmierksam.

An dofir mengen ech, datt ee sech wierklech hätt missen Zäit loossen a méi filigran déi dote Resultater an der Déift kucken, wat se bedeiten. An och déi Recommandatioune vun deenen, déi déi Krittären opgestallt hunn, well déi en éischten Erfarungswäert domadder hunn, méi ze consideréieren.

Dat bedeit och, datt ee méi Zäit gebraucht hätt. Dat ass ouni Fro. Et hätt ee méi Zäit gebraucht. Ech mengen awer, datt een zu méi zefriddestellenden Ergeebnisser och hätt kënne kommen.

En aneren, a mengen Aen, Versäumnis, wat mat der LISER-Etüd geschitt ass, nämlech datt just no Ressorte gekuckt ginn ass an net no Schoulen. Dat heescht, zum Beispill ... an och doranner ginn et Widdersprëch.

Kleppen zum Beispill ass als eegene Ressort gekuckt ginn, wou et virdrun ëmmer Deel vu Bruch war, entre-temps en Deel vun den Nonnewisen ass. Ale Lycée ass awer net als eegene Ressort gekuckt ginn, obwuel et eng, en, also zur Groussgaass gehéiert, mee awer eng och physesch distant, distant ... net eeben eng eege Schoul duerstellt.

Ech mengen, datt een och vun der Etüd hätt kënne profitéieren, an dat hänkt awer mam Optrag a Verbindung. Well d'Forscher vum LISER huet gesot, mir hätten nach vill méi granular kënne kucken, mir hätte kënne Strooss fir Strooss kucken. Wat ganz ganz wichteg Infoe wieren, well mer souwisou net derlaanscht kommen, un d'Secteuren ze goen.

All déi Elementer hätten eis, mengen ech, vill méi Informatioune ginn, an déi hätte kënnen afléissen notamment an all déi Iwwerleeungen, déi ronderëm d'Opdeelung da finalement gemeet gi sinn.

An dat huet dozou gefouert, datt vill Leit d'Gefill haten, datt se en cours de route vu Resultater iwwerrumpelt gi sinn, wou si amgaang waren, eigentlech eng aner Planung opzebauen.

Dir sot elo, et ass eng Iwwergangsbestëmmung fir ee Joer. Dat huet awer och ganz vill domadder ze dinn, datt et ganz vill gudde Wëllen och ginn ass bei de Schoulpresidenten, fir ze kucken, mee dat do ass jo net sënnvoll, wann een dat elo eent zu eent esou géif applizéieren. Ech sinn och bereet, op Stonnen ze verzichten, well ech weess, wat den anere Kolleeg fir eventuell Problemer huet.

Also ech mengen ... wat wier d'Alternativ gewiescht? Ech mengen, datt een an dësem Fall, wann ee sou Resultater kritt, déi wierklech awer och grouss Verännerunge bedeiten, datt een déi Resultater misst selwer mol fir d'éischt besser verstoen, datt den Optrag, deen een hätt, deen ee ginn hätt, och vun Ufank u méi granular hätt misse sinn.

An ech mengen, datt een an der heiter Situatioun dann effektiv hätt misse soen, mir schaffen dat, mir schaffen dat richteg op a

mir applizéieren et eent zu eent nodeems mer et opgeschafft hu fir déi nächst Schoulorganisatioun.

Ech wéilt och eng Reflexioun mat op de Wee ginn. Et gi Gemengen – zwou Gemengen op jidde Fall, déi ech kennen. Dat ass Beetebuerg mat enger ganz engagéierter Schoulschäffin a Suessem mat och enger net manner engagéierter Schoulschäffin. Dat wëll ech hei elo guer net hei domadder soen. Déi hunn en anere Modell, wéi se iwwerhaapt zur Schoulorganisatioun kommen.

Déi hu sou eng Zort Comité de cogestion, déi aus de Bureaux de président a wou d'Schoulpresidenten an enger éischter Phase mol fir d'éischt selwer ënner sech kucken, wéi een dat kéint opbauen. Déi vill méi Verantwortung hu wéi bei engem Opstelle vun der Schoulorganisatioun a wou evidenterweis de Consignen, wéi an dësem Fall déi LISER-Etüd muss consideréiert ginn, déi kënnt vun der Politik, déi kënnt vum Schäfferot. De Service selwer begleet, huet éischter eng begleedend Funktioun. Gëtt natierlech seng Avisen do eran, mee et ass eng vill méi grouss Selbstresponsabiliséierung vun dem eenzele Schoulpresident.

Ech mengen, datt dat eng Reflexioun ass, déi mer sollte seriö consideréieren, an eis iwwerleeën, ob dat net e Wee kéint sinn, deen een nach méi staark och hei zu Esch kéint goen.

Dir hutt gesot, bis, fir déi nächst dräi Joer ass déi doten Datelag déi, op déi mer eis beruffen. Ech mengen, onofhängeg dovunner, datt ech fannen, datt et e bësse grobschlechteg ass, wéi Der virgaange sidd, mengen ech, datt mer trotzdeem vun der Situatioun profitéiere sollten an d'Donnéeën nach eng Kéier méi granular kucken. Datt een dat onbedéngt muss maachen. Och do komme mer, mengen ech, komme mer, mengen ech, net derlaanscht.

Et sinn och Saachen zesummekommen, déi eigentlech net esou zesumme gehéieren. Ech hu virdrun d'Beispiller gesot vun de Kleppen, déi separat geholl net esou e positive sozio-ekonomeschen Index hu wéi Nonnewisen, déi awer doduerch, well se zesummegeheit ginn, eigentlech doduercher verléieren. Dat ass ee Beispill ...

*(Interventioun)*

Dach dat ass esou.

Dat ass ee Beispill, wou een, wou ee gesäit, datt et, wann ee wierklech méi filigran virgaange wier, datt dat, datt dat sécher sënnvoll gewiescht wier. Dat heescht, ech géif staark suggeréieren, datt mer wierklech eng Reflexioun féieren iwwer d'Methodologie, wéi mer d'Schoulorganisatioun an Zukunft opstellen.

Ech géif ganz staark suggeréieren, datt mer méi eng genee Analys vun deenen, vum deem Zuelematerial maachen, mat alle concernéierte Leit. An datt mer och duerchaus bereet sinn, eng nei an ergänzend Etüd an Optrag ze ginn, déi déi Donnéeën, déi Datelag, déi mer hunn, weiderféiert.

Mir insistéieren zënter Joren drop, datt all Schoul eng eegen Entitéit soll sinn. Dat ass, mengen ech, onheemlech wichteg bei der Organisatoun vun der Schoul, also beim Opstelle vun der Schoulorganisatioun, a mam Funktionement vun de Schoulen.

Och dat widderhuelen ech. An ech widderhuelen och zënter, oder mir widderhuelen zënter Joren a Joren, datt mer onbedéngt d'Secteure mussen iwwerschaffen, fir eeben ze kucken an ze garantéieren, datt mer eng ganz grouss Mixitéit hunn.

Den zweete Punkt, dee jo dann ... dat war elo sou dat éischt, wat Dir proposéiert, wou ech

e puer Saachen eebe kritesch Suggestioune mat op de Wee ginn hunn.

Dat zweet ass, dat ass dann ze kucken, ma wat ass da geschitt, sou de Bléck op d'Vergaangenheet. An do sinn effektiv d'PDSen immens wäertvoll. A se rappelléieren en gros bal an alle Schoulen dräi grouss Saachen.

Éischtens, e Manque un informateschem Material, wat mer och schonn zënter Jore soen. Zweetens, veraalt Strukturen, an drëttens, d'Zersplitterung vun zum Beispill Schoulen a Maison-relaisen, déi am Alldag och ... et ass ee Beispill gi vun engem IEBS, deen op verschiddene Plaze muss ënnerwee sinn. Déi Zersplitterung féiert dozou, am Alldag d'Aarbecht net, net méi einfach gemeet gëtt.

Wat d'informatescht Material ugeet, wou et nach virun zwee Joer geheescht huet – dat ass also elo net Är Schold, Här Sehovic –, mee wou nach virun zwee Joer gesot ginn ass, dat ass net esou, dat ass net esou dramatesch.

Am PDS Bruch steet zum Beispill: „E grousse Minus, deen eis Aarbecht och ëmmer méi schwéier mécht, ass, dass mir net genuch iPads hunn." Den offizielle franséischen ... net well d'iPads schéi sinn.

„Den offizielle franséische Programm fërdert zum Beispill dës Approche, mee do hadert et dann um Material, wat mer an der Schoul hunn. Et wier wierklech flott, wa mer véier bis fënnef iPads an der Klass hätten, iwwer déi mer fräi verfüge kënnen. Mir si leider nach ëmmer un onst Privatmaterial gebonnen, fir an der Klass ze schaffen."

Ale Lycée: „Faiblesses: Retard dans la livraison et l'installation du matériel informatique, ce qui a un impact direct sur la qualité de l'enseignement." Dellhéicht: „Dëst ass sécherlech e schwaache Punkt. Et feelt ganz sécher net u Motivatioun, mee ganz einfach um néidege Material. Hei hu mer en immensen Defizitt par rapport zu anere Schoulen hei am Land an dës empfanne mer als eng grouss Ongerechtegkeet."

Groussgaass: „L'une de nos déception : En effet, notre école continue d'être en totale inégalité au niveau de moyens type par rapport aux autres écoles dans le pays." Lalleng: „Mangel un Ausstattung." Etcetera, etcetera.

Dat si Saachen, déi mer awer och schonn hei zënter Längerem monéieren a kritiséieren, an et kënnt ëmmer nees erëm. An ech mengen, datt dat wierklech ee vun deene groussen Defien ass, déi mer wierklech sollten ugoen.

Also iwwerspëtzt gesot, fir en anstännegen Ecran ze gesinn, muss d'Kand, dat an der Brillschoul ass, erausgoen op de Public Viewing, well dofir hu mer Suen. Mee mir hunn awer op eemol keng Suen, wann et drëm geet, fir iPads oder anert informatescht Material an der Brillschoul, fir doranner ze investéieren.

Mir ... Dir hutt zwar gesot, an dat ass awer elo e bësse widdersprëchlech, Dir hutt nämlech relativ am Ufank gesot, komm, mer schwätzen hei elo net iwwer Gebailechkeeten a wéi et virugeet. Gläichzäiteg hutt Der ugefaangen domadder, fir ze soen, datt mer um Belval Problemer kréien, well de Kannercampus, wou mer, wou d'Escher Kanner dann op Bieles ginn, well et do Schwieregkeete ginn.

Also hu mer en direkte Problem mat eisen Infrastrukturen. Evidenterweis hu mer deen. An ech mengen, datt mer net derlaanscht kommen, fir seriö doriwwer ze schwätzen. Besonnesch, well Dir, Här Sehovic, am Kader vun de Budgetsdebatten gesot hutt, et géif een elo mol alles op Null setzen an Dir géift bis zum Summer – mir si Summer, och wann elo d'Temperaturen nach ëmmer net esou sinn, wéi mer eis dat am Summer géife

wënschen –, mir si Summer, géift Der en neie Planning virstellen. Op dee Planning waarde mer awer.

An Dir hutt och gesot, datt Der dee géift ganz participativ, mat méiglechst villen Acteuren zesummen entwéckelen. En ass awer bis elo net do an ech hunn och nach net matkritt, datt e bis elo seriö amgaang wier, opgestallt ze ginn. Dat ass eng absolutt Prioritéit, déi mat all deenen anere Froen och ze dinn huet.

Ech kéint elo nach driwwer schwätzen, wat et u Schoulraumbedarf gëtt, wat d'Chancë vun dem Quartier Metzeschmelz eventuell kéinte sinn. Ech kéint elo ganz vill, mee dat maache mer dann och eng aner Kéier. Och au vue vun der Zäit ganz vill iwwer Ënsber schwätzen an de ganze pedagogesche Volet, dee mat Ënsber verbonnen ass a wéi d'Zukunft dovunner ausgesäit. Dat maache mer dann eng aner Kéier.

Bis dohi muss ech Iech soen, Här Sehovic, ech hätt mer méi erwaart, an dofir hoffen ech, datt dës Kéier déi lescht Kéier ass, datt ech d'Schoulorganisatoun net matvotéiere kann.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. An dann den Här Schmit huet nach gefrot.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech soen Iech Merci fir d'Wuert, an och dem Här Sehovic Merci fir seng Ausféierungen, déi wou ganz interessant waren natierlech. Vu que datt et hei ëm e Sujet geet, dee wou ee vun deene wichtegsten ass, dee wou mer hei ëmmer op eisen, an eise Sitzungen traitéieren.

Nach natierlech, ier ech et vergiessen, och vu senger Säit aus Merci fir d'Aarbecht, déi wou vun allen Acteuren am Enseignement och dëst Joer, erëm eng Kéier dëst Schouljoer geleescht ginn ass. E grousse Respekt u si.

Ech weess aus Erfarung, datt dat net ëmmer esou einfach ass, fir do säi Bescht ze maache mat deene Konditiounen, wou een dann um Terrain virleien huet a fir déi déi Leit meeschtens selwer näischt kënnen a mussen einfach eens ginn an de Programm sou gutt wéi méiglech de Schüler vermëttelen.

Mir haten am Fong geholl, mir constatéieren am Fong geholl eng Entwécklung, déi wou an zwou géigestänneg verschidde Richtunge geet. Dat heescht, mir hunn, mir constatéieren, datt d'Kanner, d'psycho-motoresch Problemer am Fong geholl ëmmer méi grouss ginn.

An anerersäits constatéiere mer och, wéi den Här Baum et jo och elo just gesot huet a wat och wouer ass, dass d'informatescht Material an och am Fong geholl de Reseau ronderëm net den, net der gewënschter Qualitéit entsprécht. Dat sinn am Fong geholl zwee Facteuren, déi kéint ee soen: majo, wa mer deen een an de Grëff kréichen, da géif deen anere méi grouss ginn.

Dat heescht, elo hu mer nach méi ... ugeholl, mir bréngen et fäerdeg, eist informatescht Material nach méi adequat auszestatten, da kéint ee jo da soen, majo, da ginn et warscheinlech, da gi warscheinlech d'psycho-motoresch Problemer vun de Kanner gëtt dann nach ëmmer méi grouss. Wat natierlech Blödsinn ass.

Mee et muss een trotzdeem berücksichtegen, datt mer do am Fong geholl zwee Problemer hunn, déi wou grav sinn an déi wou fir de Laie vläicht kéinte just an eng géigestelleg Richtung tendéieren; wat awer net de Fall ass.

Et muss ee souwuel déi psycho-motoresch Problemer vun de Kanner eescht huelen a kucken, datt déi sensibel verbessert ginn, well soss komme mer, soss komme mer mat Erwuessenen duerno … soss hu mer Erwuessener duerno, déi wou eescht Problemer hunn, am Liewen eescht ze ginn, eens ze ginn, pardon, an och sech gesondheetlech net esou entwéckelen, wéi se dat soss kéinte maachen, wann duerno zur Zäit gekuckt gi wär.

Well dat sinn, dat sinn där Fäll, wou duerno meeschtens a Krankheeten an a chronesch Krankheete verlafen a wou dann och d'Käschten an d'Luucht gedriwwe gi fir eise ganzen, fir eise ganze Gesondheetssystem.

Dat heescht, domadder wëll ech soen, dass d'Aarbecht am Fong geholl an deem ee Beräich psycho-motoresch, datt do eppes muss gemaach ginn, datt do net genuch gemaach gëtt.

An natierlech muss ech awer och Recht ginn, wéi et schonn e puermol gesot ginn ass, datt dat informatescht Material hei zu Esch effectivement – also dat ass e Constat – net op der Héicht ass. A wann ech och ee sinn, dee wou ëmmer seet, de Budget, Budget, Budget. Mee an dësem Fall, do muss Budget fonnt ginn, a wann en och muss vun anere Plazen ofgeholl ginn oder reduzéiert ginn, fir do eppes ze investéieren.

Mir sinn an enger traureger Situatioun a mer sinn de Kanner et schëlleg am Fong geholl hei zu Esch, d'zweet Stad am Land, do nach eng Schëpp bäizeleeën. Ech mengen, dat ass eng Evidenz. Ech hoffen, datt Der da spéitstens am, fir déi nächst Previsioune fir déi nächst Joren do nach kënnt eng Schëpp bäileeën.

Ech perséinlech wär frou, fir do eppes an déi Richtung ze stëmmen, fir datt mer do nach méi eng gréisser Enveloppe, solle mer soen, opmaache fir eis Kanner a fir d'informatesch Ausstattung, wou wierklech néideg ass an deem Beräich. An direkt schonn natierlech och am Fondamental a vun esou fréi wéi méiglech un.

Jo. E puer gutt Saachen trotzdeem och. 14,21 Schüler pro Klass: Dat ass jo eng Entwécklung, déi geet wierklech an déi gutt Richtung. Dat erméiglecht trotzdeem, datt ee sech méi individuell op d'Kand aléisst, an dat kënne mir natierlech och nëmme begréissen.

An dofir ass, solle mer soen, dat heite soll net eng global Kritik sinn. Dat soll am Fong geholl eng Analys sinn un der Situatioun, an déi gutt Punkte muss een och ervirhiewen. An dat ass wierklech hei fir Esch e gudde Punkt. Wa mer eis do kucken, wéi et am Land ausgesäit, da si mer do an déi, gi mer do an déi richteg Richtung an dat begréisse mer dann och.

Nach eng kleng Saach vläicht zu, am Fong geholl zum technesche Material; et huet am Fong geholl mam technesche Material ze dinn. Dat heescht, u wellch Programmer datt een zeréckgräift.

Et gëtt jo ganz oft elo vun ChatGPT geschwat. Elo gëtt et, mengen ech, elo ass et schonn de fënnef, dee wou aktuell an Utilisatioun ass. Do misst ee sech awer vläicht froen, dat ass warscheinlech eppes, wou natierlech méi an deenen héijere Klasse benotzt gëtt. Trotzdeem wär et eng Fro: Däerf deen ibberhaupt benotzt ginn hei?

An do misst ee sech selwer dann d'Fro stellen, ob een dat als politeschen Acteur schonn zouléisst.

Denn do ginn et eethesch Problemer domadder verbonnnen, do … wat ech do gesinn, ass am Fong geholl … mir wëlle jo, dass eis Kanner, wa se dann dat informatescht

Material hunn, sou gutt wéi méiglech eens ginn an och, solle mer soen, sou modern wéi méiglech sech kënnen am, mat deenen technesche Geräter an dem Internet kënne beweegen.

Hei ass natierlech och erëm eng Kéier e Widdersproch. Dat heescht, wann ee sou Progammer wéi ChatGPT benotzt, dann am Fong geholl huet een net a léiert een net déi Kompetenzen, wou ee brauch, am Virfeld.

Dat heescht, an dësem Sënn géif ech dat éischter hei als Gefor gesinn. A vläicht géif ech dofir roden, datt een, dass een dat op jidde Falls am Fondamental net soll, net soll guttschätzen an do am Fong geholl dat soll ënnerbidden a konzentréieren a seet, pardon, datt ee sech soll drop konzentréieren, datt d'Kanner déi informatesch Grondprinzipper léieren an och domat eens ginn, awer net schonn zum Beispill mat sou Outile wéi ChatGPT spillen.

Well dat huet, dat hätt am Fong geholl menger Meenung no just de Contraire, géif de Contraire am Fong geholl als Endresultat hunn. D'Kanner géifen duerno nach manner eens ginn an nëmme kënnen iwwer een Outil zum Beispill sech organiséieren, wat de géigendeelegen Effekt hätt, wou ee jo wéilt erzile bei de Jugendlechen a bei de Kanner.

An dat wär vläicht ee Punkt, wou ee kéint am Virfeld schonn dat kloerstellen, datt esou e Programm am Fondamental an och hei ënnert eisem Kompetenzberäich net gebraucht gëtt.

Voilà, dat war meng Ausféierung zu dësem Punkt. Wéi gesot, et ass en extreem wichtege Punkt. Et si gutt Saachen erreecht ginn, mee ech mengen, do ass leider nach vill, wou muss dru geschafft ginn. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

Just als Hiweis: Et ass och Är éischt Schoulorganisatioun. Déi ganz Fro vun ChatGPT, dat beinhalt de Programm a mir als Gemeng, mir sinn net zoustänneg fir de Programm. Dat heescht, dat ass schonn dann d'Enseignanten, d'Schoulen, d'Ministèren an d'Direktiounen, wou decidéieren, wat fir Programmer se wéi wéilten notzen.

Här Sehovic, Dir hutt d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci fir den Debat. Merci fir déi vill Remarken, fir déi konstruktiv Kriticken.

Et ass gesot ginn, mir missten nach eng Schëpp bäileeën. Ech mengen déi, déi eis kennen, mech kennen, wëssen, dass mer gären ëmmer erëm eng Schëpp bäileeën, grad an deem heite Beräich, wou et wierklech am Interessi vun eise Kanner ass.

An an deem Sënn mengen ech, an dat weist eigentlech och, dass awer d'Madamm Agovic an och den Här Baum scho ganz ganz wäit hu missen aushuelen a ganz ganz wäit an d'Klenggedréckt vun der Etüd vum LISER hu misse goen, fir hiren negative Vott ze justifiéieren, dass mer schonn eng Schëpp, eng considerabel Schëpp bäigeluecht hunn an dass mer och amgaange sinn, weider Schëppe bäizeleeën.

Mee deen Engagement ginn ech Iech 100 Prozent. Deen heite Schäfferot gëtt alles, fir eng Schëpp bäizeleeën, an op deene ganz villen Niveauen, iwwer déi mer haut geschwat hunn, nach besser ze ginn.

Par rapport zu den Investitiounen an d'Schoulgebaier wëll ech wéi gesot op de Conseil communal am September verweisen, wou mer duerno just d'Orga definitive vun der … dat ass um Niveau vum Administrative relativ kleng.

Do wollt ech mer Zäit huelen, fir e bësse méi och op de Plan de développement des infrastructures scolaires anzegoen. Wou net näischt geschitt ass, wou vill geschafft dru gëtt a wou mer dann an de Wochen no der Summervakanz nach eng Kéier sécher sollen drop zeréckkommen.

Et war, et ass geschwat gi vun de Maison-relaisen, iwwer déi ech effektiv haut näischt gesot hunn, oder ganz wéineg gesot hunn. Och dat, well mer am September, wa mer bei déi definitiv Schoulorga kommen, mam Rapport d'activités kommen, wou mer da wierklech am Detail nach eng Kéier kënnen op d'Maison-relaisen agoen.

Hei vläicht op dëser Plaz awer de Verweis, dass mer mat der nächster Schoulrentrée weider op deem, op där Fro vun de Chaisen a vun de Capacitéiten an de Maison-relaise schaffen. Déi éischt Phas vun der Renovatioun Bruch ass an der Endphas, do wäerten zousätzlech Chaisen entstoen. D'Renovatioun, d'Modernisatioun vum Ale Sprëtzenhaus ass op der dernière ligne droite, och do entsti weider Plazen.

An dann huet jo dëse Schäfferot relativ kuerzfristeg, dat wëll ech awer erënneren, jo d'Decisioun geholl, dass e Lokal, wat een eigentlech wollt an de Verkaf ginn, wou eng Recette entstane wier fir d'Stad, dass mer dat net maachen, mee dass mer amplaz do eng zousätzlech Maison relais amenagéieren, relativ à court terme, op den Nonnewisen, wou nämlech och e gewësse Besoin ass.

Dat heescht, déi Investitioune gi weider, mussen och weidergoen, fir dass mer deem, där steigender Croissance vun der Demande eigentlech kënnen nokommen.

D'Madamm Agovic huet geschwat vun engem Sujet, dee mir och perséinlech um Häerz läit, d'Wuelbefanne vun den Enseignanten. Dir hutt eng Etüd zitéiert, déi drop hiweist, dass effektiv en Drëttel vun eisem Schoulpersonal ugëtt – an ech wëll drop erënneren, dass do bal en Drëttel vun allen Enseignanten hei am Land matgemaach hu bei där Etüd, se also zimmlech representativ ass –, dass do … wann een Drëttel vun de Leit, vun den Enseignantë soen, si wären no um Burnout, da muss eis dat Suerge maachen.

Do gëtt et eng Rei vu Saachen, déi mir hei als Stad maache kënnen, mee ech mengen, dass do och – an dat ass en Engagement, deen ech och huelen a mengem Mandat op nationalem Niveau, wou ech an der Chamber dat doten och schonn ëmmer erëm thematiséiert hunn a weider wäert thematiséieren –, dass mer wierklech musse kënnen eropkommen.

An dowéinst war et net innocent och, dass ech déi Remarken gemaach hu par rapport zu der Bürokratie an der Administratioun, déi en Deel dovunner sinn. Et soll ee sech keng Illusioune maachen, et ass net den eenzege Facteur, deen dat Onwuelbefanne mat sech bréngt.

Et sinn och, et ass och d'Defien, déi geklomme sinn; Dir hutt et jo selwer nach eng Kéier an Ärer Interventioun gesot, dass och déi Komplexitéit zougeholl huet, dass ee mat ëmmer méi Acteure muss, sech muss eens ginn. Alles dat dréit dozou bäi, dass d'Ufuerderunge klammen an dass mer do, do, wou mir kënnen als Stad, sollen hëllefen, fir dat méiglechst reiwungslos ze maachen.

Ech ginn elo net an den Detail Organisatioun vun der Coupe scolaire. Ech ginn Iech do ganz Recht, Madamm Agovic. Ech verweisen do op

de Verkéiersgaart, dee mer amgaange sinn, elo en place ze setzen, wou mer wierklech och um Niveau vum Vëlofuere léiere kënne qualitativ e Sprong maachen.

An da vläicht awer e bësse méi, méi Detail op de LISER an op d'LISERs-Rapport. Ech muss Iech soen, wa mir dräi Sozialfuerscher … ech si selwer keen, ech si Politikwëssenschaftler.

Mee wa mir dräi Sozialfuerscher vum LISER, wat jo net egal wéi en Institut ass, net iergendee Bureau d'études ass, mee en ëffentleche Centre de recherche fir sozio-ekonomesch Fuerschung hei am Land, wann dee mer e Rapport mécht.

Wann dee mer eng Methodologie proposéiert an déi do zu Donnéeë kënnt oder zu Konklusioune kënnt, déi effektiv mech iwwerrascht hunn, och en Deel vun de Schoulpresidenten iwwerrascht huet, wéi mer am Bureau des présidents doriwwer geschwat hunn, da stellen ech awer net a Fro d'wëssenschaftlech Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass op Basis vun deene Krittären, déi hei gemaach sinn.

Ech mengen, dass hei déi Konklusiounen als dat ze huelen sinn, wat se sinn. Nämlech eng objektiv Basis fir déi doten Organisation scolaire kënnen ze maachen. Lalleng hutt Der elo ugeschwat als Surprise. Do wollt ech awer soen, dass mir constatéieren, dass et e Quartier ass, deen am Wandel ass an eis awer duerchaus och an der Schoul deen dote Feedback och matginn ass.

Wa gesot gëtt, dass verschidde Schoulen, dass verschidde Schoulen hei chronesch vergiess ginn oder do net genuch investéiert gëtt, da wëll ech drop hiweisen, dass dat um Niveau vun den, dass een dat net esou enk sollt gesinn.

Well wann ech kucken, wat mer hei maachen, nämlech dass mer zousätzleche Contingent, also Léierpersonal an déi Schoulen affektéieren, déi de gréisste Besoin hunn, dann ass dat eng ganz ganz wichteg Stäip an Ënnerstëtzung, notamment och fir déi Schoulen oder déi Schoul hei am Zentrum, wou, do si mer mengen ech eis alleguerten eens, e groussen Defi virun eis läit.

Et ass gesot ginn, dass mer an där Etüd elo vläicht e bëssen ze enk gekuckt hunn an dass een da mat de Beispiller vun der elengerzéiender Mamm, déi awer an der Europaschoul an esou weider.

Do wëll ech drop hiweisen, dass mer d'Methodologie vun der, vum LISER eeben net ass, fir all Facteur isoléiert vuneneen ze kucken, mee dass déi, de Fait, ob d'Etüd zur Konklusioun kënnt, dass e Kand defavoriséiert ass oder net, nämlech notamment aus dem Cumul vu méi Facteuren zustane kënnt.

Genau aus deem Grond, Här Baum, deen Dir genannt hutt, fir eeben de Bléck opzemaachen an e bëssen déi sozio-ekonomesch Situatioun an der Breet och ze kucken, wat déi familiär Situatioun wier, déi professionell Situatioun a sou weider.

Ech mengen, dass et zimmlech genau, dass et meng éischt Interventioun hei am Conseil communal war zur Organisation scolaire. Dat war deemools déi final, déi de Kolleeg Weis nach op de Wee bruecht hat. An do hunn ech mech engagéiert, dass mer de LISER wäerte beoptragen an dass mer wëllen ab der nächster Rentrée schonn, sou wéi et gefuerdert gëtt vun deene meeschten hei am Sall, deen Indice spille loossen.

Dat war an deem Sënn kloer, dowéinst war dat och keng Iwwerraschung, iwwregens och net am Bureau des présidents, dee mer jo hei enk suivéiert hunn. Dat war kloer spéitstens am Mäerz, wéi mer lassgaange sinn an där doter Organisatioun.

D'Komplikatioun ass och net doduerch entstanen, dass d'Etüd net kloer wär oder zu verschiddene Schlëss géing kommen. D'Komplikatioun, oder soe mer mol den Effort, dee mer hu mussen alleguer extra leeschten – an ech soe wierklech och ganz kloer de Schoulpresidente Merci dofir.

Deen Effort, dee mer hu misse leeschten, dat war eng Fro vun Timing an eeben d'Situatioun, dass ... wéi soll ech soen ... dass een iergendwéi deen een oder anere vläicht awer gerechent hätt, dass se aus dem LISER géinge besser ewechkommen, wéi een ewechkomm ass. An dat ass eng Surprise, mengen ech, mee dat war awer u sech kee Problem. An dowéinst hu mer eebe verschidden Iwwergangsdispositioune gemaach.

Ech wëll awer ganz kloer soen, dass mer déi Iwwergangsdispositiounen net op Demande vum Schäfferot oder vum Service scolaire gemaach hunn, mee eeben aus deem Echange mat de Schoulpresidenten.

Ech hat eigentlech souwuel am Bureau des présidents wéi och an der Schoulkommissioun eigentlech gesot, dass mäi Wonsch et wär, e spillen ze loossen tel quel, well ech eigentlech och der Meenung war, dass fir jidderee kloer war, dass mer ënnerwee si mam LISER an dass déi doten Organisatioun dat dote wäert en compte huelen.

Et ass och net esou, dass d'Schoulen, also dass mer, dass mer d'Schoule guer net kucken, mee just de Ressort scolaire. Ech hu gesot, mir maachen d'Verdeelung op Basis vu 50 % einfach der Unzuel vun de Schülerinnen a Schüler, a 50 % op Basis vun der sozio-ekonomescher Situatioun an deem Ressort scolaire, aus deem d'Kand hierkënnt, also an d'Schoul geet.

A wann Der d'LISER-Etüd kuckt op der Säit 7 vun der Etüd, op der Säit 28, wann ech dat richteg gesinn, vun der, vum Dossier vum Conseil communal, do gesitt Der eeben, dass mer net einfach gekuckt hunn, dass mer dat scho ganz ganz opgeschlësselt hunn. Nämlech, do gesitt Der den Taux vun, fir all Entité scolaire, wéi vill Kanner aus wéi engem Ressort scolaire sinn an där Schoul scolariséiert.

Well dat, wat fir d'sozio-ekonomesch Konditioune vun de Kanner relevant ass an de Facteur vum Erfolleg ass, ass net, a wéi engem Secteur dat Gebai steet vun der Schoul, mee a wéi engem Secteur dat Kand wunnt. An dat ass en compte geholl do an opgeschlësselt, wéi gesot, fir all Entité scolaire par rapport zu der Relatioun, vu wou d'Kanner kommen.

Dann, wann ech elo den Ale Lycée huelen, do si 6 % vun de Kanner aus de Ressort Brill, do sinn 3 % aus dem Ressort Bruch, also sinn dann och allkéiers déi Part vun deem Koeffizient vum deem Ressort scolaire geholl ginn, fir wierklech eng relativ feinmascheg, engmascheg, detailléiert Situatioun kënnen duerzestellen an en compte ze huele fir d'Distributioun vun de Ressourcen.

Den Optrag un de LISER an dat, wat mir eis virgeholl haten als Schäfferot, wat mer eis och engagéiert hate par rapport zum Conseil communal, dat war et, fir ab der nächster Schoulrentrée den Indice socio-économique spillen ze loossen. Dat war d'Verspriechen, wat mer gemaach hunn, dowéinst hu mir eis och dorop fokaliséiert.

Ech mengen, Här Baum, Dir hutt et jo och gesot, dat war scho vill gefrot, fir elo an där Zäit dat ze maachen. Ech mengen, dass dat awer wichteg war an dass déi aner Diskussiounen, déi Der mentionéiert hutt, d'Fro vun de Ressorten, aner Froen, déi mer eis stelle mussen, duerchaus interessant Froe sinn, déi awer hei net Géigestand ware

vun deem, wat mir wollten, dat vun deem, wat mir versprach haten, an och net an eisem Ermiessen net méiglech gewiescht wären an där Zäit, wou mer sinn.

Wou ech wierklech muss soen awer, ech sinn houfreg drop, dass mer et gepackt hunn an engem Schouljoer dat heiten op de Wee ze bréngen an domadder déi Diskussioun op d'mannst elo mol ad acta ze leeën, ob mer deen Indice applizéieren oder net.

An all déi aner Saachen, dat hunn ech och schonn an der Schoulkommissioun gesot, si mer jo awer oppen, sollte mer kucken. Ech fannen dat, wat wichteg ass, wat mer gefält a wat mer sollte bäibehalen, ass, dass mer hei eng objektiv wëssenschaftlech Basis hunn, fir iwwer Schoul ze schwätzen.

An an deem Sënn, wa mer Diskussioune iwwer Secteuren féieren, iwwer Gebailechkeeten, dat ass jo och d'Iddi vun deem Plan de développement des infrastructures scolaires ass, dass mer op Basis vun objektive Fakten, vu wëssenschaftlechen Donnéeën am Interêt vun de Kanner dat Bescht maachen, fir eis Schoulen ze organiséieren.

Voilà, also d'Efforte gi weider. Den Här Buergermeeschter gëtt et bëssen ongedëlleg, well mer am Ordre du jour musse virukommen. Ech hätt nach ganz ganz vill ze soen, Dir wësst et. Mee mir hu jo nach eng Kéier d'Geleegenheet, fir doriwwer ze schwätzen. Merci fir d'Ënnerstëtzung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dir hat esou e schéinen Ofschloss op der Zong leien.

Mir kënnen ofstëmmen. Au vote.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☒ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☒ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☒ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mer sollten de séchere Schoulwee presentéiert kréien, awer d'Madamm, déi dat soll maachen, ass nach net hei. Dowéinst huele mer mol de 7 da vir.

Dat ass d'Organisation ...

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Entschëllegt, mir mussen awer nach d'PDSe stëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Solle mer déi getrennt stëmmen?

*(Interventioun aus dem Sall)*

Okee, da musse mer nach ... Mir hunn de 5.1. gestëmmt, natierlech huele mer nach de PDS. Merci fir den Hiweis. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

## 6.1. Concept « Séchere Schoulwee » phase 3 ; presentation

## 6.2. Règlement de la circulation ; modification du règlement de la circulation ; Séchere Schoulwee phase 3 ; diverses rues ; décision

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

An dann ass och d'Madamm Bertinelli do, fir de Punkt vum „Séchere Schoulwee". Här Sehovic, ech ginn lech d'Wuert.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng), Schäffen

Merci, ech maachen et ganz kuerz. Mir sinn ukomm an der drëtter Phas vum „Séchere Schoulwee", wou mer eigentlech déi Schoulen analyséiert hunn, déi bis elo nach net um Programm waren.

Dat ass den Ale Lycée, de Brill, d'Jean Jaurès an – wéi eng hunn ech elo vergiess? An d'Groussgaass.

Mir huelen duerno eng ganz Rei vu Mesurë schonn direkt, oder proposéiert direkt eng ganz Rei vu Mesurë fir d'Ëmsetzung. Ech maachen awer hei wéi gewinnt – dat hutt Der jo schonn e puermol vu mir héieren – de Verweis dorobber, dass de séchere Schoulwee net sech erschëpft eigentlech an deenen Etüden, déi mer maachen, an an der Ëmsetzung vun deene Mesuren, déi mer do analyséiert hunn, mee e konstante Prozess ass, wou een och ëmmer erëm reagéiere muss op nei Situatiounen, déi am Verkéier entstinn. Duerch Chantieren zum Beispill, duerch Verännerunge vun der Verkéiersféierung, soudass dat doten eppes ass, wat, mat deem mer eis ëmmer erëm wäerte beschäftege mussen.

Och wa mer elo mol haut da mat der Phas 3 den Analysendeel vun allen Escher Entitéiten ofgeschloss hunn an et elo ganz sécher d'Prioritéit wäert sinn, nach weider an d'Ëmsetzung ze goe vun deene Mesuren, déi mer haut presentéiert kréien, vu verschiddene Mesuren och nach aus der Phas 2 an 1, déi méi laangfristeg ugeduecht sinn.

Also dass mer eigentlech, och wa mer elo dat ofschléissen, nach ganz ganz oft doriwwer wäerte schwätze mussen. An dat awer och en Deel ass vun deem, wat ech virdru gesot hunn, wou mer wëllen, dass eis Kanner sech méi beweegen, da spille sécher Schoulweeër och e Rôle. An dofir wäerte mer weider dorunner schaffen.

Ech soen lech Merci an ech ginn dem Liza gären d'Wuert.

**Mme Liza Bertinelli**

Villmools Merci, Här Sehovic. Voilà, also wéi gesot, ech ginn eng Kéier séier duerch den Dossier duerch.

Mir hu fir d'Presentatioun eng Kéier e klenge Resumé gefaasst iwwer engersäits d'Resultater vum Questionnaire. Wéi scho gesot gouf, en huet am Ganzen dräi Phasen, wou mer lech haut déi drëtt Phas presentéieren, wou d'Schoule Groussgaass, Ale Lycée, Brill a Jean Jaurès analyséiert goufen. Wéi gewinnt gouf et hei och e Questionnaire, deen un d'Kanner an un d'Elteren erausgaangen ass, fir eeben eng Bestandsopnam kënne propper ze maachen.

Zu de Resultater vun der Enquête ware wéi gewinnt och déi dräi verschidde Questionnairen erausgaangen, jee no Alter a Cycle, an deem d'Kand ass. An do hu mer erëm e ganz representative Retour gehat, souwuel vun de Kanner wéi och vun den Elteren.
Op déi wichtegst Resultater eng Kéier, fir eng Kéier op déi wichtegst Resultater anzegoen. Et kann ee soen, dass dat heite graff grosso modo de Model-split ass vun de Kanner, déi an d'Schoul ginn. Also eng graff 70-77 % vun de Kanner ginn ze Fouss, wat e ganz virbildlecht Resultat ass.

Eng Hand voll, 5-4 % mam Vëlo; identesch fir den ëffentleche Verkéier. An dann tëscht 13 an 18 %, déi mam Auto an d'Schoul kommen. Also dat ass wierklech eigentlech super.

Wann een da kuckt, wou d'Kanner bezéiungsweis och d'Eltere Problemer gesinn, hänke graff iwwer 60 % vun de Leit, déi geäntwert hunn, d'Problemer mam, sinn a Relatioun mam Auto, mam motoriséierte Verkéier, wat eigentlech relativ däitlech ass, wou de Knackpunkt ass um Schoulwee.

Zu verschiddenen Aussoen, déi d'Kanner nach gemeet hunn, ass eebe wéi gesot ganz oft den Auto genannt ginn: entweeder den Excès de vitesse oder eeben dass generell ze vill Trafic op der Strooss ass.

Op d'Fro hin, ob de Schoulwee geféierlech ass oder net, huet een eigentlech de Gros vun de Kanner bezéiungsweis och vun den Elteren, déi äntweren, dass de Schoulwee net geféierlech ass. Bei verschiddene Schoulen ass den Undeel un de Kanner, déi Jo geäntwert hunn, méi grouss wéi bei aneren. Dëst huet awer gréisstendeels elo aner Grënn wéi forcement de Verkéier.

Op d'Fro hin, wat hirer Meenung no misst geännert ginn um Schoulwee, fir dass dee besser gëtt, hunn d'Kanner geäntwert, dass se entweeder eng Pedibus-Linn wéilten, méi Zebrasträifen, also geséchert Iwwergäng fir iwwer d'Strooss oder och méi breet Trottoiren.

Zu der Enquête vun den Elteren hu mer och nach eng Kéier erausgezunn, ganz interessant, wéi laang d'Kanner ongeféier brauchen, fir an d'Schoul ze trëppelen. An do gesäit ee ganz gutt, dass een ze Fouss oder och mam Vëlo deelweis souguer méi séier an der Schoul ass, wéi mam Auto, an dass d'Argument, dass dat eeben d'Autoen, den Auto, deen dat méi séiert Mëttel ass, net forcement richteg esou an en moyenne tëscht fënnef a siwe Minutte brauchen, fir an d'Schoul ze trëppelen, jee no Schoulgebai, wou se higinn.

Bei deene véier Schoulen, déi dëst Joer befrot goufen, waren et jeeweils véier Schoulen, wou d'Offer vum Pedibus net en place ass. Dat heescht, hei gouf d'Fro éischter gestallt, wäert Der interesséiert dorunner. An du gouf, ass eeben e grousse Retour komm vun engem 80 %, déi Jo

geäntwert hunn. An dann eeben hei mat e puer Remarken, wou d'Eltere gefrot hunn, bezéiungsweis wou et sech géing ubidden, dat en place ze setzen.

Zu de Geforepunkten, déi d'Eltere genannt hunn, einfach generell eng Kéier opgeléscht, ass dat, wat am ëftsten, am heefegste genannt gouf, éischter den Excès de vitesse an eeben, dass d'Kräizungspunkte relativ geféierlech sinn an och Plazen, Zebrasträifen oder geséchert Iwwergäng feelen, Trottoirë schmuel sinn oder eeben den Trafic einfach vill ze héich ass.

Hei eng Kéier d'Opléschtung jee no Gebai. Do ginn ech elo net am Detail drop an.

An dat war schonn e bëssen de Constat, dee mer aus dem Questionnaire konnten zéien. Elo géinge mer Schoul fir Schoul eng Kéier op déi verschidde Mesuren agoen, déi proposéiert ginn.

Hei da fir de Brill a seng Annexen. Eng Kéier gewisen, wou d'Kanner wunne ronderëm d'Gebaier, wou een eigentlech gesäit, dass dat relativ kompakt ass, wou d'Kanner do wunnen.

Dann déi éischt Mesure eng Kéier am Kräizungsberäich Rue du Brill, Rue C.M. Spoo, wou een haut, hei duergestallt d'Situatioun eng Kéier gesäit, wou d'Visibilitéit vum Foussgänger par rapport zum Autoschauffer eigentlech net esou super ass, bedéngt duerch de Parkraum. Wou mer géinge proposéieren, de ganze Kräizungsberäich op e Platto ze hiewen an déi Zebrasträife sou konform ze gestalten, bezéiungsweis de Parkraum an enger néideger Distanz vun den Zebrasträifen ewechzeréckelen.

Da punkto Rout Lëns, ech mengen, dat ass e Projet, deen Der alleguerte kennt, wou och eng nei Schoul wäert entstoen, déi e bëssen an där Entitéit vum Brill an deem Raum dann eng ganz Rëtsch Kanner wäert accueilléieren. An deem Kader proposéiere mir eng Mesure fir d'Rue d'Audun tëscht deenen zwee Rond-pointen; eng Kéier dee bei der Tankstell, eng Kéier dee klenge bei den Tabathéiken. Do géinge mir proposéieren, e Modalfilter en place ze setzen, fir do eng, soe mer mol sou, den Duerchgangstrafic ze stoppen, dass een eigentlech vum Rond-point bei der Tankstell just nach ka Richtung Prince Henri fueren an aus der anerer Richtung vum, also eigentlech guer net méi bis op de Boulevard J.F. Kennedy kënnt.

Et géing een nach ëmmer op de Parking kommen, mee eigentlech net méi wäit. Dëst bedéngt dann och, dass an deem Fall eng gutt Rëtsch manner Trafic op där Plaz wäert fueren, einfach bedéngt, dass den Duerchgang net méi erméiglecht gëtt.

Eng weider Mesure fir de Boulevard J.F. Kennedy op der Héicht vum Accès Richtung Dieswee, wou mer proposéieren, de bestoenden Zebrasträifen ze sécheren an eng Mise en conformité ze setzen. Hei eng Kéier gewisen, wéi dat ausgesäit.

Do gëtt da punktuell de Vëloswee geséchert wéi och eng Mëttelinsel en place gesat, fir dass dee Wee vum Foussgänger bezéiungsweis vum Vëlosfuerer iwwer de Boulevard J.F. Kennedy net méi sou wäit ass. Dëst entsprécht och dem neie Gesetz vun der Accessibilitéit fir alles, wat Personne à mobilité réduite ass.

Änlech och en aneren Zebrasträifen op der Héicht vun der Uelzechtstrooss, wou mer proposéieren, de Stroosseraum anzeenken, dass een op der Héicht vum Iwwergang just nach zwou Spueren huet, an deem Fall dann och de Vëlo geséchert hätt am Säiteraum an eng komplett Mise en conformité nom Gesetz vun der Accessibilitéit géing en place setzen.

Dës zwou Mesurë si wuelwëssend op der Nationalstrooss N4 a bedéngen dann och enger Permission de voirie, enger Demande bei de Ponts&Chaussées.

E Projet, deen net forcement am Kader vum „Séchere Schoulwee" entstanen ass, mee awer definitiv och eng Plus-value fir de Schoulwee ass vun de Kanner, ass dee vun der Revaloriséierung vun der Uelzechtstrooss. Do ginn ech elo weider net drop an, mee dat ass wéi gesot e Projet, deen och fir alles, zumools fir d'Schoul am Raum Brill eng Plus-value duerstellt.

Well et gefrot gouf vun den Elteren a vun de Kanner, hei eng Propos vun zwou neie Pedibus-Linne fir souwuel d'Brill-Schoul wéi och d'Annex Brill 5. Spéiderhin dann och vläicht fir d'Schoul op der Rouder Lëns, wou mer eng Kéier eng Linn proposéieren, déi aus der Hiehl erbäi kënnt an eng Kéier eng Linn proposéieren, déi vun der Kanalstrooss aus kënnt an déi zwou Schoulen da souzesoen desservéiert.

Do wou déi Pedibus-Linnen de motoriséierten Trafic musse kräizen, sinn dann och schonn iwwerall geséchert Iwwergäng en place.
Eriwwer an d'Hiehl. Do ass jo och eng Annex. Do proposéiere mer an der Rue Jean-Pierre Bausch, quasi wann een aus dem Ellergronn erofkënnt, eng punktuell Anengung vum Stroosseraum, fir einfach do zousätzlech zu deenen, déi schonn en place sinn, nach den Trafic ze bremsen, fir dass do d'Vitess sou gutt wéi méiglech ka respektéiert gi vun deenen 30 km/h.

An dann och an déi aner Richtung, Richtung Ellergronn, proposéiere mer punktuell Verschwenker an d'Stroossen anzebauen, well dat haut jo als, also éischter ausseruerts wouergeholl gëtt, an awer do deelweis vill ze séier gefuer gëtt. Dofir proposéiere mer do, dës Mesuren ze huelen.

An dann op dëser Plaz och, wou eigentlech schonn eng Mesure en place ass mat deene Polleren, fir de Foussgänger vum motoriséierte Verkéier ze trennen, proposéiere mer zousätzlech dozou eng relativ séier ëmzesetzend Mesure vun enger Banderie, wou een optesch kann de Gabarit anenke goen an dann och d'Vitess ka reduzéieren.

Fir d'Groussgass-Schoul gëtt et och e Projet, deen net am Kader vun dësem, forcement dësem Kader vum „Séchere Schoulwee" entstanen ass, mee natierlech och hei eng Plus-value ass.

Dat ass eng Kéier dat komplett Reamenagement vun der Rue de l'Eglise, vun der Grand-Rue, vun der Place des Remparts, vun der Rue des Remparts a vun der Rue du Fossé mat der Gestaltung vun den dräi Plaze Place Grand-Rue, Place des Remparts, an eeben déi ganz Plaz ronderëm d'St.-Joseph-Kierch, wou net nëmmen eng komplett Opwäertung vum ëffentleche Raum soll geschéien, mee natierlech och eng Verkéiersberouegung soll passéieren.

Haut fiert een an enger Grand-Rue 50 km/h. Do ass da geplangt, fir mat Modalfilter a mat punktuelle Vitessreduktiounen eeben och virun der Groussgaass-Schoul eng méi geséchert Situatioun fir de Schüler ze schafen an natierlech an deem Kader och, voilà, dat Ganzt opzewäerten.

Op der Kräizung vun der Rue St. Vincent mat der Avenue de la Gare proposéiere mir, punktuell Zebrasträifen ze markéieren an ze reglementéieren, fir einfach de Kanner bzw. den Elteren op hirem Schoulwee d'Méiglechkeet ze ginn, geséchert iwwer d'Stroossen ze goen.

A virun der Grand-Rue-Schoul selwer huet ee jo haut scho Busarrêten en place. Mat deem ganze Reamenagement, dat geplangt ass,

proposéiere mir do op deenen zwou Säite fir de Ramassage scolaire zwou Busencochë virzegesinn, fir dass déi Bussen och propper kënne stoe bleiwen an d'Kanner geséchert kënnen erausloossen.

An der Rue de la Montagne ass d'Situatioun dës, dass et e ganz beenkte Stroosseraum ass, een net forcement eng Bordure huet, déi de Säiteraum fir de Foussgänger oftrennt zu dem Gabarit, wou gefuer gëtt, einfach duerch déi Reglementatioun, déi an där Strooss gëllt.

Mee duerch déi geparkt Autoen, déi do stinn, huet de Foussgänger eigentlech net wierklech Plaz. A mat där Evolutioun, déi an de leschte Jore geschitt ass, dass d'Autoen einfach ëmmer méi breet ginn an an deem Fall och ëmmer méi Plaz anhuelen am ëffentleche Raum, ass dat natierlech zum Ongënschte vum Foussgänger.

Do proposéiere mir dann, op där Plaz d'Parkplazen ze suppriméieren, fir dann dem Foussgänger a virun allem de Kanner sou no vun der Schoul méi Plaz ze ginn am ëffentleche Raum.

Fir d'Annex bei de Wäschbieren an der klenger Lëtzebuerger Strooss gëtt de Gros vun de Kanner iwwer de Parking an der Rue Helen Buchholz quasi dohi bruecht, an och de Schülertransport verleeft iwwer dee Parking, deen hautdesdaags heiansdo seng Problemer huet duerch Falschparker op deem Parking, wat da bedeit, dass de Bus net méi ka propper dréinen, fir do erauszefueren.

Do proposéiere mer dann zousätzlech Mesuren, fir dat Falschparken halt ze verhënneren an dem Bus dann eng propper Méiglechkeet ze bidden, fir do aus deem Parking erauszedréinen an dann d'Kanner sou da sécher an d'Schoul ze bréngen.

An der Rue des Jardins gouf erwäänt, dass do ëfters ze séier gefuer gëtt. Dat hunn d'Servicer mat engem Comptage net forcement kënne wéi gesot constatéieren. Mee trotzdeem wëll een hei op de Wee goen an eng punktuell Mesure gräifen, wou een dann op Plaze Berliner Këssen, dat heescht, déi Höcker do kann en place setzen, fir dann d'Vitess an där, soe mer mol, Einbanstrooss, wou een dann awer ab und zu kann acceleréieren, ze briechen a sou d'Situatioun ze entschäerfen.

Fir den Ale Lycée hu mer am Fong duerch de Questionnaire kënnen erausliesen, dass net wierklech eng Problematik vun den Elteren oder vun de Kanner genannt gouf. Dat eenzegt, wat ee constatéiert huet, dass an der Rue de l'Ecole ab und zu ënnen, do wou déi Pollere stinn, d'Leit geparkt hunn, fir den Depose minute ze maachen.

Do huet een eigentlech schonn eng Mesure geholl, fir déi Pollere méi wäit no vir ze réckelen, fir dëst ze verhënneren.

An dann déi lescht Schoul mat der Jean Jaurès. Do ginn et och schonn eng ganz Rëtsch Mesuren, déi en place sinn, forcement de Poller direkt virum Gebai an der Rue Sidney Thomas.

Do wier och d'Coupure vun engem Kräizungsberäich souwuel wéi de Marquage vun der sigle „couple d'enfants". Hei proposéiere mer och, well et ganz spezifesch gefrot gouf, de Pedibus anzeféieren, an zwar mat zwou Linnen. Hei och erëm eng, déi eigentlech scho bal um Boulevard Prince Henri duerch d'Stalingrad-Strooss erop Richtung Jean Jaurès geet.

An eng Kéier eng, déi duerch d'Rue Claire-Chêne vun der Place de la Résistance bei der Schwämm aus Richtung Schoulgebai tréppelt, wou een dann och wéi gesot da punktuell kuckt, fir do, wou d'Kanner, de Pedibus de

motoriséierten Trafic kräizen, dat kënnen iwwer geséchert Iwwergäng ze maachen.

Hei proposéiere mer dann an der Approche vun der Schoul och, punktuell déi Radar-pedagogiquen anzesetzen, fir op d'Vitess hinzeweisen, déi gefuer gëtt – vu béide Säiten aus kommend.

An da fir de Kräizungsberäich mat der Place Stalingrad/Rue Sidney Thomas proposéiere mer do och, op deene verschiddene Plaze Passage pour piétons, also Foussgängeriwwergäng ze markéieren an ze reglementéieren, fir dass d'Kanner hei och definitiv kënne geséchert iwwer d'Strooss goe bei hir Schoul.

E Projet, dee mëttlerweil am Chantier ass, ass dee vum Prince Henri, vum Rond-point do Richtung, beim Losch soe mer mol bis erof op de Rond-point Am Deich, deen un d'Kanalstrooss uschléisst, wou iwwer déi ganz Längt e proppere Vëloswee en place gesat gëtt, wou eeben och den Accès vun der Rue Stalingrad mat ëmgebaut gëtt, deen en Trottoire traversant kritt, wat där Strooss dann an deem Accès virun allem eng ganz aner Nues gëtt, wou da spéiderhin hoffentlech dann och manner Trafic wäert duerchgoen.

Punktuell Mesuren zu den Zebrasträifen, déi haut scho bestinn, wéi hei an der Rue Sidney Thomas, dee schonn eng Urampung huet, einfach just sou ze markéieren, dass se och wouergeholl gëtt, dass souguer den Autofuerer direkt erkennt, dass een do méi lues mécht.

An dann och nach eng Kéier virun der Internationaler Schoul an der Rue Victor Hugo proposéiere mer iwwerall op deene Kräizunge Foussgängeriwwergäng ze markéieren an ze reglementéieren, fir dass een iwwerall bäikënnt iwwer en Zebrasträifen.

Hei proposéiere mer och de Busarrêt an d'Kiss-and-Go-Plazen ze switchen, fir dass dat ganzt Fonctionnement vun deem Kiss-and-Go besser funktionéiert an d'Rue St. Barbe manner belaascht gëtt.

Zousätzlech dozou proposéiere mer och Verkéiersberouegungsmesurë bezéiungsweis Reduktioune vun de Vitessen an der Victor Hugo, wou een dann do ka Berliner Këssen en place setzen, souwéi och an den Entréeë vun der Rue Michel Rodange wéi an der Rue du Nord, wou ee Foussgängeriwwergäng markéiert a reglementéiert. Dat selwecht dann och op der anerer Säit an der Achs vun der Rue de l'Usine.

Voilà, dat wär eng Kéier grosso modo d'Presentatioun vun de Mesurë gewiescht. Wéi gesot, dat Ganzt war e participative Prozess a gouf zesumme mat den Escher Bierger a Biergerinnen ausgeschafft. Villmools Merci.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Liza. Merci fir déi do Presentatioun.

Ech géing gären och dem Conseil communal direkt d'Verkéiersreglementer proposéieren, déi eng éischt Batterie vu Mesuren ëmsetzen, déi Dir elo proposéiert hutt. Dir fannt ënner dem Punkt 6.2. eelef Mesuren, dovunner zéng nei Iwwergäng, déi hei beschriwwe gi sinn. An ech bieden och do ëm Är Ënnerstëtzung fir déi dote wichteg Mesuren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wie kann ech an d'Diskussioun aschreiwen?

Madamm Agovic, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Enesa Agovic (LSAP)**

Merci fir d'Wuert, merci och fir d'Presentatioun.

D'Studie, déi gemaach ginn ass, geet schonn zimmlech wäit an hëlt souwuel d'Elteren an, eeben och nach méi wichteg, d'Kanner mat, fir hir Erfarungen op hirem Schoulwee ze kennen.

Duerch déi geografesch Positionéierung vun der Wunneng vun de jeeweilege Remarke kann een d'Anzuchsfläch vun de verschiddene Schoule gutt erkennen. A priori ass dat och wierklech eng gutt Approche, traureg ass awer wat mer an der zoustänneger Kommissioun héieren hunn a wat och de Mobilitéitsschäffen haut nees ënnersträicht.

Mir héieren zum Beispill, dass de sécher Schoulwee op den éischten zwou Phasen e Prozess wär an déi nächst Phas natierlech och e Prozess ass, mee da misst dee Prozess méi eescht geholl ginn a bezéiungsweis ugefaangen oder duerchgefouert ginn.

An deem Kontext krute mir virun aacht Méint den zweeten Deel presentéiert. D'Resultat waren do e puer vereenzelt Zebrasträifen, e puer Berliner Kissen an eng Vitessanzeig, déi versprach goufen. Vun dëse scho ganz dürftegen Ukënnegungen ass awer näischt an där Zäit ëmgesat ginn, ausser natierlech deen een Zebrasträifen iwwer de Boulevard.

Et ass jo Budget do, firwat setze mir deen net ëm?

Fakt ass, am ganze Raum ronderëm d'Groussgaass-Schoul an der Remparts-Plaz geschitt an nächster Zukunft guer näischt. Éischtens ass ausser dat klengt Stéck vum Gruef keng vun deene Stroossen am Budget pluriannuel bis 2026 opgefouert. An zweetens ass dat Bild do net koherent och mam Projet, dee mer an der leschter Zäit an der Press konnte bewonneren an deen och mat der Chaire vun der Uni, deen d'Escher Gemeng bezilt, ausgeschafft gouf.

Wat solle mir dann do gleewen, ausser dass mir a virun allem den Escher respektiv déi Escher Schüler hei mat schéine Billercher a léiwe Geschichte begléckt ginn, awer um Terrain geschitt natierlech net vill, bis guer näischt.

Virun allem bei der Brill-Schoul ass et deelweis ganz chaotesch. Do sollte Verbesserungen am Kader vum Chantier Uelzechtstrooss ze erwaarde sinn, mee dee Projet ass mol net am Pluriannuel-Budget ze fannen.

Den Här Baum hat virun ... jo, dach, hat et scho virdru bei der Sportarena gesot: d'Gemeng huet ganz grouss Ambitiounen, mee d'Realitéit gesäit ganz anescht aus, bezéiungsweis et misst een och wierklech déi Problemer, déi mer hei elo grad hunn, méi eescht huelen.

Um Brill zum Beispill gëtt leider oft de Contraire gemaach. Amplaz de Schoulwee méi sécher ze maachen, gëtt do zum Beispill mat der Kiermes, mam Maart, mat de Liwwerungen an elo och mam Public Viewing, deen op en Neits d'Situatioun vun de Schoulkanner verschlëmmert.

D'Usätz, fir doduerch d'Brill-Plaz ze beliewen, si jo u sech positiv, mee da muss een awer och mat de Betraffenen déi Changementer beschwätzen. Et muss een hinnen déi Changementer iwwerhaapt emol matdeelen – et si vill Enseignanten, déi wossten näischt vun deene Changementer – a se net einfach viru virgefäerdegten Tatsaache stoe loossen.

Här Sehovic, souwuel Dir wéi och ech an och ganz vill aner Leit hunn de Video gesi vun deem zum Gléck just geplangte Feieralarm an der Brill-Schoul, dee wärend der

Päischtkiermes ganz chaotesch verlaf ass. An ech zitéieren do verschidden Enseignanten, net nëmme chaotesch, mee katastrophal war.

An der Etüd nennen d'Schüler aus der Brill-Schoul vum Cycle 4 och „komische Leute", déi dozou féieren, datt si sech op hirem Schoulwee onsécher fillen. Als Mamm fannen ech et skandaléis, datt et an der Kommissioun dëse Punkt net als relevant bezéiungsweis einfach als net wichteg fir de séchere Schoulwee ignoréiert gëtt.

Wa Kanner sech net sécher fillen, dann huet d'Gemeng déi Verantwortung, fir dat och eescht ze huelen. A mir wëssen hei alleguerten, wat d'Kanner mat dëser Ausso och gemengt hunn. Ech hat och schonn d'Situatioun op der Brill-Plaz, dass ee Meter nieft mengem Meedchen eng gliese Béierfläsch geflu koum. Dat dréit ganz sécher net zu der, zu engem Sécherheetsgefill bei de Kanner, a scho guer net bei den Eltere bäi.

D'ailleurs ass och en änleche Problem och hannert der Schoul Groussgaass genannt ginn, wou Leit illegal Substanze konsuméieren an d'Kanner aus dem Schoulhaff deem Schauspill kënnen einfach nëmmen nokucken. Ass dat wierklech e Bild, wat mir den Escher Schüler an Eltere weise wëllen?
Wat bleift ass, dass Dir Iech hei mat engem Séchere-Schoulwee-Konzept feiere loosse wëllt, dobäi ass dat, wat mer wéi schonn an den zwee éischten Deeler gesinn hunn, respektiv wärten am drëtten Deel gesinn. Dir setzt nëmmen den absolutte Minimum vun deem ëm, wat d'Roll vun enger Gemeng ass: ronderëm eng Schoul uerdentlech Zebrasträife fir d'Kanner an hir Begleedung bauen.

Op Modularfiltere wäerte mer vergeeblech waarden. Dobäi gëtt et e gutt Beispill bei der Dellhéicht-Schoul, wou zäitweis de Verkéier zu de wichtege Momenter virun enger Schoul verhënneren. Verhënnere vu motoriséierten Individualverkéier ronderëm d'Schoule wär eng Moossnam, géif gräifen an de Kanner och wierklech eng Sécherheet bidde géif.

Et ass och ee vun den heefegste Punkten, déi d'Kanner genannt hunn. Fir eis Escher Schüler a Schülerinne sinn einfach vill ze vill Autoen do a se fueren och vill ze schnell. Par conter wat se sech wënschen, an net nëmmen d'Kanner, mee och d'Elteren, si méi an och adequat Vélosweeër. Mee dofir feelt leider de politesche Courage komplett.

Et bleift als Constat, dass keng konsequent Verbesserung ze erwaarden ass. An dat ass traureg a bleift geféierlech fir d'Kanner an hir Begleedung. D'Ëmsetze steet a kengem Verhältnis zu der Oppulenz vun der Etüd; do brauche mer keng Hoffnung ze hunn.

Als gutt oder besser schlecht Beispill brauch een nëmmen d'Lallenger Schoul ze kucken, wou jo anscheinend de „Séchere Schoulwee" voll ëmgesat gouf, a wéi et schéngt wonnerbar funktionéiert. Mee d'Elteren, déi d'Kanner do an d'Schoul bréngen, zeechnen e ganz anert Bild.

Net méi spéit wéi de Moie krut ech nach Fotoe vun Eltere geschéckt, déi e vollgestoppte Boulevard weisen, wou näischt virugeet, wou d'Schoulbusser am Fong och ganz falsch ëmbéien a kee Rücksicht hëlt op déi ganz Foussgänger, déi do sinn. Dat heescht, och op eis Escher Schülerinnen a Schüler.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Wat ass dann Är Propos elo do?

**Mme Enesa Agovic (LSAP)**

Watgelift?

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Wat ass dann Är Propos?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Sehovic, wannechgelift.

**Mme Enesa Agovic (LSAP)**

Ma déi kënnt elo. Et wär zum Beispill eng gutt Propos, dass Dir Iech emol dohinner stellt, moies kuerz virun 8 Auer an deem Chaos einfach mol nokuckt an duerno wierklech och Mesuren huelt, déi do wierklech kéinten och zur Sécherheet vun de Schüler bäidroen.

Ech mengen, dat wär vläicht e gudden Ufank. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

D'Madamm Scholl wollt nach eppes soen. Duerno den Här Baum.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Ma Här Buergermeeschter an Dir Léif alleguer, e séchere Schoulwee ass wierklech déi Bedéngung, fir dass ons Kanner, jo, mat Freed kënnen a Beweegung an hir Schoul kënne kommen.

Ech hunn awer elo e puer Bedenken. Engersäits un d'Koherenz vun den Anzeechnungen op de Stroossen. Et ass esou, Dir hat virdrun d'Gaardestrooss ernimmt. Do ass och de Vëloswee tipptopp, nei frësch agezeechent ginn, gutt visibel. Dat huet mech erfreet.

Anerersäits soen ech mer, op der Säit, wou en agezeechent gouf, ass och eng Livraisounsplaz an déi steet am Fong op dem Vëloswee. Do ass meng Fro, awéifern dass mer do vläicht kënnen awer kucken, dass mer déi Inkoherenze behuewe kréien – do sinn ech mer absolutt sécher.

An déi aner Fro ass och: An enger 30er-Zon – an Dir kënnt mer ganz gär de Contraire soen – ass et jo esou, dass mer keng Zebrasträifen am Fong op d'Strooss zeechnen, well do de Pieton egal wéi d'Recht huet, egal wou iwwer d'Strooss ze goen. Elo ass meng Fro: Hu mir Zonen, wou mer an enger 30er-Zon Zebrasträifen trotzdeem himaachen?

Ech fannen op jidde Fall, dass Kanner mat engem Zebrasträife méi sécher, obwuel et eng 30er-Zon ass, iwwer d'Strooss kënne goen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Scholl. Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och fir d'Presentatioun. Ech sinn awer och op engem Punkt e bëssen op mengem Honger sëtze bliwwen, dofir sinn ech, hunn ech em eppes ze iessen, sinn ech mer siche gaangen.

Et ass d'Fro: Fir mech ass awer de séchere Schoulwee och ëmmer de séchere Vëloswee. A mir hunn awer och Vëlosweeër am Zentrum, déi awer elo definitiv als net geséchert kënne gëllen. An do sinn ech awer an där, an Ärer, an Ärem Planning an Ärer Mise en oeuvre

e bëssen hänke bliwwen, well ech fannen, d'Situatioun an der Kanalstrooss zum Beispill ass alles anescht wéi zefriddestellend.

Ech fannen d'Situatioun, wann ee vun der Place des Remparts erof d'Avenue de la Gare kënnt, sou wéi am Moment de Vëloswee do virgesinn ass, ass net nëmme fir Kanner, mee fir jiddwereen zimmlech geféierlech, well et ganz schëtzeg biergof geet.

An ech mengen och, datt an deene Schoulen, an deene Stroossen, déi mer am Moment amgaange sinn ze renovéieren, wou, mengen ech, awer och zum Beispill de Kuelebierg eng Méiglechkeet gewiescht wier, fir do e Vëloswee, eng Verbindung hierzestellen tëscht Kanalstrooss/Victor-Hugo-Strooss. A wann een e bësse weider geet bis an de Clair-Chêne erof, datt dat awer eppes ass, wou mer iwwerhaapt déi ganz Dimensioun Vëlo, séchere Vëloswee hei an der Presentatioun awer e bësse gefeelt huet. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Ech ginn d'Wuert un den Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Vun den, also vun de Mesuren aus den éischten zwou Phasen – et waren der 38 un der Zuel – sinn der ronn 19 ëmgesat schonn. Komplett ëmgesat. Eng Rei dovunner sinn an der Realisatioun.

D'Servicer vun der Stad hunn eleng an de leschten zwielef Méint néng Foussgängerpassagë PMR-gerecht ëmgestalt, dräi zousätzlech Passages combinés fir Vëlosfuerer a Foussgänger installéiert, zwee weider Foussgängerpassagen, ee Popup-Vëloswee.

Mir sinn amgaangen, an dat ass e bëssen d'Äntwert op d'Remark par rapport zum Kuelebierg, si mer amgaangen, um Prince Henri e fuschneien, separten, securiséierte Vëloswee ze maachen, wou effektiv, do ginn ech Iech Recht, d'Fro, wéi mer dee weiderféieren duerno, sech stellt. An dorunner schaffe mer. Do wäerte mer dann och le moment venu kënnen driwwer schwätzen.

Soudass ech vill Verständnis hu fir d'Urgence, déi mer hei alleguerte verspieren, ech mer awer géing wënschen, dass mer e bësse bei de Fakte bleiwe par rapport zu der Ëmsetzung vun deene Saachen, déi do sinn.

Madamm Agovic, ech war mat de Vertrieder vum Elterekommitee, mat den Elterevertrieder vun der Schoul Lalleng si mer de Quartier ofgetreppelt. Mir ass d'Situatioun ganz ganz bewosst, déi um Boulevard ass, déi mer hei och schonns e puermol beschwat hunn, déi ze dinn huet mat enger Rei vu Chantieren a sou weider a sou virun. Déi och ze dinn huet mam Duerchgangsverkéier, dee mer mëttelfristeg mussen erauskréien.

Mir hunn als Suite vun där Eltereréunioun, mat den Elterevertrieder, eng ganz Rei vun zouätzleche Mesuren decidéiert, eng ganz Rei dovunner och schonn ëmgesat, déi elo guer net am Prozess vum „Séchere Schoulwee" waren, mee déi sech aus deene Reuniounen, aus deenen Echangen erginn hunn.

Déi doten Efforte gi weider. Mir hunn notamment am Stadkär Suite vun där, vun deem Tour, dee mer d'lescht Joer organiséiert hunn, wou mer zesumme mat villen Escherinnen an Escher duerch Esch gefuer sinn, an notamment hei am Stadkär festgestallt hunn, dass eng Rei vu Saachen, vu Marquagen, d'Signalisatioune fir de Vëlo gefeelt hunn. Déi hu mer mëttlerweil alleguerten ëmgesat, soudass dat do eigentlech e Prozess ass, dee weidergeet an dee gutt weidergeet.

Dass déi Saache sou lues awer sécher ukommen, mierkt een awer och un den Associatiounen, déi sech notamment fir de Vëlo, fir sécher Schoulweeër asetzen an déi eis awer reegelméisseg luewen, och ëffentlech luewe fir déi Aarbecht, déi do gemaach gëtt, soudass ech do eigentlech ganz confiant sinn, dass mer um richtege Wee sinn.

Ech wëll dem Service Merci soe fir déi Aarbecht bis elo. Ech wëll dem Liza an der Ekipp Merci soe fir dee participative Prozess an déi dote Recommandatiounen. A mir wäerte weider am Sënn och do vun de Kanner dofir schaffen, dass se sécher an d'Schoul kommen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Sehovic. Da stëmme mer d'Reglementer vum 6.2. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

## 7. Conservatoire ; Organisation scolaire provisoire 2024-2025 ; décision

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Mir kommen an de leschten Drëttel vum Gemengerot fir haut mat der Schoulorganisatioun vum Här Knaff.

**M. Pierre-Marc Knaff** (DP), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter. Et geet ëm d'Schoulorganisatioun vum Conservatoire.

Den Artikel 10 vum neie Museksgesetz vum 27. Mee steet: „ Le conseil communal ou le comité du syndicat de communes qui souhaite organiser un enseignement musical délibère annuellement avant le 1er septembre sur l'organisation de cet enseignement pour l'année scolaire à venir. En cas de besoin, cette décision peut être modifiée avant le 1er décembre de l'année scolaire en cours."

Dat heescht, virum 1. September muss eng provisoresch Schoulorganisatioun gestëmmt ginn a virum 1. Dezember dann déi definitiv. En Exercice, deen net nei ass an deen de Gemengerot scho jorelaang mécht.

Am Artikel vum selwechte Gesetz steet genau, wéi eng Donnéeën an der Schoulorganisatioun mussen drastoen. Nämlech wat fir Coursen, wat fir Branchë gehale ginn, op wéi engem Niveau, mat schätzungsweis wéi vill Schüler, vu wellchem Enseignant a wou; dat heescht, eng Adress.

Ouni déi provisoresch Schoulorganisatioun däerf de 15. September kee Cours am Conservatoire stattfannen. Dat Ganzt ass eng Previsioun mat enger geschätzter Schülerzuel, enger provisorescher Zuel vu Klassen, mee et steet all Fach dran, dat am September ugebuede gëtt oder soll ginn.

Da wéi d'lescht Joer ass d'Dokument an zwee Deeler. Den éischten Deel ass e grafeschen Deel, wou dat Ganzt iwwersiichtlech duergestallt ass. Den zweeten ass méi am Detail, wou all Fach, all Enseignant mat enger Schülerzuel, engem Niveau pro Schüler an dem Temps d'enseignement a Minutte pro Schüler dra virkënnt.

Am éischten Deel steet an der albewäerter grafescher Opmaachen déi global Iwwersiicht vun de Coursen an den Detail an zéng Tabloen. Zum zweeten Deel: Dëst Dokument ass wéi d'Jore virdrun och vum Portail informatique vum Staat erstallt ginn. Als éischt kommen d'Cours collectifs, hei fanne mer den Eveil: Formation musicale, den Danz, d'Kannermusek a sou weider. Also alles, wat ënner Gruppecoursë leeft.

Dann am Haaptdokument d'Cours individuels. Duerno fanne mer d'Cours collectifs libres, dat heescht, Corallen, d'Ensembelen an d'Orchesteren. An zum Schluss dann d'Cours individuels libres, dat ass eisen Diplôme de concert an d'Elèves libres. Dat si Schüler, déi nach net an den normalen Enseignement erapassen, well se iergendeng Konditiioun net erfëllen an en attendant datt se sech regulariséieren.

Duerno kënnt en Tablo mat de sougenannten Dechargen, an eisem Fall d'Pianosbegleedung, déi virgesi sinn. Dat si Stonnen, wou keen Enseignement direkt virkënnt, mee wou d'Pianiste simultan d'Schüler begleeden. Doranner ass dann de Resumé, vu wéi vill Minutte Cours mer schätzen, an deene verschiddenen Typpe vu Coursen ze kréien.

Am Ganzen hale mir viraussiichtlech 60.090 Minutte Cours pro Woch. Dat sinn 1.001,5 Stonnen. D'Stonnenzuel geet liicht erop, well d'Tâche vum Professer op 22 geheicht gëtt. Mat allen Ännerungen am Personal bleift deemno ënner dem Stréch déi selwecht global Stonnenzuel erhalen.

Da ganz zum Schluss ass den Detail vum Personal opgelëscht mat de Fächer, déi si enseignéieren, hir Tâchen a Minutten, eventuell Dechargen a Minutten, hire Grad an hire Statutt.

Genausou wéi am leschte Schoujoer fannen och Coursen an de Gemenge Suessem a Schëffleng statt an am Gebai vun der Ecole internationale Victor Hugo zu Esch. D'Aschreiwunge lafen nom selwechte Modus wéi d'lescht Joer, komplett online fir déi al Schüler, Rendez-vous op zéng Deeg fir déi nei Schüler. An esou wäit zu der provisorescher Schoulorganisatioun.

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Knaff. Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 8.1. Convention d'aide à la pierre lot 6N relatif aux honoraires ; décision

### 8.2. Convention d'aide à la pierre lot 6N relatif aux infrastructures ; décision

### 8.3. Prix de vente logements abordables lot 6N ; décision

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Merci fir de Vott. Da komme mer bei den aachte Punkt. Do geet et ëm de Lot 6N an den Nonnewisen. Dat ass e Projet, dee gouf schonn hei virgestallt, och d'Präisser goufe schonn eng Kéier hei fixéiert, wou mer dann haut Adaptatioune stëmmen.

Pour rappel: Et geet eeben ëm 45 Logementer. Dat sinn Appartementer bis zu Triplexen. Et si keng Sozialwunnengen, mee an enger éischter Phas geet et drëms, fir déi als Logement abordable ze verkafen. Dat heescht, no deene Krittäre kënne Leit, déi d'Krittären erfëlle vum Logement abordable, déi kënnen en Dossier fir eng vun dëse Wunnengen oder Haiser dann eraginn.

Mir hunn zwou Konventiounen an eng Präisadaptatioun hei ze stëmmen. Bon, déi éischt Konventioun, dat ass déi normal Aide-à-la-pierre-Konventioun, wou mer dann elo vum Staat Sue kréie fir de Bau vun dëse Logementer. Dat ass eng 1,25 Milliounen, mat allen Taxe mat dran. Déi hale mer awer net fir eis, mee déi gi mer natierlech un de Keefer da weider.

Eng zweet Konventioun, déi betrëfft d'Infrastrukturen. An hei muss ech vläicht e bësse méi wäit aushuelen.

Et ass esou, wéi mir gefrot hunn, fir d'Konventiounen ze kréien, fir d'Aide à la pierre, dass de Logementsministère do gefrot huet, fir Detailer ze kréie par rapport zu den Infrastrukturkäschten, mee réckwierkend op déi éischt Konventioun, déi mir iwwerhaapt gemaach hu par rapport zu den Nonnewisen. Dat heescht, e Projet, deen eigentlech schonn 20 Joer elo al ass.

Dobäi ass erauskomm, dass eigentlech mir schonn eng Kéier Subside kritt hunn, 3,3 Milliounen. Dat opgrond vun enger Konventioun vun 2010, mee dass mer déi an där Form net hätten dierfe kréien, well et net kloer war, op wat fir eng Unitéiten dann tatsächlech do déi Sue berechent waren.

Et ass esou, dass dunn eng Ekipp sech zesummegesat huet. D'Madamm La Vecchia, d'Madamm Fagot an d'Madamm Lima, déi wierklech alles erëm, all d'Dossieren erëm zesummegeluecht hunn an elo hu mer eng Berechnung gemaach, wou all eenzelt Logement och ëmmer mat berechent ginn ass, wéi vill Infrastrukturkäschten domadder verbonne sinn.

An dat huet dann, an dat bréngt da mat sech, dass mer eeben dës Konventioun vun haut musse stëmmen, wou elo herno keng Sue fléissen, mee wou mer nach eng Kéier dann aus deene Suen, wou mer souwisou scho kritt hunn, déi mussen do mat en consideration huelen, dass déi Konventioun vun 2010 annuléiert gëtt an dass mer da weiderhi mat sou Konventioune par rapport zu eenzele Loten an Avenante fueren an Zukunft.

An dann ass et ... jo, wat d'Konventioun och nach seet, dat ass eeben, dass fir de Lot 6N, do gëtt et Infrastrukturkäschten da vu ronn 2 Milliounen. 1.011.000 € iwwerhëlt de Staat, 1.011.000 €, déi musse mir iwwerhuelen. An do proposéiere mir dann, dass mir déi dann och net weiderverrechnen un d'Acquereure vun deene Wunnengen a vun deenen Haiser.

An dann hu mer schlussendlech Präisser ze fixéieren, wou tatsächlech déi éischt Konventioun en Impakt huet. Dat ass nämlech esou, dass mer méi Subside kritt hu vum Staat fir d'Etüden, wéi mir eigentlech agerechent haten, soudass alleguerten d'Präisser nach eng Kéier e bëssen erof gi fir déi 26 Triplexen an déi 19 Appartementer.

Dat heescht, dass … ech ziele se net all op, mee mer leien da bei de méi klengen Appartementer 350.000 € an da bis 750.000 € fir déi Haiser, wou alles fäerdeg ass.

Déi zweet Konventioun, well mer eebe proposéieren, déi 1 Millioun, déi mir an d'Infrastrukture gestach hunn, net weiderzeverrechnen un d'Acquereuren. Déi huet keen Impakt op déi Präisser.

Ginn et Froen oder Remarken dozou? Kënne mer déi dräi Punkten zesummen ofstëmmen?

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ⊜ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Här Baum, wëllt Dir Är Abstentioun begrënnen?

**M. Marc Baum** (déi Lénk)

Jo, ganz kuerz. Ech hat och schonn, wéi mer virun e puer Méint de 6N hei haten, de Projet … also mech enthalen. Ech mengen, datt et wichteg wier och bei den Nonnewisen op de lokativen ze goen.

Dat hei ass jo eng Upassung vun deem, wat mer virgeholl hunn. Dofir sinn ech och guer net dogéint, mee et ass och e symbolesche Vott fir de lokative Wunnraum.

## 9. Questions de personnel

**9.A.1.a) Maison relais Wobrécken ; création de postes ; décision**

**9.A.1.b) Maison relais Bruch (nouvelle structure) ; création de postes ; décision**

**9.A.2. Création d'un poste dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité A1, sous-groupe administratif, auprès du théâtre ; décision**

**9.A.3. Création d'un poste d'ingénieur à la mobilité dans le statut du fonctionnaire dans le groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique, auprès du service Circulation ; décision**

**9.A.4. Création d'un poste de technicien multimédia dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité B1, sous-groupe technique, auprès du service informatique ; décision**

**9.A.5. Travaux municipaux, espaces verts ; création d'un poste de chauffeur dans la carrière A5 (CCT SUD) ; décision**

**9.B.1. Décision de classement de Monsieur Uilson CASTRO, chargé de cours dans le statut du salarié à tâche intellectuelle ; décision**

**9.B.2. Décision de classement de Madame Marjorie LEFORT, gestionnaire technique dans le statut du salarié à tâche intellectuelle ; décision**

**9.C. Fixation du loyer du logement de service à l a Waldschoul ; décision**

**9.D.1. Prime de doctorat en sciences : allocation au géographe occupé au sein de la Division du développement urbain ; décision**

**9.D.2. Primes d'astreinte variables des agents pour l'exercice 2023 ; décision**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci fir d'Erklärung. Da komme mer bei d'Personal. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Ech géif proposéieren, wéi mer et, mer sollen et maachen, wéi mer et ëmmer maachen. Ech wäert Iech dann d'Creations a Suppressions de postes virstellen.

Dat eent ass an der Maison relais, wou mer eng Kreatioun maache vun engem Poste d'Educateur gradué. Dann hu mer an der Maison relais vun der Crèche Bruch, do hu mer eng ganz Rei vu Leit, déi mer mussen astellen, oder Posten, déi mer mussen elo kreéieren. Dat eent ass emol eng Kéier siwe Poste beim Educateur diplômé, dräi Poste bei der Assistance socio-éducative à auxiliaire de vie, zwee Poste vun Assistants socio-éducatifs à auxiliaire de vie, déi nëmmen 30 Stonnen hunn. An dann hu mer zwee Poste vun Agents socio-éducatifs.

Mer hu siwe Poste vun Agents d'entretien, déi mer mussen astellen, zwee Poste vu Cuisinieren a véier Poste vun Aide-cuisinier. Dat sinn emol alleguer déi 27 Posten, déi mer am Kader vun der Maison relais Crèche Bruch misste kreéieren.

Dann hu mer am Théâtre Municipal eng Creation de poste um Niveau vum Statutt vum Employé communal am Groupe de traitement A1. Am Departement vum Service Circulation eng Kreatioun och vun engem Fonctionnaire. Gläichzäiteg maache mer och do dann awer eng Suppressioun vun engem Poste Employé communal am Service Géomatique.

Am Service informatique maache mer eng Creation de poste vun engem Technicien multimédia an eng Suppression de poste vun engem Fonctionnaire am Grupp vum B1.

Dann hu mer am Espace vert gläichzäiteg eng Creation de poste vun engem Salarié. Do ass e Chauffer, deen elo wäert an d'Pensioun goen. A gläichzäiteg och dann, wann en an der Pensioun ass, wäerte mer déi Situatioun vun deem Posten da maachen.

Bei den Decisions de classement, do hutt Der an Ärem Dossier leien, dass mer eng Decision de classement musse maachen, wat de Conservatoire de musique ubelaangt. An déi aner ass am Service écologique. Dat ass e CDD vu fënnef Méint.

Dann hu mer nach eng Fixatioun vun engem Logement de service ze maachen an der Waldschoul. Do hutt Der d'Donnéeën och

alleguerte bei Iech leien. An ech géif Iech dann, wéi gesot, och herno bieden, fir dat ze stëmmen.

A bei de Primmen, do ass e bëssen en Novum. Dat ass fir d'éischt, dass ech dat hei ka presentéieren. Do hu mer eng Prime de doctorat en sciences. Dat heescht, do ass eise Geograf, dee säi Doktorat gemeet huet an deen huet da laut der Konventioun a laut deem, wat am Reglement vun de Fonctionnairen zegutt huet. Deen huet dann eng Primm zegutt. Ech géif Iech dann och bieden, där zouzestëmmen.

An zum Schluss dann, d'Primes d'astreinte fir déi Leit, déi wärend dem Exercice 2023 déi Prime d'astreinte zegutt hunn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dat war villes beieneen. Gëtt et Wuertmeldungen? Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter, Merci, Här Zwally.

Et ass just eng technesch Fro, déi awer, mengen ech, net sou onwichteg ass. Mir si ganz frou, dass mer déi Organigrammen elo dobäi hunn. An do gouf et eng Fro, wou mer gestallt haten an der Personalkommissioun an och hei, wat d'Publikatioun vun den Nimm ugeet an deem Organigramm.

An ech hu leider festgestallt – ech ginn dovun aus, dass et en Iertum ass, ech soen dat ganz bewosst –, dass beim Punkt 5 den Numm vun enger Persoun drasteet. An ass dat en Iertum, dann ass et okee. Wann net, da musse mer eis awer kloer Linne ginn, wéi eng Poste mer an Zukunft wäerte publizéieren, wéi eng Leit mer wäerte publizéieren a wéi eng net.

Ech ginn dovun aus, dass et en Iertum ass, wéi gesot, mee et wär awer gutt, wa mer déi Grondsazdiskussioun géife féieren en vue vun all deenen Diskussiounen, déi mer an der Vergaangenheet hate mat Publikatioune vun Nimm vu Beamten a sou weider a sou fort. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck. Här Zwally.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, ech muss effektiv feststellen, dass bei deene 55 Casen, déi Der do hutt, effektiv en Numm drasteet, wat u sech net sollt sinn.

Mir wäerten dann och dofir suergen, dass dat an Zukunft net méi virkënnt an dat iwwerpréiwen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally. Au vote. Alles en bloc.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 10.1. Transactions immobilières ; Compromis de vente entre la Ville et Monsieur et Madame Lazarev-Lazareva – maison lot 7N (Nonnewisen) ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Transaction-immobilièren. Do fänke mer u mat engem Haus am 7N vun den Nonnewisen. Dat ass dat véiert Haus, wat verkaf gëtt am Bail emphytéotique, Logement abordable. Elo si mer da bei engem Präis vu 654.000 €.

Ech maachen nach d'Umierkung, dass mer dann och elo mat der Vente vum 6N ufänken. An deem Kader nach eng Kéier Publicitéit wäert ulafen ab eigentlech dëser Woch an dass mer dann nach eng Kéier eng Relance hunn an hoffentlech méi hei verkaf kréien.

Gëtt et Wuertmeldungen zu dëser Vente? Da géing ech proposéieren, déi ze stëmmen an duerno op déi aner ze goen. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 10.2 Transactions immobilières ; Acte de vente de terrain et VEFA entre la Ville et IKO Real Estate – bâtiment lot 29A (Rout Lëns) ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei déi nächst Transactioun tëscht der Stad Esch an IKO Real Estate, wou et ëm de Lot 29A op der Rouder Lëns geet.

Dat hate mer och schonn hei am Gemengerot. Den 28. Abrëll 2023 gouf deemools e Contrat de réservation fir dës Wunnengen hei unanime gestëmmt. An haut stëmme mer dann den Acte, deen zu dësem Contrat de réservation passt.

Et geet ëm de Lot 29A. Dat sinn 43 Logementer : 4 Studioen, 13 Appartementer mat enger Kummer, 8 Appartementer mat zwou Kummeren, 14 Appartementer mat dräi Kummeren a véier Appartementer mat fënnef Kummeren.

Hei ass, hunn ech och scho bemierkt, dass mer déi éischt Kéier Sozialwunnenge mat sou vill Kummere selwer dann och kafen, fir an eisen eegene Parc locatif opzehuelen, well dee Besoin tatsächlech ëmmer méi grouss gëtt.

Dës sollen Ufank 2027 fäerdeg ginn an da kënne mer eis Waardeléschten domadder e bëssen ofschaffen. Et sinn och nach 60 Parkplazen dobäi.

An de Coût fir dës Vente, dee bedréit 31,8 Milliounen Euro. Mir kréie fir d'Wunnenge ronn 67 % zeréck iwwer dann d'Reglementatioun an eng Konventioun, déi mer och nach hei wäerte stëmmen.

Et ass esou, dass am Moment d'Kelleren net am Sous-sol ... d'Kelleren am Sous-sol, déi sinn net direkt ënner dësem Gebai. Do ass nach mam Cadastre vertical eppes ze klären, dowéinst wäert dat zu engem spéidere Moment och nach eng Kéier an de Gemengerot goen, wéi dann déi Kellere par rapport zu dësem Lot hei mat an eise Besëtz kommen.

D'Bezuelen, dat geet net alles elo an enger Iwwerweisung beieneen. Dat ass gestaffelt iwwer verschidden Etappen. Dëst Joer fänke mer mat enger 10 Milliounen un an da geet dat iwwer déi nächst Joren esou weider.

Ginn et Froen oder Wuertmeldungen heizou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, Merci fir déi Prezisiounen. Ech wollt am Fong just soen, dass ech frou sinn, dass deem Verspriechen, dee jo am Ufank virun där ganzer Aktioun virgelaf sinn, dass do och elo Tate follgen.

Ech fannen, et ass wichteg, et ass e wichtegt Zeechen, wat mer do setzen an dass mer eise Parc locatif, dass mer deen effektiv eropstiechen. Dofir Gratulatioun, fir déi gutt Entscheedung. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Ech mengen, do si mer all an enger Linn zesummen. An an deem Sënn au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 10.3.1. Transactions immobilières ; Acte de cession entre la Ville et le Fonds du Logement – Cession voiries Nonnewisen ; décision

### 10.3.2. Transactions immobilières ; Intégration de 23 parcelles dans le domaine public communal ; décision

### 10.4. Transactions immobilières ; Acte de bail emphytéotique par devant Me Meyers entre la Ville et SNHBM – Terrains Nonnewisen ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An da kommen ech fir déi aner Akten erëm op d'Nonnewisen. Déi maachen ech dann awer all zesummen duerch.

Do ass et sou, dass eeben zanter Ufank vum Projet, vun der Entwécklung vum Projet Nonnewisen ass dat vun der Stad Esch an dem Fonds du Logement zesummen, ass de ganze Quartier entwéckelt ginn. Allebéid hate mer Terrainen do. Et gouf ëmmer erëm Echangen tëscht dem Fong an eis.

Elo ass et esou, dass och de Fonds du Logement eis 23 Parcellen erëm iwwergëtt dann an eise Besëtz. Dat si Plazen, dat sinn Emplaces voirie. Dat kascht eis als Stad näischt, ausser natierlech den Ënnerhalt, dee mer dann an Zukunft vun deene Plaze wäerte maachen.

Mir iwwerhuelen 23 Parcellen, dat heescht awer och, an dat ass dann den zweete Vott, dee mer hei mussen huelen, dass mer ...

*(akustesch Ënnerbriechung)*

Et schéngt seriö ze sinn, dat do.

Dass mer do elo dës Parcellen an den Domaine public iwwerhuelen.

An dann och an den Nonnewisen, do maache mer en Acte de bail emphytéotique tëscht der Stad Esch an der SNHBM fir d'Rue Guillaume Capus a fir d'Rue Albert Einstein. Do sollen 22 Appartementer gebaut ginn an 23 Eefamilljenhaiser. Dës wäerten dann duerno mat engem Bail emphytéotique vun der SNHBM verkaf ginn, och an der Logik vum Abordabel.

Et ass esou, dass deen Akt, dee mer ofschléissen, dass herno d'Acquereuren, deen un d'Acquereure weidergi gëtt. De Bail emphytéotique, dee läit da bei Appartementer fir 232 € a 428 € fir Haiser. Op 99 Joer geet dee Bail.

Ginn et Froen dozou oder Wuertmeldungen? Kënne mer se zesumme stëmmen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

## 11. Quartier Rout Lëns ; noms de rues ; décision

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei och en Dossier, deen d'Rout Lëns betrëfft. Do musse mer déi éischt Strossse benennen an den Här Sehovic huet do Proposen.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Effektiv, fir dass mer och virukomme kënne mam Cadastre vertical, misste mer déi éischt Stroosse benennen op der Rouder Lëns.

Hei schwätze mer vun dräi Stroossen, wou mer follgend dräi Propose géinge maachen. Déi éischt Strooss géinge mer gär Rue Louise Welter nennen, benannt no enger Pionéierin vun der Lëtzebuerger Medezinn.

Gebuer de 15. Oktober 1897 mécht d'Louise Welter dräi Examen an der Medezinn: allgemeng Medezinn, Chirurgie a Gebuertshëllef a kritt am November 1923 den Diplom an der Medezinn. D'Louise Welter ass domat déi éischt weiblech Doktesch zu Lëtzebuerg, wéi et d'Lëtzebuerger Wort de 26. November 1923 schreift.

Vun der Impfung bis zur Kannerënnerernierung kämpft d'Louise Welter op alle Fronte géint d'Kanneraarmut. Si denoncéiert ëffentlech eelend Wunnverhältnisser vu Kanner, déi an Aaamut liewen, fuerdert zwou Dusche pro Woch fir all Kand, zu enger Zäit, wou eigentlech d'Norm ass, dass se eemol am Mount geduscht ginn. Si féiert orthopädesch Turnstonnen an, proposéiert Fräiloftschoulen an organiséiert Coursë fir Kanner.

D'Louise Welter stierft am Joer 1999 a mir géinge gären déi éischt Strooss am neie Quartier no hir benennen.

Déi zweet Strooss géinge mer nenne Rue du Hal des turbines. Gebaut am Joer 1901 ass d'Turbinnenhal dat markanst Gebai um Site. Op industrielle Sitte vun dëser Gréisst hunn d'Turbinnen Elektrizitéit generéiert, déi néideg war, fir d'Aktivitéit ze garantéieren. Et ass e grousst rechteckegt Gebai mat variabelen Héichten. Am neie Projet gëtt et zu engem kulturellen Technologiezentrum a sou weider. An do géinge gären dann deem markante Gebai op deem Site awer och eng Strooss widmen.

An dann, last but not least, eng drëtt Strooss, d'Rue Lefèvre. Ech mengen, dass dat en Numm ass, deen enk verbonnen ass mam industriellen an och mam architektonesche Patrimoine vun der Stad an och direkt mam Site Rout Lëns, sou dass dat déi dräi Propose wäre vum Schäfferot fir dës Stroossen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic.

Wat den Här Sehovic net gesot huet, dat ass, dass mer eis am Schäfferot eigentlech virgeholl hunn, dass een Drëttel vun de Stroosse Fraennimm misste sinn a mer och wëllen déi éischt bewosst no enger Fra benennen.

Dann een Deel, een Drëttel op, méi bezéien op d'Industriekultur an een Drëttel da vläicht méi op e méi generellen Aspekt Esch an de Quartier u sech. Dass mer eis esou eng Opdeelung do geduecht hunn.

Ginn et Wuertmeldungen zu dëse Proposen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 12.1. État des restants ; décision

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Da kommer bei d'Etat des restants. Dat ass eigentlech en Akt, Comptabilitéitsakt, dee mer eemol am Joer musse maachen. Hei ass et da fir d'Joer 2023.

Dat bedeit eigentlech, dass nodeem d'Konte cloturéiert goufen, dass dann alleguer déi Recetten, déi mer nach zegutt hätten, Loyeren, verschidden Taxen, Rechnungen, wou Bierger eis nach musse bezuelen, dass mer déi dann am Joer 2023 neutraliséieren an eriwwerhuele bei eis an d'Joer 2024.

Hei geet et elo ëm 1.080.000 € am Ordinaire a 4.172 € am Extraordinaire. Wien eis do wat schëlleg ass, dat kann een am Sekretariat noliese goen, wann een dat wéilt interesséieren an Zäit huet.

Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 12.1.1. Acquisition et installation du projet « Cargobike » ; devis ; décision

### 12.1.2.1. Centre d'entraînement Hiehl ; réfection toiture du pop-up container ; devis ; décision

### 12.1.2.2. Centre d'entraînement Hiehl ; réfection toiture du pop-up container ; crédit spécial ; décision

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei d'Devisen. Déi maache mer an e puer Etappen. Ech fänken u mat zwee Devisen. Als éischt geet et ëm d'Acquisitioun an d'Installatioun fir de Projet Cargobike fir 50.000 €.

Et ass esou, dass et e Projet ass, deen zesumme mat „Transition Minette" an och mat der ACAIE entwéckelt gouf a wou et drëms geet, dass an enger éischter Phas eis Geschäftsleit solle Cargobiken zur Verfügung gestallt kréien, fir Livraisounen ze maache bei Clienten heem oder wa se selwer hir Geschäfter musse livréieren.

An dann an enger zweeter Phas kéint een och undenken, dass déi Cargobiken dann och ëmgedréint kéinte gelount ginn, dat heescht, vun den Escherinnen an Escher, déi an Escher Geschäfter wëlle fueren an akafe goen.

En zweeten Devis, dee mer virleien hunn, dat ass de Popup-Container. Dee steet um Jeunesse-Trainingsterrain. Dat ass deen, wou fréier virun der Buvette, wou virun der Sportshal zu Lalleng stoung, wou eng Buvette ënnen dran ass an uewen e Sall.

Et ass esou, dass et hei de Moment erareent, dat muss gefléckt ginn. Dat kascht 30.000 €. Hei misste mer dann och e Crédit spécial stëmmen, deen dozou passt, well dat net am

Budget virgesi war. Déi 30.000 € géinge mer vum Artikel fir Beliichtung op dem selwechten Terrain huelen.

Ginn et Froen zu dësen zwee? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz** (LSAP)

Jo, ech wollt eng kleng Remark maachen zu de Cargobikes. Eng Initiativ, déi mer voll ënnerstëtzen. An ech wéilt vun der Opportunitéit profitéieren, ob mer wierklech wierklech net nach eng Kéier kënnen déi Auerzäite vum Vëlo an der Uelzechtstrooss nach eng Kéier iwwerdenken. Wéinstens koherent zu de Livraisounen a wéini owes erëm fir d'Autoen oder fir d'Uwunner opgemaach gëtt. Wéinstens dat.

Ech verstinn, dass tëscht 11 a 18 Auer, dass dat eng Zäit ass, wou vill Leit an der Uelzechtstrooss sinn, mee ob een do wéinstens awer elo erëm ... wann ee vu Cargobikes jo schwätzt, da schwätze mer vun ... a mir wëllen eis Geschäftsleit op déi Cargobikes drécken, da kënne mer eis net virstellen, dass si déi lescht 50 Meter domadder, dass se déi duerch d'Uelzechtstrooss drécken.

Wär et eng Méiglechkeet, dass een dat awer erëm eng Kéier iwwerdenken?

Dir musst mer haut natierlech keng Iddi, keng Äntwert ginn, mee ech wär frou, wann dat awer nach eng Kéier kéint op den Dësch kommen. Merci.

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Funck, Merci, Här Faltz.

Den Här Funck wollt och.

**M. Ben Funck** (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter. Ech schwätzen awer just ganz kuerz, ech ergänze just eppes zum éischte Punkt vum Cargobike.

Do misst ee vläicht eng Kéier do kënnen driwwer diskutéieren. Cargobike ass eng gutt Iddi, mee ech weess, dass de Service och vläicht e Besoin hätt, fir eng weider Camionette oder esou ze kréien. Do misste mer och eng Kéier mam Service kucken.

Ech soen, 30.000 € hei fir eng Camionette fir de Service, déi och fir den Escher Bierger do sinn, wär och sécher gutt investéiert.

Mee ech hunn awer och dann zum Trainingsterrain eng Fro. An dat ass mer erugedroe ginn, an Dir wësst et och, Här Buergermeeschter. Ech wollt froen, d'Toiletten, sinn déi installéiert? Wéini kënne mer domadder rechnen? A ginn d'Luuchten dann awer gemaach oder ginn déi op d'Ersatzbänk gestallt?

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

D'Diskussioun iwwer d'Auerzäiten an d'Vëloen an der Uelzechtstrooss, ech mengen, dass déi gäre gefouert ka ginn an der Mobilitéitskommissioun an och opgrond vun dësem Punkt hei sécherlech och an der Economieskommissioun.

Par rapport zu den Toiletten, Här Funck. Waart Dir um Dan Theis Cup? Dann hätt Der schonn déi provisoresch Toilettë gesinn an hätt se kënne benotzen. An déi definitiv Toiletten um Trainingsterrain wäerten am September sinn.

Par rapport zu de Luuchten mengen ech, dass dat muss analyséiert ginn. Mee ech weess net, wéi de reelle Besoin do ass.

Kënne mer déi zwee Devisë scho stëmmen, zesummen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 12.1.3.1.1. Devis Rue du Moulin (Libération – Septembre) – antenne collective – renouvellement ; décision

### 12.1.3.1.2. Devis Rue du moulin (Libération – Septembre) – conduite d'eau – renouvellement ; décision

### 12.1.3.1.3 Devis Rue du Moulin (Libération – Septembre) – canalisation – renouvellement E.U. et E.P. ; décision

### 12.1.3.1.4. Devis Rue du Moulin (Libération – Septembre) – éclairage public – renouvellement ; décision

### 12.1.3.1.5. Devis Rue du Moulin (Libération – Septembre) – voirie – renouvellement ; décision

### 12.2.3.2. Demande crédits spéciaux budget extraordinaire – Rue du Moulin ; décision

### 12.2.4.1.1. Devis pour le renouvellement de l'antenne collective dans la Rue Wurth-Paquet ; décision

### 12.2.4.1.2. Devis pour le renouvellement de la conduite d'eau dans la Rue Wurth-Paquet ; décision

### 12.2.4.1.3. Devis pour le renouvellement de l'éclairage public dans la Rue Wurth-Paquet ; décision

### 12.2.4.1.4. Devis Rue Wurth-Paquet – voirie – renouvellement ; décision

### 12.2.4.1.5. Devis Rue Wurth-Paquet – canalisation – renouvellement E.U. et E.P. ; décision

### 12.2.4.1.6. Devis pour l'installation d'un point d'accès Wifi dans la Rue Wurth-Paquet ; décision

### 12.2.4.2. Demande crédits spéciaux budget extraordinaire – Rue Wurth-Paquet ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer Devisen a Crediten ze stëmme fir zwou Stroossen.

Dat éischt, dat ass d'Rue du Moulin, déi fréschgemaach gëtt, an dat tëscht der Rue de la Libération an der Rue du 10 Septembre. Dat gehéiert nach zu dem Deel vun der Revalorisatioun an der Renovéierung vum Brill.

Hei wäert et eigentlech eng Verlängerung gi par rapport zu deem, wat Der och schonn hei an dem ënneschten Deel vun der Rue du Moulin kennt. Dat heescht, et wäert eng Zone 30 kommen. Et ass eng Zone 30 do an et wäert eng Zone résidentielle dorauser gemaach ginn a wou och zum Beispill de

Foussgänger Prioritéit huet, d'Borduren anescht wäerte sinn. Dat fir e Gesamtinvest vun 995.000 €, déi opgedeelt sinn op fënnef verschidden Devisen.

Beim Crédit spécial ass et esou, dass mer d'Strooss elo mussen an de Budget frësch aschreiwen – dat hat ech an der Budgetserklärung och duergestallt.

Mir hunn eng grouss Enveloppe oder fënnef grouss Enveloppe-budgetairen agesat mat héije Montanten. An ëmmer wa mer eng nei Strooss ufänken, eréischt dee Moment huele mer dann d'Suen do eraus a schreiwe se als neien Artikel an de Budget an. An dat géinge mer dann hei maachen.

Wow, do si jo souguer Biller hannert mer.

An dann d'Rue Wurth-Paquet, déi soll och erneiert ginn. Dat ass eigentlech an der Logik wéi d'Koener-Strooss och scho renovéiert oder fräschgemaach gouf. Hei hu mer sechs Devisen an dat wäert herno ënnert dem Stréch sechs … pardon, 2,67 Millioune kaschten.

Hei ass et d'selwecht wéi eebe mat dem Crédit spécial, dee mer t'selwecht musse stëmme mat där Enveloppe, wou mer d'Suen eraushuelen.

Soll ech weidermaache mat den Devisen?

*(Wuertmeldung)*

Ma dann ënnerbrieche mer hei. Den Här Faltz huet d'Wuert an dann …

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, et si Stroossen. Dir wësst, do ass et ëmmer schwéier fir mech, fir de Bak ze halen.

Nee, ech wollt kollektiv op deenen zwou Projeten … bei der Millestrooss louch elo e Plang dobäi. Ech wär frou, och wa bei der Wurth-Paquet-Strooss och e Plang dobäi gewiescht wier, well virun allem ass dat eng Strooss, déi e groussen Challenge huet, doduerch dass se esou e Biergcourse-Charakter huet.

An an der Koener, mengen ech, hu mer de Feeler gemaach, dass mer do déi Anengung net konsequent genuch geduecht hunn. An dat hätt een … dofir wär et, hätt et mech elo gefreet, wa mer hei gesinn hätten, wéi dat ausgesäit.

Dann hätt ech fir déi zwee Projeten … een zwar net an der selwechter Iddi wéi deen aneren. De Poller tactile, wéi wäit dass deen do matgeduecht ass. Well mir musse wëssen, och an dem ënneschten Deel Millestrooss, dee mer elo just gesinn hunn, et si keng Bordurë méi do.

Dat heescht, déi Malvoyants verléiere total hire Repère wa se op der Strooss sinn. Do sinn och Méiglechkeete fir nozerüsten, well op der Millestrooss hunn ech dat elo net gesinn, ass awer méiglech, dass et vläicht duerch den Detail net drop war. Dofir géif ech dat awer froen, dass … also op jidde Fall un d'Häerz leeën, dass mer dat géife maachen.

An dann natierlech eng Fro, déi mer natierlech um Häerz läit, dat ass de Vëloswee. Wéi wäit ass an der Millestrooss de Vëloswee nogeduecht? Well den Här Baum hat et scho gesot, am Fong geet d'Millestrooss vun enger, vun engem Vëloswee fort, nämlech der Liberatiounsstrooss, déi huet de Vëloswee en contre-sens.

Gutt, 10-September-Stross am Moment net vëlostauglech, mee awer kéint an enger Iwwerleeung, mat enger Millestrooss, iwwer eng Weyrich-Strooss un de Clair-Chêne

ugebonne sinn. An Dir hat eis jo och versprach, dass Der géift de Reseau do verengen a méi engmascheg maachen. Ech géif dat eng immens Iddi fannen. Villmools Merci.

**M. Christian Weis (CSV)**

Merci, Här Faltz.

Ech soe Merci fir déi ganz gutt Suggestioun par rapport zu den, fir Persoune mat Besoins spécifiques.

Par rapport zu de Vëlosweeër, do huet den Här Sehovic mer elo gesot, dass et eng Zone de rencontre ass an dass do de Vëlo an de Foussgänger souwisou Prioritéit hätt. Dat wäert hei da jo sou de Fall sinn.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 12.2.5.1. 24022 – Équipement de communication – STB – Ateliers – devis estimatif ; décision

### 12.2.5.2. Demande crédit spécial budget extraordinaire – travaux – équipement – Telecom STB ; décision

### 12.2.6.1. Devis Théâtre municipal – centrale incendie – remplacement ; décision

### 12.2.6.2. Demande crédit spécial budget extraordinaire – travaux – Centrale incendie théâtre – 2024 06 25 – Budget initial 2024 ; décision

### 12.2.7. Demande crédit spécial budget ordinaire – Conservatoire ; décision

### 12.2.8. Demande crédit supplémentaire budget ordinaire – travaux ; décision

### 12.2.9. Urban Time Travel ; crédit spécial ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann huelen ech déi nächst Devisen a Crediten zesummen duerch.

Do geet et eng Kéier ëm 30.000 € fir neit Ekipement, Kommunikatiounsekipement fir den STB. 30.000 €, déi aus dem Artikel fir d'STB-Gebai geholl ginn.

Den Theater brauch eng nei Sécherheets-zentral. Do hu mer en Devis vun 250.000 € virleien. Déi Sue kënne mer huelen aus dem Artikel vum Projet Bruch-Schoul, vun der éischter Phas.

Dann hu mer de Conservatoire. Do kréie mer Suen, déi mer awer direkt erëm weidergi nn. De Conservatoire, deen hat e Musical Sl'Esch, dat gëtt gefilmt. Mir kréien 21.000 € dofir vun den Oeuvres Grande-Duchesse Charlotte, an déi ginn da benotzt, fir d'Filmopnamen ze finanzéieren. Hei schreiwe mer dann nei Artikele bei de Recetten a bei den Depensen am Ordinaire an.

Da gëtt den Entretien vun der Pompelstatioun gemaach, 30.000 € brauche mer dofir. Déi huele mer aus der Enveloppe fir den Entretien vun der Voirie.

A leschte Credit, deen ass par rapport zum Urban Time Travel. Dir kennt de Projet, dee mer zesumme mat der Gemeng Suessem kaf hunn. Hei musse mer nach zousätzlecht Hardware-Material kafe fir 19.000 €. Déi 19.000 € gi geholl aus dem Artikel fir Consultances externes am Beräich Tourismus.

Ginn et Froen heizou, Remarken? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

## 12.3. Relevés et rôles supplétifs de l'impôt foncier ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

De Relevé et rôles supplétifs louch am Dossier. Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

## 13. Subsides ordinaires ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer d'Subsides ordinaires. Déi ginn ee Mol am Joer ausbezuelt an da stëmme mer dat hei am Gemengerot.

Do ass et traditionell sou, dass eis Veräiner a verschidde Kommissiounen opgedeelt ginn an dass déi Kommissiounen dann d'Subside proposéieren opgrond vun Diskussiounen, déi si féieren.

An hei komme mer elo zesumme bei, op bal 120.000 €, Budget also fir Subsides ordinaires, wou de ganz grousse Gros, eleng 100.000 € dann u Sportsveräiner ausbezuelt soll ginn.

Et ass esou, dass d'Sozialkommissioun eng Remark formuléiert huet – dat hutt Der gelies am Rapport –, dass si sech wënschen, dass de System iwwerschafft gëtt, fir vläicht och aner Krittären an de ganze System eranzebréngen.

Dat ass eppes, wat mir als Koalitioun souwisou och wëllen an dat och esou formuléiert hunn am Accord. Dat heescht, wou mer an den nächste Méint dann och wëllen dru schaffen.

Den Här Zwally huet gesot, dass en nach eppes dozou wëll soen.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, ech mengen, mir sollen Iech och informéieren, dass an der Diskussioun war, wat d'Subsiden ubelaangt, vu dass mer jo och virdru vill iwwer de Sport geschwat hunn, ech jo awer schonn eng Kéier mentionéiert hunn.

Ech mengen, de globale Montant ass 100.450 €, déi un d'Sportsassociatioune ginn. Dat ass e Plus vu 36.000 € par rapport zu 2023.

Wéi sinn déi zustane komm? Ma mir hunn d'lescht Joer de maximale Montant ...

*(akustesch Ënnerbriechung)*

Eng Giel Kaart.

Déi een als Veräi ka kréien, ass vu 7.500 op 10.000 € eropgaangen, wat jo awer substanziell ass. An ech mengen, dass och d'Sportskommissioun dat alles iwwerschafft huet.

An ech géif och dann awer wëllen och an eisem Numm, am Numm vum Gemengerot, deene Leit Merci soen, dass se dat sou iwwerschafft hunn an och déi Propose gemeet hunn. An an deem Sënn sinn och frou, dass Der dat matstëmmt. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech soen och deenen anere Kommissioune Merci.

Wuertmeldungen heizou? Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech si frou, dass Der gesot hutt, dass d'Majoritéit wëll iwwer d'Krittären eng Kéier kucken.

Mir hunn déi Montanten hei elo gesinn. Bon, mir hunn elo ganz vill de Sport gelueft, mee ech muss awer déi aner, stellen ech fest, dass do Montante sinn, ech weess net, vu wéini déi datéieren. Mee ech soen, sou 170 € fir engem, fir eng Organisatioun ze ginn. Domat mécht een hautdesdaags net méi vill. Dir wësst et besser wéi ech.

A meng Propos, déi do ass, an déi ass wierklech gutt gemengt, solle mer net als Gemengerot zesummen op dee Wee goen an eis eenheetlech Krittäre ginn? Mir hunn eng Subsidekommissioun, déi unhand dovun, och wann an den anere Kommissioune Propose gemaach ginn, mee dass eng Subsidekommissioun eng final Propos doriwwer gëtt, dass déi sech mat deene Krittäre kann zesummesetzen.

Ech wëll awer och en Appell un d'Veräiner trotz allem maachen. Ech mengen, dass eis Roll an eis, eise Support als Gemeng

enorm wichteg ass fir d'Subsiden. Op der anerer Säit froen ech d'Veräiner awer och, ob et méiglech ass, dass se erëm vläicht e bësselche méi visibel ginn op esou Evenementer, wou d'Gemeng dann invitéiert, notamment en Nationalfeierdag. Sief et an engem Cortège oder mat engem Stand um Volleksfest.

Ech mengen, dass et fir eis d'Wichtegkeet vun de Veräiner ganz kloer ass. Si sinn den Ambassadeur vun eiser Stad, national mee och international. Ech mengen, mir hunn duerch Subside fir de Jumelage a sou weider d'Méiglechkeet geschaf, dass Veräiner d'Hëllef vun der Gemeng kréien, fir am Ausland an a jumeléierte Stied och kënne flott Projeten ze realiséieren. Hei am Land kënne se och fir jumeléiert Stied eppes organiséieren an do kréie se gehollef.

Ech mengen awer trotzdeem, dass mer eis dat hei sollten op de Leescht huelen, dass mer net all Joer ... well ech mengen, déi Diskussioun do hate mer schonn déi vergaange Joren.

A fir deem aus de Féiss ze goen, sollte mer eis, mengen ech, einfach eng Kéier zesummesetzen a kucken, wéi eng Krittäre mer kënne ginn, fir dass net nëmmen de Sport, mee och all déi aner méi kënne kréie fir dat Engagement, wat se fir d'Stad Esch ginn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck.

Jo, den Här Cavaleiro huet mech elo nach eng Kéier rappeléiert tatsächlech, dass de Service schonn un ennger Propos schafft, u verschiddene Propose schafft an dass mer dëst Joer vläicht net an de Vott kënne goe fir eng Upassung, awer sécherlech an de Kommissiounen all zesummen iwwer déi do Fro kënnen tranchéieren.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

### 14.1.1. Règlement de la circulation ; modification du règlement de la circulation ; Cité de l'Espérance ; décision

### 14.1.2. Règlement de la circulation ; modification du règlement de la circulation ; Rue de l'ARBED ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Verkéiersreglementer. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Mir hunn zwee definitiv Changementer. Eng Kéier an der Cité de l'Espérance, wou mer e Parkverbuet an der Kéier vun der Cité musse reglementéieren, well soss de Müllwon net

duerchkënnt. An der Strooss selwer sinn nach genuch Parkplazen, fir der Demande gerecht ze ginn. Dat ass deen ee permanente Changement.

An dann dat zweet ass an der Rue de l'ARBED. Do ass d'Luuchtenanlag zesumme mam Zebrasträife reglementéiert gewiescht bis elo, dat geet awer laut Ponts & Chaussées an deem heite Fall net, well d'Luuchtenanlag keng Foussgängerluucht huet.

Se huet en Drücker fir de Verkéier ze stoppen, wann d'Camionen aus der Kläranlag fueren. A fir konform ze sinn, splécke mer dat elo op, dass d'Luuchtenanlag exklusiv fir de motoriséierte Verkéier ass an de Foussgängeriwwerwee dann eenzel reglementéiert ass, fir dass mer do soumadder konform sinn zu den Direktive vu Ponts & Chaussées.

Ech bieden ëm Zoustëmmung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen heizou? Da stëmme mer dat alles zesummen. Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

## 14.2. Confirmation des règlements temporaires de circulation ; décision

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Bei den temporäre Verkéiersreglementer gëtt et eng ganz Rei, déi mat Chantieren ze dinn hunn.

Ech géing proposéieren, dass einfach d'Diskussioun opmaachen, ob do Froe sinn, da kann ech och konkreet äntweren. Am Interêt vun der Zäit.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Keng Froen, Remarken? Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

## 15.1 Autorisation d'ester en justice ; Ville Esch c/ Mme I. ; décision

## 15.2 Autorisation d'ester en justice ; Ville Esch c/ Mme R. ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hätte mer zwou Autorisatiounen, fir viru Geriicht ze zéien, also musse mer zwou Autorisatioune froen an zwee Fäll. Mir hunn déi virdrun am Huis clos erkläert.

Meng Fro un Iech, gëtt et nach Wuertmeldungen dozou? Kënne mer se zesummen ofstëmmen? Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

## 16. Contrats de bail et avenants ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir hu Contrat-de-baile fir Sozialwunnengen hei virleien an Avenanten. Fënnef nei Kontrakter, zwee Avenanten. Den niddregste Loyer ass 271 €, den héchsten ass 1.027 €.

Ginn et Froen heizou? Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↻ (André Zwally)
- ☑ **André Zwally**

## 17. Commissions consultatives ; modifications ; décision

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

An dann hu mer ofschléissend nach eng Modifikatioun vun der DP virleien an de Kommissiounen, der Finanzkommissioun an der Jugendkommissioun.

Do stëmme mer mam Ziedel of.

**[ Vott 13 Jo ]**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir hunn 13 Mol Jo.

An da géinge mer zum Enn vun dësem Gemengerot kommen. Bon, doduerch dass mer duerchkomm sinn, wäerte mer nächst Woch da kee Gemengerot méi mussen aberuffen. An dat heescht, dass mer eis dann no der Rentrée am September als nächst wäerten hei zesumme gesinn.

Et sinn eng ganz Rëtsch Evenementer dëse Weekend. Dat heescht, do begéine mer eis nach bestëmmt, dëse Weekend an nächste Weekend.

Ech wëll awer nach op eppes hiweisen. Traditionell war et ëmmer esou, dass de leschte Gemengerot, dass do dann de ganze Conseil mat der Press zesummen iesse gaangen ass. Doduerch well mer awer esou en Ordre du jour haten, hu mer dat da fir dëst Joer reportéiert.

Et wäert esou sinn, den 18. Juli ass d'Inauguratioun vum 6N mam Minister. Et wäerten och déi éischt Porte-ouvertë sinn a mir wollten Iech – also dat ass da géint 18 Auer – an da wollte mer eigentlech uschléissend un d'Inauguratioun Iech invitéieren, fir dann zesumme mat dem Conseil déi Traditioun awer bäizebehalen.

Ech wënschen Iech dann e gudde Summer. Wann eppes ass, Dir fannt eis. Bis geschwënn.

# CONSEIL COMMUNAL



**Christian Weis**
CSV



**Pierre-Marc Knaff**
DP



**André Zwally**
CSV



**Meris Sehovic**
déi gréng



**Bruno Cavaleiro**
CSV



**Jean Tonnar**
LSAP



**Mandy Ragni**
déi gréng



**Daliah Scholl**
DP



**Ben Funck**
LSAP



**Steve Faltz**
LSAP



**Liz Braz**
LSAP



**Enesa Agovic**
LSAP



**Sacha Pulli**
LSAP



**Pascal Bermes**
CSV



**Joy Weyrich**
CSV



**Marc Baum**
déi Lénk



**Bernard Schmit**
ADR



**Tammy Anna Broers**
Piraten



**Dejvid Ramdedovic**
CSV